

Mardi,
19 février 2008

ginn. Si hu Pionéieraarbecht gemaach, déi schwéier war an déi besonnesch schwéier ass an esou engem delikate Beräich, wéi deem vum Doud a vum Stierwen.

D'Palliativfleeg huet am Laf vun der Zäit hire Wee an d'Spideeler, mä och zum Deel an d'Alters- an d'Fleegeheemer fonnt. Hei muss mat aller Konsequenz d'selwecht wéi och an de Behënnertefoyeren d'Palliativfleeg fir all eeler a behënnert Mënschen, wann dat hire Wonsch ass, méiglech sinn.

Ech denke besonnesch och un demenzkrank Leit, iwwert déi viru Joren an Éisträich eng Etüd gemaach gouf a festgestallt gouf, datt Leit, déi Alzheimer haten oder aner Demenzkrankheeten, am Fall, wou se mat enger Héiftfraktur dolouchen, nëmmen en Drët-tel vum Morphium kritt hunn, déi en anere Patient kritt huet. Net well déi Leit manner wéi haten, mä well se sech net méi oder net méi esou gutt konnten ausdrécken.

Verschidden Haiser maachen hei zu Lëtzebuerg eng ausgezechent Aarbecht an dëser Richtung. Ech denken zum Beispill un den Hospice civil vun der Stad Lëtzebuerg, mä och un nei Servicer fir Stierwend, zum Beispill Pontalize zu Ettelbréck oder och den Alzheimercentre zu Ierpeldeng. An dësen zwee Haiser, mä och an aneren, sinn Oasen amgaang ze Entstoen no engem Schwäizer Modell. Et ass e grouesse Raum, wou méi Patiente beienee sinn, déi permanent vu Personal betreit ginn. An der Oas ass eng ganz friddelech Atmosphär, keng Hektik a keen nervöse Betrib. Hei kënnen déi eeler Leit roueg an ouni Péng stierwen. Hir Famill kann zu all Zäit bei si kommen.

Mat engem däitsche Spezialistebüro evaluéiere mer d'Resultater vun dëse speziellen Unitéiten, an dat och op Wonsch vun deenen zwee Haiser. Mat Omega 90 huet och de Familljeministère eng Bautekonvention ënnerschiwwen, fir zu Hamm um Terrain vum Hospice civil vun der Stad Lëtzebuerg, deen den Terrain zur Verfügung gestallt huet, en Hospiz ze bauen. Ech wëllt och Merci soe fir dëse kostbaren Terrain.

Ech traue mech och elo, fir dat Haus „Hospiz“ ze nennen, well de Buergermeeschter Paul Helminger bei der Grondsteeleung dësen Ausdrock gebraucht huet. Virdrun hu mer ëmmer vun engem „Centre d'accueil pour personnes en fin de vie“ geschwat. Et war éischters net liicht, dee Centre iwwerhaupt emol hei ze kréien, an zweetens en och nach „Hospiz“ ze nennen, well dat wier de Lëtzebuerger net zouzetrauen.

D'Haus ass amgaang gebaut ze ginn. Mir rechnen, datt et 2009 am Laf vum Joer seng Dieren opmécht. Hei sti Better zur Verfügung fir Leit, déi un hiert Liewensenn ukomm sinn an déi net méi an engem Spidol brauchen oder wëlle sinn, déi vläicht net ëmmer ganz kënnen doheem bleiwen, well se eleng sinn - an där Leit gëtt et jo ëmmer méi -, well d'Familljen net méi déi ganz Zäit doheem ass oder zäitweis iwwerfuert ass. De stierwende Mënsch kënnt fir kuerz oder méi laang Zäit dohinner.

An dësem Haus ass eng pluridisziplinär Equipe vu Personal, déi extra fir dës Aufgab forméiert gouf. D'Famill an d'Frënn kënnen 24 Stonnen op 24 Stonne kommen oder bleiwen, well et sinn och Zëmmere fir si virgesinn. Et ass méiglech do ze kachen, souwuel am Dag wéi an der Nuecht. Hei ass net méi déi medezinesch Betreiung un éischer Plaz, mä d'Solidaritéit an d'Affektioun fir dee stierwende Mënsch, deen hei Serenitéit fënn, fir seng lescht Etapp vum Liewen an Dignitéit a Fridden ze beschléissen. D'Atmosphär vu Rou, Frëndlechkeet, Fridden a souguer Freed wäerten dësem Haus, esou wéi et och am Ausland de Fall ass, säi Succès garantéieren.

De Klaus Jensen, den Oberbuergermeeschter vun Tréier, sot mer, wéi an den 90er Jore vill Klinikbetter ofgebaut goufen, hätten all Kliniksträger a Gemenge gefrot, fir esou eng Statioun bei sech ze kréien. Tréier hat een Hospiz mat aacht Better. Duerfir war den Här Jensen ëmsou méi erstaunt, datt et hei zu Lëtzebuerg net selbstverständlech war, datt mer esou eng Institutioun ewell laang hätten; wou een och gesäit, datt wann et net wäit ewech ass - d'Distanzen -, awer ganz aner Meenunge bestinn.

Mir haten och als Familljeministère bis elo mat engem ambulante Service eng Konvention, fir d'Prise en charge vu Palliativfleeg doheem méiglech ze maachen. D'Ambulanzservicer aus de Spideeler, zum Beispill elo de Saint-Louis vun Ettelbréck, an d'Servicer vun der ambulanter Fleeg erlaben, datt ëmmer méi Leit kënnen doheem stierwen. Hiren Asaz an hir fachlech a mënschlech Kompetenze maachen dat méiglech fir dee stierwende Mënsch a seng Familljen.

E puer Deeg iert d'Marcelle Lentz, déi fréier Deputéiert, gestuerwen ass, hat si mech ge-

ruff a gesot, ech soll lech soen, wéi gutt a wichteg d'Palliativfleeg an d'Servicer wiere fir kënnen doheem ze bleiwen. D'Marcelle war ganz kloer. Hatt sot, hatt hätt kee Wéi, et géif gutt Otem kréien an et wier frou, fir nach um Liewen ze sinn. D'Marcelle huet mat grousser Geloossenheet iwwer säin Doud geschwat, op deen hatt selwer, mä och soss alles gutt preparéiert war. D'Marcelle sot: Ech hat ewell meng Gebuert verpasst, ech wëll net och nach mäin Doud verpassen. D'Marcelle wollt eis mat op de Wee ginn, datt déi lescht Momenter vum Liewen äusserst kostbar sinn an et schéin ass, si ze deele mat sengem Mann, mat senger Famill a senge Frënn.

Fir mech war dës Begéinung eng ganz wichteg Erfahrung, vun Trauer jo, well ech wousst, datt ech d'Marcelle net méi géif erëmgesinn, mä och vun dankbarer Freed e Mënsch ze gesinn, deen ouni Angscht a mat aller mënschlecher Dignitéit op säin Doud gewaart huet. Ech hoffen, datt ech lech konnt vermittelen, wat d'Marcelle lech eigentlech wollt soen.

Fir gutt Palliativfleeg ze maachen, brauch een eng gutt Formatioun. Et ass des Öfteren hei gesot ginn. Omega 90 souwuel wéi d'AMMD maachen dat säit Joren; Formatiounen op verschiddenen Niveauen a fir déi verschidde Berufsgruppen. Si sinn och pregt, fir dat unzebidden, wat gebraucht gëtt.

D'Uni Lëtzebuerg hat déi Formatioun vum Omega 90 evaluéiert a se als ganz positiv bewäert. Et gëtt Iwwerleungen, fir ee Master an der Palliativmedezin op der Uni anzeféieren. Dat ass awer natierlech nëmme méiglech, wa mer dat an der Groussregioun kënnen maachen, d'selwecht och wéi d'Formation continue an dësem Beräich.

Wichteg ass, datt méiglechst vill Leit Palliativformatiounen maachen. E gutt Beispill huet d'interkommunaalt Altersheem vu Clief ginn, wou vun der Direktioun iwwert d'Administratioun, d'Hauspersonal an d'Flegepersonal - jiddferen - eng Formatioun a Palliativfleeg gemaach huet. Domat gëtt d'Kultur vun der Palliativfleeg vu jiddferengem gedroen.

Här President, doduerch, datt dem Wëlle vum Mënsch u sengem Liewensenn mat der Directive anticipée, mat all deene Mëttelen, déi zur Verfügung gestallt ginn, besser Rechnung gedroe gëtt, denken ech, datt och e weidere Wee gemaach gëtt, fir et de Leit ze erméiglechen, deen Doud oder dat Liewensenn ze kréien, wat se sech éischer wënschen. Meng Kolleegen a vill vun de Virriedner sinn dorobber agaangen, duerfir wëll ech doriwwer näischt méi soen.

De Congé d'accompagnement, also en on-bezuelte Congé, war an der leschter Regierung duerch de Familljeministère erabruecht ginn. De Conseil d'État hat dorobber eng Opposition formelle gemaach, mam Argument, et wier ongerecht, well deen ee sech dann dee Congé kënnt leeschten an deen aneren net. Duerfir féiert dës Regierung e Congé d'accompagnement vu maximal fënnef Deeg, dee bezuelt gëtt, an. Ech mengen, et wier e gudde Start. Ob en dann herno ausgebaut gëtt, dat ass eng aner Fro.

Ech wëll zum Schluss kommen, Här President, an e Wuert soen iwwert déi Bénévol, déi an de Spideeler, an den Alters-, an de Fleegeheemer an an de Famillje sinn. Hir Zuel gëtt bestänneg méi grouss. Si sinn e wichtegt Bindeglied tëschent dem Kranken a senger Famill an der Equipe. Si sinn net un d'Zäit gebonnen. Si riichte sech no deem Kranken oder der Kranker.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Lauschtert emoll! D'Mikroe vum Riednerpult fonctionnéieren net gutt, duerfir géif ech bieden, fir dass och déi douewen eppes kënnen héiere vun deem, wat d'Madame Jacobs seet, ëm e weineg Disziplin!

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Tëschtent deene Fräiwëllegen an de Kranken entstinn dacks ganz intensiv Relatiounen, déi Plaz maache fir Gespräicher, déi engem ganz dacks eng Laascht aus sengem Liewe kënnen ofhuelen. Gesten, wéi engem d'Hand ze halen, do ze sinn. Hir Formatioun, hiert Engagement zesumme mat déiwem Respekt virun deem kranken a stierwende Mënsch si fir eis Gesellschaft vun onschätzbarem Wäert.

Aus ville Gespräicher weess ech, datt si soen, datt si méi géife kréien, wéi dat, wat si géife ginn. Ech wëll hinnen an all deenen, déi sech an der Palliativmedezin a -fleeg asetzen, mäin déiwe Respekt a Merci soen. Den Doud bleift ëmmer en Abschied vun engem Mënsch, deen ee gären hat an en deet ëmmer wéi, mä et ass méi einfach ze

verkraaften, wann een dee léiwe Mënsch am Stierwe konnt begleeden a bei him oder hir sinn. Ech denken, datt mer dat mat dësem Gesetz besser kënnen maachen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Jacobs.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote. Den honorabelen Här Jaerling huet gemengt, déi Motioun, déi hien déposéiert huet, misst elo zum Vote kommen. Ech wëll dozou zwou Remarquë maachen: Éischters ass déi dote Motioun de Moment nach net recevabel, do musse mer emol genuch Ënnerschrëften hunn; an zweetens betrëfft déi Motioun éischer d'Proposition de loi, déi mer elo am Uschloss diskutéieren wäerten. Esou dass ech géif proposéieren, dass mer herno dorobber zrëckkommen, wann da genuch Ënnerschrëften drop sinn.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5584 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Francoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vun der Proposition de loi 4909 iwwert déi aktiv Stierfhëllef. Et si bis elo ageschriwwen: déi Damme Stein, Frank a Flesch, den Här Wagner, den Här Bodry, den Här Angel, den Här Huss an den Här Mehlen.

(Brouhaha)

» **Une voix.** - An den Här Jaerling och.

» **M. le Président.** - D'Wuert huet elo fir d'éischt déi honorabel Madame Lydie Err, Auteuse-rapporteurin vun der Proposition de loi. Duerno huet den Här Huss d'Wuert. Madame Err, wann ech gelift.



4. 4909 - Proposition de loi sur le droit de mourir en dignité

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» **Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rapporteurin.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ech ginn dovunner aus, dass Dir mat eis alleguerten esou generéis an der Zäit sidd, wéi Der mat der Familljeministesesch waart, an dass mer alleguerte kënnen duebel esou laang schwätzen, wéi dat, wat virgesinn ass.

» **M. le Président.** - Madame Err, d'Presidentenkonferenz hat arrétéiert, dass hei jiddferee kann esou laang schwätzen, wéi e wëllt.

» **Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rapporteurin.** - Et ass ëmmer gutt ze wëssen, wann et fir jiddferee gëllt.

Ech wollt fir d'éischt emol, fir unzufänken, menger Satisfaktioun Ausdrock ginn, dass

deen Text iwwert d'Palliativmedezin unanime ugeholl ginn ass. Ech mengen, dass dat och am Sënn ass vum Jean Huss a vu mir selwer, déi ëmmer gesot hunn, dass d'Palliativmedezin an d'Stierfhëllef komplementar sinn a sech net opposéieren. Mir sinn duerfir frou, well et ass zweifelsohne esou, dass dat e Fortschrëtt duerstellt par rapport zur Situation wéi mer se haut hunn, och dann, wa se eiser Meenung no net esou wäit geet, wéi mir et fir eis gären hätten.

Ech wëll duerfir ganz kuerz virstellen, wat an eise Text steet an an der Introduktioun soen, dass eisen Text iwwert d'Stierfhëllef sech jo ganz kloer distinguéiert vun deem virdrun, deen, wéi d'Rapporteurin et gesot huet, iwwert d'Stierfbegleedung gaangen ass. Mä eis Stierfhëllefpropositioun ass kee Fräibrëif fir een ëmzebréngen, keng „licence to kill“, wéi dat provokativ emol formuléiert ginn ass. Et ass keen Text fir d'Krankekeesen ze entlaaschten an et ass keen Text fir éischer un eng Ierfschaft erunzekommen, wéi ouni Stierfhëllef.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - Oh!

» **Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rapporteurin.** - D'Verkierzung vum Stierwen ass den Zweck vun eiser Proposition de loi, d'Verkierzung vun der Agonie, vum Kampf géint den Doud, souzesoen.

Wann een deenen Etüden aus verschiddene Länner, déi déi Législatioun scho méi laang hunn, ka gleewen, da féiert an deene Länner d'Stierfhëllefgesetz dozou, dass d'Liewen an der Regel nëmmen ëm Deeg verkierzt gëtt, wann net ëm Stonnen. Et geet also ganz kuerz net emol am Prinzip ëm eng Verkierzung vum Liewen, mä ëm eng Verkierzung vum Stierwenskampf, vun der Agonie, souzesoen.

Kengesfalls a generell generaliséiert eis Proposition de loi d'Stroffrähheet fir Dokteren, mä nëmmen d'Stroffrähheet fir Dokteren ënner gewëssene Konditiounen. An deem Zesummenhang wëll ech der Madame Ministesch eng Remarque maachen: Et ass e Fortschrëtt, wann ee behaupt, dass nëmmen Doktere solle kënnen Stierfhëllef leeschten, well si d'Experten an där Matière sinn.

Ech wëll lech drop hiweisen, dass an der Schwäiz beispillsweis all Mënsch kann deen Text benotzen, fir Stierfhëllef ze leeschten, an dass dat natierlech keng Garantie gëtt fir déi Patienten, déi wëlle gehollef kréien, schmärzlos hirem Wonschdoud entgéintzeféieren. Duerfir ass et normal, dass nëmmen Doktere kënnen vun der Stroffrähheet profitéieren, well den Zweck vun der Stierfhëllef, wéi mir se gesinn, ass jo deen, fir net d'Leit egal wéi stierwen ze loosse, déi stierwe wëllen, mä de Leit ze hëllefen ze stierwen ouni Schmärzen, op hiren eegene Wonsch hin, a vu Fachleit begleet, an déi sinn nun eemol d'Dokteren eleng.

Ech denken, dass et och wichteg ass ze soen an an deemselwechte Kontext der Madame Ministesch ze äntwerten, dass, wann d'SPD an Däitschland seet, mir wëlle keng Euthanasie, dat absolut näischt ausseet, well an Däitschland gëtt et, wéi Der alleguerte vläicht wësst, souwisou schonn „Beihilfe zum Freitod“. An déi Leit, déi sech nach vläicht un déi Dokter-Hackethal-Affären erënneren, déi wëssen, dass an Däitschland probéiert gëtt, iwwert d'Bäihëllef zum Selbstmord am Fong aktiv Euthanasie ze maachen, ënner engem falsche Label.

Dat ass eppes, wat mir zu Lëtzebuerg - de Jean Huss an ech jiddefalls - net wëllen. Mir hätte gäre Kloertext, e kloere Kader, Kontroll an Transparenz.

Kengesfalls wëlle mir och hunn, dass d'Patienten de Wëllen opgedrängt kréien, deen de Moment an engem Gesetz eleng steet, oder opgedrängt kréien, wat de Moment am Code de déontologie vun den Doktere steet. Wou elo drasteet, dass et verbueden ass fir en Dokter, de Patienten ze hëllefen ze stierwen.

Mir hätte gären, dass an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat eng Demokratie ass, e Gesetz dat erëmgëtt, wat d'pluralistesche Gesellschaft mengt, an et jiddferengem soll erlaben, no senger Virstellungen aus dem Liewen ze goen. Dat setzt viraus, dass Mee-

nungsfräiheet a Gewëssensfräiheet net nëmmen zoustänneg si fir d'Deputéierten heibannen, well déi décidéieren en fait net nëmme fir sech selwer, déi décidéieren och dat, wat muer dobaussen erlaabt ass oder net.

An déi Leit, déi mengen, dass dat, wat mer bis elo gemaach hunn u Stierfbegleedung, duergeet - dat ass sécherlech eng Meenung, déi ze respektéieren ass, soulaang déi Meenung sech op si selwer bezitt. Wa si domadder d'Prétentioun hunn ze soen, wat déi aner ze maachen hunn oder net ze maachen hunn, dann ass dat fir mech inakzeptabel.

Ech maachen en Appel un all Kollegeen heibannen, fir sech därer Verantwortung bewosst ze sinn, dass d'Meenungsfräiheet fir d'Deputéierten eigentlech och misst heeschen, Meenungsfräiheet dobausse beim Doud fir jiddferen, dee virun deem Doud do steet!

De Moment ass et esou: Et ass jo net esou, wa mir kee Gesetz iwwer Stierfhëllef kréien, dass dat géif heeschen, et géif keng Stierfhëllef hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn.

Ech weisen drop hin, dass an engem Questionnaire, deem 1992 vun der ADMD gemaach ginn ass an deem un d'Doktere geschéckt ginn ass, d'Dokteren, déi do geäntwert hunn, largement gesot hunn, dass se Stierfhëllef gefrot kréien, dass se Stierfhëllef praktizéieren an och dass si selwer bereet wieren, Stierfhëllef ze praktizéieren, wann d'Gesetz et géif erlaben.

Esou wäit zu den Tatsaachen. Well mir mussen eis keng Illusiounen maachen: Wa mir kee Gesetz iwwer Stierfhëllef kréien, dann heescht dat net, dass keng gemaach gëtt. Dann heescht dat just, dass se gemaach gëtt ouni Kontroll an ouni Transparenz.

Jiddferen ass da fräi sech ze determinéieren, wat da besser ass: e präzise Kader mat alle Konditiounen a mat enger Kontroll, oder einfach Ontransparenz, wéi mer se de Moment hunn a wou de Patient ni sécher ass, dass zu sengem Liewensenn dat passéiert, wat hie selwer wëllt.

Mir ginn dovunner aus, dass all Mënsch, deem net gefrot gëtt, wann e säi Liewe kritt, misst e Matsproocherecht hunn, wann en zum Liewensenn kënn, a mir hu probéiert an där Proposition de loi all Dispositioun aus der Mënscherechtskonventioun ze respektéieren: engersäits d'Liberté d'opinion et de religion, déi jiddferengem et erlaben, ze gleewen an ze denken, wat e wëllt; d'Protection de la vie privée, déi och natierlech den Doud abegräift an déi jiddferengem misst erlaben, säin Doud esou ze liewen, wéi e wëllt; a virun allem - an dat ass vläicht manner evident - d'Egalitéit vun de Bierger net nëmme virum Gesetz, mä wierklech virum Doud; well mir wëssen, dass während dem Liewen déi Gläichstellung virum Gesetz éischter Theorie ass.

Mir fannen, an ech erklären lech wéisou, dass d'Gläichstellung virum Doud de Minimum wier, deem esou e Gesetz misst mat sech bréngen.

Firwat zum Beispill soll et Leit aus engem gewëssene Berufsweig erlaabt sinn, no hirem Wësse kënnen ze stierwen? Firwat gëtt zum Beispill de Selbstmord oder d'Selbstmordtentative net bestrooft, wann ee se selwer kann eleng exekutéieren? Firwat soll et weider verbuede sinn, engem ze hëllefen, dee wierklech net méi kann an deem d'Konditiounen vun eiser Proposition erfüllt, ze stierwen, ouni sech mussen aus der Fënster ze geheien, ouni musse mat engem Auto an e Fiels ze rennen, mä dass e kann op Hëllef rechnen, am Kader vun engem Gesetz, fir sengem Doudeswonsch a gewëssene Konditiounen kënnen nozegoen?

Firwat ass et wichteg, iwwert dat eraus, wat mer haut gestëmmt hunn, ze légiféréieren?

Et ass wichteg, well den Ënnerscheed tëschent deem, wat de Moment an eise Strofgesetzbuch steet, an deem, wéi d'Evolution vun der Medezin weidergeet, all Dag méi grouss gëtt. Et ass net normal, dass endlos dee Gruef tëschent dem Droit pénal an der medezinescher Wëssenschaft sech méi grouss mécht.

Déi zweet Ursaach ass och, well e Gesetz ëmmer soll dat erëmginn, wat et vun Diver-

sitéit an enger Gesellschaft gëtt, an an der Diversitéit vun der Gesellschaft ass de Moment - an dat bewiese Sondagen - ganz kloer e Wonsch no Stierfhëllef, fir jiddferengem et ze erlaben, no senge Virstellunge kënnen aus dem Liewen ze goen.

Kee Gesetz iwwer Stierfhëllef heescht net, dass keng Stierfhëllef gemaach gëtt, getäteg gëtt, mä beweist am Fong just, heescht just, dass et keng Kontroll gëtt. Kee Gesetz iwwer Bähëllef zum Selbstmord heescht net, dass et manner Selbstmord gëtt; dat heescht, dass et Selbstmorde gëtt, déi ënner ganz schreckleche Konditiounen ouni medezinesch Hëllef vonstatteginn, an dat ass sécherlech och net gutt.

E Kader ass och noutwendeg fir eng aner Ursaach, fir restriktiv Konditiounen ze schaffen, déi all zesumme kumulativ mussen erfüllt ginn, an déi kënnen herno kontrolléiert ginn, fir ze kucken, ob d'Gesetz respektéiert ginn ass. Ech wëll och duerfir herno ganz kuerz op déi Konditiounen agoen, fir feststellen, dass déi Konditiounen, déi an eiser Proposition de loi stinn, an deem enge Fall wéi an deem anere Fall kumulativ mussen erfüllt sinn.

Mir brauchen och e Gesetz fir déi an déi 5 oder 6% vun deene Leit, déi iwwert d'Palliativmedezin net kënnen gehollef kréien - an dat soe selwer déi Dokteren, déi an der Palliativmedezin schaffen -, fir doriwwer eraus déi Hëllef méiglech ze maachen.

Et ass och e Gesetz noutwendeg fir Stierfhëllef fir déi Leit iwwert d'Vitesse eraus kënnen ze praktizéieren, par rapport zu deem, wat elo drasteet. Well mir wësse jo, dass d'Méiglechkeet vun engem Accélération vum Doud iwwert d'Gesetz vun der Palliativmedezin nëmmen als „Kollateral-schued“ akzeptéiert ass, wéi et hei formuléiert ginn ass. Mir hätte gären, dass, wann d'Leit et wëllen, dat kann och méi schnell goen, wéi dat iwwert d'Palliativmedezin kéint goen.

Mir sinn och der Meenung, dass Politik a Relioun verschidden Domäne sinn an dass d'Politiker, déi eng Décisioun hei huelen, mussen der Koexistenz vu verschiddene Meenungen an eiser Bevölkerung Rechnung droen; Meenungen, déi sech an deenen diverse Sondagen - op déi ech ganz kuerz oder op déi de Jean Huss nach vläicht ganz kuerz kann agoen - ganz kloer zum Ausrock kommen.

Leschtendlech soll e Gesetz näischt fixéieren, wat nëmme vun engem klengen Deel vun enger Bevölkerung gedroe gëtt. Duerfir wëll ech hei eng Zitatioun ubréngen fir all déi, déi fir sech selwer eng aktiv Stierfhëllef refuséieren. Ech zitéieren ouni ze iwwersetzen, well se op Franséisch sécherlech vill besser eriiwwerkënnt, wéi wann ech se elo probéieren ze iwwersetzen: «Si l'homme n'a aucun droit sur sa vie, s'il croit que la vie est à Dieu ou à la société, il est juste qu'il le croit et qu'il refuse pour lui d'abréger sa vie, mais il est inadmissible que sa morale puisse s'imposer à tous.»

Ech wëll dorobberhi ganz kuerz op déi Sondagen agoen, déi et zënter den 90er Joren hei gëtt. Ech hu verschidde Saachen doriwwer matbruecht - an ech ginn lech se, Här President, fir hei elo net déi ganz Versammlung opzehalen -, fir ganz kuerz ze soen, wat zu Lëtzebuerg um Niveau vun der Opinion publique geschitt ass.

1988 ass d'ADMD gegrënnt ginn. Si kritt also elo dëst Joer 20 Joer, an ech profitéieren dovunner, fir hirem éischte President, dem Dokter Henri Clees, Merci ze soe fir säin Asaz, mat deem hie sech bei senge Beruffskollegeen och net ëmmer beléift gemaach huet.

1989 ass deen éischte Sondage am „Tageblatt“ vun der ILReS publizéiert ginn, an deemools schonn ass gesot ginn, dass 71% vun de Leit gesot hätten, si wiere fir eng Stierfhëllef.

1990 ass Omega 90 gegrënnt ginn, an 1992 ass vun der ADMD e Questionnaire ënnert den Dokteren erauskomm, deem och ganz kloer seet, dass Stierfhëllef bei hinne gefrot gëtt, dass se praktizéiert gëtt an dass si zu 72% bereet wieren, se ze praktizéieren, wa se net ënnert dem Strofgesetz géif stoen.

Och ënnert de Juristen ass eng Ëmfro gemaach ginn, an deemools schonn, ënnert der heiteger Gesetzgebung, ass gesot gi vu méi wéi 60% vun de Juristen, dass e Stierf- oder Liewenstestament eng Validité juridique hätt fir deen Eenzelnen, well et onzweifelhaft de Wëlle vu sengem Auteur erëmgëtt.

91% vun de Juristen hunn 1994 gesot, si wieren der Meenung, dass jiddferee misst kënnen decidéieren um Enn vu sengem Liewen, wéi en ze stierwen huet.

D'Association des Médecins et Médecins Dentistes huet jo och elo viru kuerzem bei

hire Leit eng Ëmfro gehalen, an interessant ass et feststellen, dass, wann eng Majoritéit géint d'Stierfhëllef ass, wa se als Dokter, an hirer Qualitéit als Dokter schwätzen, awer dann eng Majoritéit vu 54% derfir ass an hirer Qualitéit als Bierger oder als Patient. Och dat sprécht Bänn, op déi een hei net muss weider agoen.

Dee leschte Sondage war de leschte Samschdeg am „Tageblatt“. Ech wëll am Fong just den Haaptprozentsaz hei nach eng Kéier répétéieren, deen dobäi erauskomm ass: Et sinn dräi Véierel vun der Bevölkerung derfir, dass et méiglech soll ginn, Stierfhëllef ze kréien!

Jiddferen, dee fir sech haut Problemer huet, fir dat fir sech ze wëllen, soll déi Prozenter mat a Kont huelen a sech froen, ob et normal ass, dass en als Deputéierten net nëmme fir sech decidéiert, mä fir 74% vun de Leit mat, déi eigentlech eppes aneschters wëllen.

Zum Contenu vun der Proposition de loi. Fir d'éischt ganz kuerz d'Konditiounen. D'Konditiounen gëllen net nëmme fir d'Euthanasie, dat heescht fir d'Stierfhëllef, mä och fir d'Bähëllef zum Suicide.

Et muss ee majeur sinn oder Mineur émancipé; et muss een an enger Situation de santé sinn, déi absolut ouni Hoffnung ass, ouni Hoffnung op Verbesserung; et muss een esou vill Schmäerzen hunn, dass een net méi an deene Konditiounen wëllt weiderliewen; et muss ee ganz kloer säi Wëllen ausgedréckt hunn; den Dokter muss een informéiert hunn, och iwwert déi Méiglechkeeten, déi et gëtt; an den Dokter, deem ee behandelt, muss vun engem Spezialist sech confirméiere loosser, dass de Gesondheitszoustand vun deem betreffende Patient irrémédiatement compromis ass, dass en also keng Aussicht op Verbesserung huet.

Den Testament de vie, dee kann natierlech contrairement zu deem, wat am Palliativmedezinsgesetz steet, verlaangen, dass een ënner gewëssene Konditiounen wierklech soll gehollef kréien, fir ze stierwen op eng Aart a Weis, déi et ouni Schmäerzen erlaabt an an enger anerer Vitesse, wéi dat am Palliativgesetz méiglech wier.

Dat Testament gesäit och vir, dass ee kann draschreiven, wéi ee wëllt begruewe ginn. An dat Testament, wat een do mécht, soll enregistréiert ginn op der Direction de la Santé.

Firwat geet et net duer fir eis, nëmmen esou en Testament ze schreiwen?

Mir iwwerhuelen am Fong domadder eppes, wat am Projet vun Exminister Wagner dra-stoung, well mer dovunner ausginn, dass en Testament de vie oder eng Directive anticipée net automatesch an de Patientendossier kënn an dass ee muss derfir suerge kënnen, dass ee sech renseignéiere kann, ob et esou eng Direktiv gëtt, wann dann ee Patient a senger Agonie läit.

Mir hunn och contrairement zum Gesetz a logescherweis eng Kommissioun agesat, déi soll kontrolléieren, wann eng Stierfhëllef geschitt ass, ob d'Konditiounen vum Gesetz consciencieusement respektéiert gi sinn.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären heibannen, déi herno sollen op de Knäppchen drécken, dass dat eng immens wichtig Garantie ass, fir dass näischt passéiert, wat d'Rumm vum Gesetz sprengt, an d'Rumm vum Gesetz ass esou enk geschnürt, dass et menger Meenung no kee Risiko méi gëtt, fir hei vun Abusen ze schwätzen.

Etüden, Evaluatiounen aus dem Ausland ginn a déiselwecht Richtung a beweisen och, dass dat, wat gefaart gëtt, dass et iwwert dat heite Gesetz géif antrieden, an der aktueller Situatioun, wou mer kee Gesetz hunn, vill méi eng grouss Gefor ass, wéi dat ënner enger Gesetzgebung méiglech ass.

Ech wëll ganz kuerz erklären, wat d'Differenze sinn tëschent de Soins palliatifs an der Stierfhëllef.

D'Médecine palliative an d'Stierfhëllef sinn, wéi gesot, an eisen Ae komplementar a si opposéiere sech net. D'Soins palliatifs sinn en Accompagnement en phase terminale, deen do ass, fir de Patient ze erlichteren, ze soulagéieren, an domadder gëtt a Kaf geholl, dass en eventuell méi schnell stierft, wéi e géif stierwen, wann en déi Medikamenter géint d'Péng net géif kréien.

De Wonsch, fir ze hëllefen ze stierwen, ass also do nëmmen accessoire do. Dat bréngt och mat sech, dass den Doud ënnert deene Konditiounen méi lues viru sech geet, wéi dat bei enger aktiver Stierfhëllef ka sinn.

D'Stierfhëllef a sech, déi verstoppt sech net hanner engem medezineschen Numm, déi seet ganz kloer, dass se gemaach gëtt ënner gewëssene Konditiounen, fir engem Patient, deem net méi gutt gëtt an deem et ge-

frot huet a seng Meenung dozou geäussert huet, ze hëllefen, méi schnell ze stierwen, wéi d'Progrès vum der Medezin et géifen erlaben.

Eigentlech kéint een och - an de Sproochgebrauch ass jo heiansdo ganz wichteg - d'Stierfhëllef Hëllef zur Selbsterléisung nennen, da géif et vläicht och fir gleeweg Chrëschte méi akzeptabel ginn als Phänomen, wéi Stierfhëllef oder Hëllef zum Selbstmord.

Assistance au suicide, firwat ass dat noutwendeg?

Ech mengen, dass et noutwendeg an indispensabel ass, fir Fäll wéi de Vincent Humbert och mat eranzehuelen an d'Stierfhëllef.

Wat ass speziell bei engem Fall wéi dem Vincent Humbert, oder bei engem Mënsch, deem, wéi mir an enger Versammlung virun enger Woch gesot ginn ass, probéiert huet, sech ëmzebréngen, mat engem Auto an e Fiels gerannt ass, deen doduerjer komplett handicapéiert ass, sech net méi ka bewegen, dee kënschtlech ernährt gëtt, dee kënschtlech op d'Toilette geet, deen net méi schwätze kann, deen näischt méi gesäit an deem zënter Joren esou um Bett läit?

Dee kann ni ënnert deene Konditiounen, soulaang wéi en nach leeft, ënnert d'Konditiounen vun der Palliativmedezin falen.

Mir sinn der Meenung, wann dee Mënsch sech ausgedréckt hätt, an deem Sënn, wéi e Stierftestament, wéi mir et gesinn, et erlaabt, dass esou Leit ka gehollef ginn.

Wat gradesou kloer ass, dat ass, wann de Mënsch selwer et net gesot huet, ni en aneren - wéi d'Elteren an deem Fall hei zum Beispill - sech kënnen der Volontéit vum Patient selwer substituéieren a fir en aneren decidéieren, wat fir hien ze passéieren huet.

Mä d'Méiglechkeet ass op, fir net nëmme Leit, déi am Doudeskampf sinn, ze hëllefen ze stierwen, wa si selwer et wëllen, mä och deene Leit, deenen hiert Liewen am Fong nach just e medezinescht ass - kann ee vläicht soen -, ee vegetatiivt Dasein ass.

Ech denken, dass och esou Fäll missten iwwer e Gesetz geléist kënnen ginn. Firwat?

Fir dass ee kontrolléiere kann, dass déi Konditiounen, déi am Gesetz stinn, wierklech erfüllt sinn. Dass ee kann zum Beispill kontrolléieren an deem Fall do, ob dee jonke Mënsch, dee getraff ginn ass, selwer scho jee eng Meenung ausgedréckt huet, an dass een évitéiere kann, dass Elteren, déi et net méi packen, dee Misär do mat unzucken, eng Tentatioun kéinten hunn, fir ze kucken deem Liewen do, dat fir si och e Cauchemar ass, en Enn ze setzen.

Wichtig ass, fir ze soen, dass ni een an eiser Proposition de loi ka fir en aneren decidéieren; dass jiddferen, deem säi Wëllen net kloer ass, Pech hat, souzeseen; dass jiddferen also, wann eist Gesetz géif gestëmmt ginn, opgefuert ass, d'Responsabilitéit fir säin eegenen Doud a seng eegen Hänn ze huelen, kloer Dispositiounen ze hannerloossen, an der Hoffnung, dass dat, wat haut hei erauskënn, him et erlaabt - wat haut net erlaabt ass, mä vläicht muer méiglech ass -, och esou ze stierwen, wéi et net fir jiddferen akzeptabel ass, mä wéi et senge Konzeptiounen, senger Relioun a senger Philosophie entsprécht.

Ech wëll duerfir och, wann dat Gesetz, wéi et elo hei virläit, gestëmmt gëtt, e Wuert zur Prozedur soen, well et ass jo elo hei ugeklongen, dass et nach net ganz kloer wier, wat passéiert, wann déi zwee Texter géife gestëmmt ginn. Wann déi zwee Texter gestëmmt ginn, ass et ganz kloer:

Deen éischten trëtt en vigueur, well deen évidement vum Statsrot eng Dispens vum zweete Vote kritt.

Deen zweeten Text huet de Statsrot iwwrengens net eleng stiefmütterlech oder stiefväterlech behandelt, wéi eis Proposition de loi. Hien huet net am Detail d'Dispositiounen vun eiser Proposition de loi akzeptéiert. Hien huet sech just drop limitéiert, fir ze soen, verschidden Dispositiounen wieren inkompatibel. An dat stëmmt!

Inkompatibel sinn: de Contenu vum Testament de vie - an deem engen an an deem anere Fall ass dee verschidden -; den Enregistrement vum Testament de vie; de Code de déontologie, deen eppes verbitt, wat an eise Testament misst erlaabt ginn; an och déi Kontrollkommissioun, déi an eise Text steet, déi am Text vun der Regierung net dran ass.

Da muss ee sech op deene véier, fënnf Froen eens maachen, wat an deene Froe geschitt. Vu dass mer dat de Moment net sinn, vu dass de Statsrot sech doriwwer net ausgedréckt huet, ass et evident, dass keng Dispens vum zweete Votum vum Statsrot fir déi zweet Proposition de loi kënn. Mir hunn also duerno Zäit - mir, d'Regierung -, fir ze

kucken eis op e gemeinsamen Nenner ze bréngen, fir muer de Leit d'Méiglechkeeten ze ginn, en toute liberté de conscience jiddferee fir sech dat ze maachen, wat hie fir sech richtig fénn't.

Mä och dann, Dir Dammen an Dir Hären, an domadder wëll ech ophalen, ass et ganz kloer, dass, wann déi zwee Texter gestëmmt ginn, a wa mer et duerno - et mécht ee jo keng Politik, wann een net en Optimist bleift - fäerdeg bréngen, e Konsens ze fannen op deene véier, fënnef Froen, wou mer elo Schwieregkeeten hu mat deenen zwee Texter, mer dann e Gesetz hunn, wat Méiglechkeeten opmécht, eng Stierfhëllef ze kréien.

Dat obligéiert keen Eenzelne vun lech, Dir Dammen an Dir Hären, besonnesch déi, déi hei riets vu mir sëtzen an e bësse méi erop bei der Regierung, wann dat fir lech net richtig ass, dat ze maachen! Dat forcéiert kee vun deenen Dokteren, déi douewen nolauschteren, dat ze praktizéieren, wa se et net wëllen! Dat gétt just deene Leit, déi et fir sech gären hätten, an deenen Dokteren, déi et fir sech kënnen akzeptéieren, d'Méiglechkeet, no hire Virstellungen ze agéieren.

Engem dat ze verwieren, fannen ech net an der Rei an enger Demokratie, wou et net normal ass, dass e minoritären Deel vun der Bevölkerung - e majoritären Deel an enger Chamber - enger Majoritéit vun der Bevölkerung virschreift eppes ze maachen, wat fir si net richtig ass.

Duerfir wëilt ech lech opruffen, iwwer Äre Schiet ze sprangen an - och wann Dir dat fir lech selwer net wëllt - deene Leit, déi eppes aneschters wëlle wéi Dir, d'Geleeënheet ze ginn, dat muer, iwwermuer ze kréien.

Ech wëll ophale mat enger Zitatioun vum François de Closets, dee seet: «La loi n'a pas à trancher le débat pour ou contre l'euthanasie, car c'est une question de choix personnel et elle doit le rester.» An dat schéngt mer evident. «La loi n'a de justification que pour permettre à chacun d'exercer sa dernière volonté.»

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Err.

» **Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rapporteuse.** - Neen, ech hunn elo nach ee Saz vergiess, Här President,...

» **M. le Président.** - Jo.

» **Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rapporteuse.** - ...een eenzege Saz, an zwar, dass ech alles, wat ech zënter der ADMD iwwert dëse Projet vun Efforté gemaach hunn, vu Frechheeten hu missen héieren, am Fong wëll zwee Leit déidiéieren: an zwar menger Mamm, där ech versprach hunn op hirem Doudesbett, ech géif derfir suergen, dass kee méi misst esou stierwen, wéi si huet misse stierwen, obscho si et net wollt; an zweetens engem Frënd vu mir - dem Heng -, deen zënter 20 Joer drop waart, dass e Gesetz wéi dat heite kënnt, fir an där schwéierer gesondheetlecher Situatioun, an där hien dran ass, eng Hëllef ze gesinn, wann et wierklech ënner senge Konditiounen net méi fir hie méiglech ass, weiderzeliewen.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Err. Den honorabelen Här Huss huet elo d'Wuert.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG), auteur-rapporteur.** - Merci, Här President. Ech wëlt dës Presentatioun hei elo relativ kuerz halen, zum Éischten, well meng Kolleegin, d'Madame Err, jo schonn am Fong de Gros gesot huet, wat an der Proposition de loi drasteet, an zum Zweeten, well ech jo als Rapporteur oder Corapporteur bei dëser Presentatioun just kann op de Sënn, op den Historique, op déi wichteg Inhalter an op Ënnerscheeder mam Palliativgesetz agoen. Déi politesch Auseanersetzung do ronderëm mat den Argumenter a Géigenargumenter wëll ech a menger zweeter Intervention als Fraktiounsspriecher vun deene Grénge maachen.

D'Madame Err an ech haten, wéi scho bekannt, dës Proposition de loi viru ronn fënnef, sechs Joer zesummen ausgeschafft, nodeem scho méi wéi zéng Joer virdrun d'Diskussioun do ronderëm hei zu Lëtzebuerg ugaange war.

Et war um Enn vun den 80er Joren, wéi d'Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité an och Omega gegrënnt gi waren. Nodeem an Holland, an der Belsch an deelweis an der Schwäiz ähnlech Gesetzzer a Kraaft getruede waren, hat et eis dunn am

Joer 2002 endlech och un der Zäit geschéngt, parteiwwergräifend dës Proposition de loi ze schreiwen.

Zënter deem Moment huet sech déi öffentlech Diskussioun ronderëm d'Palliativmedizin an d'Euthanasie ëmmer méi intensivéiert. Et ass zu enger ganzer Rëtsch vun Tables rondes a vu Konferenzen doriwwer komm. Finalement stoung eng Partie Méint virun de Wahle vun 2004 och eng Resolution hei zur Debatt vun LSAP- a Gréngen-Deputéierten, déi du mat deem knappste vun alle méigleche Resultater - mat 28 géint 27 Stëmmen, bei e puer Enthaltungen - verworf gouf.

Eis Proposition de loi blouf dunn awer an der Diskussioun, och an der Diskussioun vun där zoustänneger Santéskommissioun, ganz einfach, well een d'Fro vun der aktiver Stierfhëllef hautdësdags a kengem Land méi ënnert den Teppech ka kieren:

Éischstens, well d'Mënschen an eisen opgeklärten a pluralistesche Gesellschaften an enger kloerer Majoritéit eng Liberté de choix an d'Recht op Selbstbestëmmung wëllen hunn, besonnesch wann et ëm total intim a perséinlech Froen, wéi den eegene Wee an den Doud, geet.

En zweete Grond ass sécherlech deen, well regelméisseg an den europäesche Medien iwwer esou tragesch Fäll bericht gétt, wéi de Fall vum Vincent Humbert a Frankräich, de Fall Pretty an England, de Fall Jean-Marie Lorand an der Belsch, de Fall Welby an Italien, de Fall Sampedro a Spuenien an nach esou munch anerer.

En drëtte Grond ass deen, datt d'Leit do-bausse wëssen, datt an esou Fäll, déi guer net esou rar sinn, d'Palliativschmäerz-bekämpfung a -fleeg zimlech hëlleflos sinn, well et jo eigentlech guer net dorëm geet, mä vill méi ëm déi tragesch Situatioun, irréversibel bis un d'Liewensenn am eegene Kierper wéi an engem Prisong agespaart ze sinn, ouni déi geréngsten Hoffnung op Ännerung vun dëser tragescher Situatioun.

E leschte Grond dofir ass, datt heibannen an do-bausse kee weess a kee wësse kann, ob net grad och vläicht hie selwer no engem Accident, dee ka virkommen, no engem Hireschlag, dee ka virkommen, oder am Endstadium vun enger béisaarteger Tumeur an esou eng dramatesch Situatioun ka gero-den.

Aus all dëse Grënn ass d'Majoritéit vun der Bevölkerung an dëser Fro kloer fir d'Recht op Selbstbestëmmung, fir eng Liberté de choix, fir souwuel kënnen de Wee vun der Palliativmedizin ze goen, mä an Noutsituatiounen och kënnen zrëckzegräifen op eng méi schnell, méi direkt Stierfhëllef, déi awer nëmmen da méiglech gétt, wann d'Euthanasie oder d'Assistance médicale au suicide hei am Land esou wéi an der Schwäiz, an der Belsch oder an Holland dépénaliséiert gétt.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Dépénaliséierung vun engem Dokter, deen dem ausdréckleche Wonsch vun engem virdrun informéierte Patient wëllt nokommen, ass awer keen totale Fräifahrtschäi fir d'Euthanasie, wéi dat d'Madame Err scho richtig gesot huet, well eng Rei vu konkrete Konditiounen erfüllt musse sinn, fir datt et zu enger aktiver Stierfhëllef a Form vun der Euthanasie oder vum Suicide médicalement assisté ka kommen.

Et gétt also eng Partie vu Konditiounen a Restriktiounen, vun deenen déi wichtegst déi folgend sinn - a Stéchwierder just -:

- éischstens, d'Mündegkeet an e kloere Verstand bei der Demande: keng Pressioun vun iergendenger Säit, eng kloer formuléiert an noutfalls répétéiert Demande;

- zweetens - absolut wichteg och -, datt net nëmmen de betroffenen Dokter, mä och en zweete Spezialist vun där Pathologie muss onzweifelhaft gefrot ginn an dokumentéieren, datt keng Heelung méi méiglech ass an datt d'Souffrancen, ob kierperlech oder psychesch oder séilesch Péng, net méi ze bewältege sinn; woubäi

- drëttens, awer net eleng wéi beim Palliativgesetz de Stade avancé oder terminal um Enn vun enger schlëmm evaluéierender Krankheet gemengt ass, mä eben och d'Situatioun, wéi déi vum Vincent Humbert, deen net méi wollt gezwonge ginn, deen awer nach theoretesch hätt kënnen 20, 30, 40 Joer an deem degradanten Zoustand, an deem hie war, viruliewen;

- véiertens, an dëser Proposition de loi gétt och kloer drop higewisen, am Géigesaz zu deem, wat vu munchen Euthanasiegeignen, och Dokteren, an Artikelen oder Interviewe virun e puer Deeg nach gesot ginn ass, datt keen Dokter géint säi Wëlle gezwonge gétt, eng Assistance au suicide ze maachen oder direkt selwer eng aktiv Stierfhëllef ze leeschten.

Keen Dokter, Dir Dammen an Dir Hären, och net am Kontext vum Stierfetestament oder den Dispositions de fin de vie, gétt géint säi Gewëssen dozou gezwongen. Hie gétt net, wéi dat dobaussen en Dokter geschriwwen huet, zum einfachen Exécutant vun iergendengem Patientewëllen!

Dat Eenzezt, wat ass: Hie muss dann, wann e selwer mat sengem Gewëssen domadder net eens gétt, zesumme mat der Vertrauenspersoun kucken, den Dossier un en anere Medeziner virunzeginn. A well et an der Fro vun der Euthanasie - no den Ëmfroen, déi vun der AMMD gemaach gi sinn, mä och no Aussoen, déi et vu Lëtzebuurger Doktere gétt an déi schrëftlech an Zeitunge stoungen - ënnerschiedlech Meenunge gétt, a vu datt et e gréisseren Deel och vun Doktere gétt, déi fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie sinn - ech ginn elo net op déi Zuelen hei an, d'Madame Err huet se virdru schonn zitéiert -, dierft dat jo dann och wahrscheinlech kee Problem sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, wat nach wichteg ass an dëser Proposition de loi, dat ass engersäits natierlech den Inhalt vum sougenannte Stierfetestament, wou de Patient virun allem och d'Recht kritt, schrëftlech no enger Euthanasie ze froen, wann hie selwer irréversibel inconscient wier a fir hien, fir seng Virstellungen, eng inakzeptabel Situatioun géif antrieden. Wann dës Proposition de loi net gestëmmt gétt a mer just beim Palliativgesetz bleiwen, dann huet kee Mënsch do-baussen e wierklecht Recht op Selbstbestëmmung an och keng reell Liberté de choix, déi an eisen Aen an enger demokratrescher a pluralistescher Gesellschaft awer noutwendeg ass.

Da wier et weiderhin esou, datt en Deel vun der Gesellschaft der grousser Majoritéit vun der Bevölkerung seng ethesch, seng zum Deel reliéis Doctrinen - ech soen, zum Deel reliéis Doctrinen! - géif opzwéngen.

Dës Proposition de loi mécht dogéint just de Géigendeel. Ganz einfach ausgedréckt: Si mécht et méiglech, datt jiddferen no senge Virstellungen aus dem Liewe goe kann, a si zwéngt keen dobäi zu iergendeppes, deen dat net wëllt.

E leschte Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, op deen ech hei bei dëser Presentatioun kuerz wollt agoen, ass an dëser Proposition de loi déi sougenannte Commission d'évaluation et de contrôle, déi un dat bestehend belscht Gesetz ugelehnt ass an déi d'Applikatioun vun de strikte Konditiounen vum Gesetz soll evaluéieren an iwwerwaachen.

Am éischten Entworf vun eiser Proposition de loi haten d'Madame Err an ech versicht, e Schrëtt a Richtung op déi Euthanasiegeignen ze maachen, déi virginn hunn, et wier virun allem wéinst dem Risiko vun Abusen a Mëssbräich, datt si géint eng Dépénaliséierung wieren. Am Ënnerscheed zum belsche Gesetz hate mer dofir bei eisem éischten Entworf gemengt, dës Commission de contrôle sollt schonn am Virfeld aktiv ginn, ier et zur Euthanasie géif kommen.

Mir hunn dunn awer Amendementer am Juni vun dësem Joer zu eiser Proposition de loi gemaach a mir hunn dat alt erëm eng Kéier geännert an déi belsch Formule vum Contrôle ex post, also de Contrôle duerno iwwerholl, virun allem aus dräi Grënn:

Éischstens, well eis Dokteschorganisatiounen an hiren Avisë geschriwwen hunn, déi Démarche vun enger Kontroll virdru wier absolut net realistesch am Eenzelfall a bürokratesch.

Zum Zweeten, well mer hu misse feststellen, datt dee Schrëtt a Richtung Euthanasiegeignen, déi gereechten Hand, illusoresch war.

An drëttens virun allem, well d'Rapporte vun der Commission d'évaluation et de contrôle an der Belsch absolut kloer waren, datt et a kengem eenzege Fall vun iwwer 1.500 Fäll an deene vergaangene véier bis fënnef Joer zu Mëssbräich oder Abusë vun de gesetzleche Virschrëfte komm war. Aus dëse Grënn also hate mer am Juni dës Amendementer zur eegener Proposition de loi gemaach.

Ech muss zwar soen, datt et relativ cocasse ass - ech hat net méi spéit wéi virun zwou, dräi Stonnen an engem Face-à-face mat engem Lëtzebuurger Palliativmedeziner op RTL am Radio folgend Erliefnes: Do hunn ech dann erëm eng Kéier de Géigendeel virgeworf kritt, firwat datt mer déi Commission d'évaluation et de contrôle net virdru gesat hätten. Et gétt also alles op dëser Welt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt d'Madame Err an ech heimadder déi wichtegst Dispositiounen vun dëser Proposition de loi elo hei kuerz duergeluecht hunn. Wa mer eventuell elo bei der Presentatioun dat eent oder dat anert vergiess hätten, den

Text vun der Proposition de loi ass jiddferengem heibanne bekannt an ech mengen an der Tëschenzäit och deene meeschte Leit dobaussen, well d'Press do jo awer eng relativ gutt Aarbecht gemaach huet fir dat ze presentéieren.

An den Ae vun deene Grénge brauche mer e gutt an ausbaubaart Palliativgesetz, a parallel dozou complémentaire am Intérêt vun de betroffene Leit, oder vun den zukünfteg betroffene Leit, mä och am Intérêt vun den Dokteren eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie a vum Suicide assisté, dat heescht vun der Bähëllef zur Selbsterléisung.

D'Zäit derfir ass längst och zu Lëtzebuerg räif, a wann een déi rezent ILReS-Ëmfro-Resultater analyséiert, da gesäit een net nëmmen déi ganz grouss Zoustëmmung vu ronn dräi Véierel vun de Lëtzebuurger Leit fir dës Proposition de loi; et gesäit een ëmgekéiert souguer nach vill méi däitlech, wéi eng relativ kleng Minoritéit - tëschtent 14 a maximal 18% insgesamt - Problemer mat dëser Proposition de loi huet a se oflehnt. 18% wëllen zum Beispill, datt d'Dokteren, déi op Wonsch vum Patient Euthanasie praktizéieren, misste pénal verfollegt ginn, mä dat sinn allerdéngs nëmmen 18%.

Dat gesot, géif ech elo mat dëser Presentatioun hei ophalen. Ech wäert herno, wéi gesot, als Spriecher vun deene Grénge méi an den Detail, haaptsächlech op d'Géigenargumenter dozou Punkt fir Punkt agoen. Mä ech mengen awer, an domadder wëll ech d'Presentatioun ofschléissen, datt déi 78% Zoustëmmung zu dëser Proposition de loi an der Bevölkerung jiddferengem heibannen eigentlech missten ze denke ginn.

78%, dat ass keng kleng Majoritéit, dat ass och net nëmmen eng zolidd Majoritéit, dat ass eng ganz grouss Majoritéit vu Leit, déi derfir sinn, déi déi Proposition de loi also ënnerstëtzen. Ech hoffen, datt mer herno an der Diskussioun nach dat eent oder anert kënnen soen.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Huss. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Martine Stein-Mergen ageschriwwen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Carl Friedrich von Weizsäcker huet Folgendes zum Thema Doud gesot: „Wahrscheinlich ist keine Menschheit je dem Tode gegenüber so ratlos gewesen, wie die heutige.“

Mir hunn an de leschte Jorzéngten, mat de Fortschrëtter vu Wissenschaft a Medezin, engem kloren Defizit u Spiritualitéit an engem iwwerhandhuelende Materialismus, den Doud aus dem Liewe verdrängt; e sëtzt an onse Käpp an enger Hannerstiffchen. Et ass awer net esou, wéi wann de Gedanken un den Doud schéi brav ëmmer géif do sëtze bleiwen. E kënnt ëmmer erëm eraus luussen, an dës Momenter si fir déi meeschte Leit mat Ängschte verbonnen a mat méi Froe wéi Äntwerten.

Déi Ängschten, wat engem Mënsch säin eegent Stierwe betrëfft, ginn essenziell an zwou, zum Deel entgéigegesate Richtungen: Déi éischt ass déi irlendeglech ze leiden, ier et esou wäit ass; déi zweet ass awer déi, dass engem eng Décisioun ofgeholl gétt, déi ee léiwer selwer géif huelen, an zwar dann, wann een nach dozou amstand ass.

An dësem Zesummenhang, wa mer de Gedanke weiderspanen, stelle sech sécher och vill Mënschen d'Fro, ob se dann an enger anerer onerwaarter Situatioun net hir Meenung wëilten änneren. Op dëse Sujet wëll ech awer méi no am Kapitel iwwert d'Patienteverfügung zrëckkommen.

Am Palliativgesetz hu mer ons grëndlech befaasst mat der Angscht, ze leiden. Mir hunn e Wee opgewisen, mat dëser spezieller, zimlech neier Disziplin an der Medezin an an de Soinen, wéi ee Leiden erlichtert, an op all Akten, déi d'Liewe just verlängeren, awer d'Liewensqualitéit net verbesserren, verzicht ka ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wéi soll den Environnement ausgesinn, fir dass en doudkranke Mënsch um Schluss vu sengem Parcours net eleng dosteet? Wéi mat pluridisziplinären Equipen an Zesummenhëllef mat Familljen a Frënn derfir suergen, dass och dës Phas vum Liewen, déi jo dozou gehéiert - zum Liewen -, e würdegen Décours ka kréien?

D'Opfaassung nämlech, dass een de Leit hiren Doud net däréf stielen, huet sech an de leschte Joren an der Praxis wäitgehend duerchgesat. Haut däréf een och emol erëm doheem stierwen oder a senger Institutioon. An enger bestëmmter Institutioon an der Stad stierwen haut aacht vun zéng Leit an hiren Zëmmeren, an hirer Umgebung, an net am Spidol. Viru 15 Joer war d'Situatioun genau ëmgekéiert, do sinn aacht vun zéng Leit an d'Spidol gefouert gi fir ze stierwen.

Déi heite Proposition de loi geet dann awer e Schrëtt méi wäit a fuerdert, dass ee soll d'Recht kréien, sech vun engem Dokter doutmaachen ze loossen, ënnert deene Konditiounen, déi d'Verfaasser vun der Proposition schonn opgefouert hunn: dass et an engem medezineschen Zoustand ass, dee ka physesch oder psychesch oder souguer séilesch sinn, ouni Auswee; d'Leide muss konstant an net auszehale sinn; et soll keng Aussicht op Besserung bestoen.

Ech wëll net nach eng Kéier am Detail op déi Konditiounen agoen. Si sinn um Modell vum belsche Gesetz calquéiert.

Ech sinn iwwregens iwwerzeegt, dass dës Nuance, nämlech déi vum volontären Akt vum Doutmaachen, an d'Alternativ, déi d'Palliativmedezin dozou ze bidden huet, nach ëmmer net iwwerall kloer sinn, obwuel an de leschte Wochen a Méint immens vill Tënt gefloss ass. Jee nodeem, wéi een d'Fro stellt, kritt een nämlech dës oder déi aner Äntwert. D'Terminologie gëtt nach ëmmer mëssbräichlech gebraucht a verstannen.

Ech wëll iwwregens och der Madame Err rappeléieren, dass „Stierfhëllef“ eleng mer an dem Kader vun dëser Proposition de loi eigentlech net duergeet, an ech wier frou, wann een da géif iwwer „aktiv a wëllentlech Stierfhëllef“ schwätzen.

(Interruption)

Et ass awer doutmaachen.

» Une voix.- Oh!

» Une autre voix.- Fir lech!

» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- D'Haaptjustificatioun vun der Proposition de loi ass, dass de Mënsch soll fräi sinn, iwwer sech selwer ze bestëmmen, an domat och iwwert d'Aart a Weis, wéi e wëllt stierwen.

Elo stellt lech emol esou e Mënsch vir an där Situatioun, wéi se konditionell bestoe muss, fir dass d'Euthanasie dépenaliséiert ka ginn. Da stellen ech mer déi wesentlech Fro, déi hei ze stellen ass: Wéi fräi ass esou e Mënsch dann, fir dës Entscheedung ze huelen? Ass hien net au contraire an enger Situatioun, déi e komplett ofhängeg mécht vu sengem Entourage, sengen Dokter an Fleeger, senger Medikamenter?

Mir hate leschte Mount eng Table ronde, wou e belsche Philosophieprofessor geschwat huet, dee selwer implizéiert ass an deenen Institutioenen, déi hir Uni matbetreit. An hie seet ganz dättelech, fir hien ass dat Schlëmmt net d'Euthanasie u sech; dat Schlëmmt fir hien ass d'Drocksituatioun, an där dës Leit sech befannen, an d'Absence vun all Fräiheet.

D'Schafung vun der Méiglechkeet, sech doutmaachen ze loossen, wäert ganz kloer a verschiddene Fäll de Patient an d'Situatioun versetzen, dass hie säin Dosinn muss rechtfertigen, net no baussen, net virun engem Geriicht, mä sech selwer, an dat ëmmer erëm.

Dat ass sécher net fir all Patienten de Fall. Sécher net fir déi, déi an hirem Familljen- a Frëndeskrees ëmmer erëm gewise kréien, wéi wichteg et ass, dass si nach e Stéck Wee kënnen zesumme maachen. Mä déi Leit, déi eleng sinn, déi op Friemer ugewise sinn - woubäi dës Leit, och wa se professionell eng gutt Aarbecht maachen, net ëmmer kënnen vermëttelen, dass hinnen um Patient an un der Persoun geleeën ass -, déi

komme sécher an dës Situatioun. Dat muss net ausgesprach ginn, dat ass schrecklech subtil, kann iwwer Verhalen a Kierpersprooch, iwwer Zouwendung oder Netzuwendung vermëttelt ginn.

Iwwert dës Fäll, an hir effektiv Heefegkeet an deene Länner, wou d'Euthanasie erlaabt ass, do gëtt et keng Statistiken. Doriwwer kann och keng Kommissioun befannen. D'Kommissioun schafft op Basis vun Dossierien ex post, net vun de Mënschen. Och wann an de Rapporte vun der belscher Kommissioun an alle Fäll vun den Doktere richteg gehandelt ginn ass, et kann een déi Betreffen net méi froen, well déi sinn net méi do.

Déi Leit, déi also aus esou Ursachen eraus een Euthanasiewunsch entwéckelen, iwwert déi gëtt et ebe keng Statistiken. Et ass eben och genee dësen Aspekt, deen ech géif wëllen ernimmen, wann ech deen oft vun Euthanasiegeëigner benotzte Begrëff vun den „slippery slopes“ nennen. D'Angscht, wann d'Euthanasie an de Gebrauch iwwergeet, wann den Doud e Konsum kéint gi wéi een aneren, wann d'Offer bis do ass, dass dann déi Indikatiounen méi wäit kënnen gestallt ginn, dass de Schrëtt méi einfach, méi banal gëtt.

Dës Euthanasiegeëigner géif ech mech dann och net trauen, an de Camp vun den hoffnungslos Réckstännegen ze setzen. En fait ass et de Professer Twycross, Begrënner vun der Hospizbewegung an England a vun der Europäescher Associatioun fir Palliativmedezin, deen dës Begrëffer - „slippery slopes“ an Hospizbewegung - geprägt huet.

Ech wëll duerfir och nach e puer aner Stëmmen zitëieren, déi sech an dës Richtung expriméieren:

2005 huet d'Association médicale mondiale widerdroll, dass den délibéréierten Akt vun der Euthanasie konträr ass zur medezinescher Ethik. Am selwechte Sënn dréckt sech 2004 de Comité permanent vun den europäeschen Dokteren aus. Déi setzen nach hannendrun, dass si recommandéieren, dass d'Dokteren net sollen dobäi participéieren fir aktiv Stierfhëllef ze maachen, och wann national Gesetzgebungen d'Euthanasie dépenaliséieren.

Ech géif selbstverständlech wëlle verweisen op d'Avisé vun der Association des Médecins vum Collège médical, déi Der all kennt; och net vergiessen, dee franséischen Décisionsprozess ze rappeléieren, deen haut schonn e puermol ugeschwat ginn ass an deen och am Avis vum Statsrot ugefouert ass.

A Frankräich gëtt déi heiten Diskussioun, wéi an deene meeschten europäesche Länner, säit enger Rei vu Jore gefouert, jiddferee kennt de Fall „Humbert“, mä de franséische Législateur ass zum Schluss komm, dass en eben net wëllt, oder net elo wëllt de Wee vun der Dépenaliséierung vun der aktiver Euthanasie goen.

D'parlamentaresch Assemblée vum Europarot huet de 7. Juli 2007 eng Recommendation iwwert de Schutz vun de Mënschenrechter an d'Dignitéit vun den onheilbar Kranken an de Stierwenden ugeholl, déi recommandéiert, d'absolut Verbuuet oprechtzeerhalen, fir wëllentlech d'Liewe vun onheilbar Kranken a Stierwenden ze benden.

Dir wësst, dass och onse Lëtzebuurger Code de déontologie médicale den Dokteren Euthanasie ënnerseet. De Code de déontologie kann ee menger Meinung no net duerch e Fiederstréch ausser Kraaft setzen. Hei geet et net ëm politesch Interéten, mä villméi ëm eng Interpretatioun vum Dokteschberuff, un déi mer ons all ze halen hunn.

An der Kommissioun war gesot ginn, dat wier alles kee Problem, well ee Gesetz jo iwwert dem Code de déontologie stéing, da géif deen ebe séier geännert ginn.

Et war net ëmmer esou, dass d'Dokteren de Respekt vum mënschleche Liewen iwwer alles gesat hunn, an déi Beispiller, déi et fir esou ee Verhale gëtt, sinn net dozou ugedoen, ons hir Widerhuelung oder Imitatioun erstriewenswäert erschéngen ze loossen. Esou Saache loosse sech menger Meinung no net politesch dekreteieren.

D'medezinesch Deontologie an hir Iwwerwaachung ënnerläit an éischter Linn der Appräciatioun vum Beruff. Dat si Leit, déi am Serment d'Hippocrate schwieren, Liewen ze retten, Krankheet ze bekämpfen, an net Liewen ze huelen. Souguer wann esou en Usaz géif gesetzlech verfügt ginn, zweifelen ech drun, dass et de medezinesche Beruffer géif esou einfach falen, vu Prinzipien ofzeekelen, déi iwwer eng schrecklech laang Zäit fir gültig an noutwendeg gehale goufen.

Ech wëll hei och virdru warnen, dass mer duerch esou e Gesetz de Berufsstand vun den Dokteren op en Terrain ausserhalb vum Strofgesetz stellen. Een doutmaachen ass strofbar. Euthanasie dépenaliséiere bedeit, dass eng Berufskategorie ënner bestëmmte Konditiounen vun dësem allgemeng gültige Grondsaz befreit ass. Wou op där enger Säit e Bestriewen no Transparenz, no enger Demokratiséierung vun deem, wat mat engem Patient geschitt oder ze geschéien hätt, eng Tendenz vun onser Zäit ass, kritt duerch d'Dépenaliséierung vun der Euthanasie den Dokter esou vill Muecht, wéi e gesetzlech bei ons nach ni hat.

» Une voix.- Très bien!

» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Wat wier am Fong e Gesetz iwwer aktiv Stierfhëllef, wa mer net schonn eent, an zwar e gutt, rezent, iwwer palliativ Betreierung vu stierwenskranken Mënschen hätten? Et wier e Gesetz fir Grenzfäll. Grenzfäll si par Definitioun eppes méi Rares, a mir kënnen an dësem Fall dovun ausgoen, dass mat der flächendeckender Verfügbarkeet vu palliativer Betreierung wierklech nach just eng Handvoll vu Situatiounen sech géife presentéieren, wou e Patient no aktiver Euthanasie fret. Et mécht een awer a priori keng Gesetzzer fir Grenzfäll.

De Statsrot huet zu dësem Thema Folgendes geschriwwen; ech zitëieren aus sengen Avis complémentaire vum 20. Dezember d'lescht Joer: «Or, le projet de loi sous avis tel qu'il a été amendé par la commission parlementaire met dans son article 3 le médecin dans l'obligation de soulager efficacement la souffrance physique et psychique de la personne en fin de vie, même s'il fallait appliquer un traitement ayant pour effet secondaire d'avancer sa fin de vie, avant de l'en avoir informé et d'avoir recueilli son consentement. Cette disposition implique en cas de nécessité le recours à des techniques d'anesthésie entrant dans le cadre d'une sédation palliative, dont la profondeur sera guidée par le contrôle des symptômes.

Le Conseil d'État ne conçoit pas quelle pourrait être, dans le respect conséquent de cette disposition du projet de loi, l'applicabilité concrète de la condition énoncée dans la proposition de loi et notamment les critères d'évaluation de l'inefficacité d'une sédation palliative, alors que ces critères devraient être à la base d'un jugement objectif du médecin amené à provoquer délibérément la mort du patient concerné aux termes de la proposition de loi sous rubrique.»

Dat seet eigentlech alles, wat muss gesot ginn zur Noutwendegkeet vum Légiféréieren iwwer Stierfhëllef. Nämlech, dass se net méi ginn ass an deem Moment, wou de Patient, deen d'Kritäre vun der Uwendbarkeet vun der Euthanasie no der Proposition de loi erfüllt, kann op eng ëmfaassend palliativ Prise en charge zielen, déi em en Doud an der Dignitéit erméiglecht.

Rechtlech stelle sech och eng ganz Partie Froen am Zesummenhang vun engem eventuelle Vote vun der Proposition de loi. An zwar jenseits vun deem fir mech scho genannte problemateschen Exercice, deen dra besteet, dass eng bestëmmte Kategorie Leit, déi dann elo Medezin studéiert hunn, aus dem allgemenge strikte Verbuete entlooss ginn, engem Mënsch säin Doud kënnen bewosst erbäizeféieren.

A sinn et nëmmen Dokteren? Den Tiers, dee laut Proposition de loi kann eng Euthanasie praktizéieren, muss deen Dokter sinn, oder kann et eventuell och en anere sinn? Ech mengen d'Beispill vun der Schwäiz ass haut ugeschwat ginn, wou iwwregens net d'Euthanasie dépenaliséiert ass - dat huet den Här Huss net richteg gesot -, mä et gëtt am Schwäizer Gesetz e Kapitel an der Bähëllef zum Suicide, dat seet, wann een net a sengem perséinlechen Interêt handelt, dann ass dat net strofbar. Déi Fro ass jiddefalls fir ons net ofschléissend gekläert.

Et ass och net esou, dass Projet a Proposition just complémentaire wiere respektiv kéinte sinn. Dee gestëmmten Text vum Projet an dee proposéierten Text, dee mer elo diskutéieren, sinn op enger Rei Punkten inkompatibel. Wat zu cocassé Situatiounen kéint féieren, géif dann dës Proposition de loi gestëmmt.

Ech well där Punkten nëmmen zwee diskutéieren. Do geet et éischstens ëm e wichtege Prinzip. Mir hunn elo just en Text gestëmmt, dee virgesäit, dass bestëmmte Verhale vun Doktere stroffräi ginn, mä eent eben net, an dat ass d'Erbäiféiere vum Doud vun engem Mënsch duerch en individuellen, bestëmmten Akt.

Mat engem positive Vote vun der Chamber fir d'Proposition de loi wier dat bedeutungs-

los, well dann och genee dës Zort vun Akt explizit erlaabt ass. Regierungsvirlag an Deputéiertepropositioun gi prinzipiell vun anere Grondlagen aus. An där enger Welt bleift d'Doutmaachen, och op Verlaangen, strofbar, an an där anerer ass d'„Tötung auf Verlangen“ - wéi dat op Däitsch heescht - erlaabt. Fir mech ass dat net complémentaire, fir mech ass dat contradictoire.

Zweetens hu mer e Problem beim Inhalt vun der Patienteverfügung, wéi déi zwee Texter se virgesinn. Ob Directive anticipée oder Testament de vie wier à la rigueur nach egal, mä natierlech gëtt et bei deem, wat an esou engem Dokument soll stoen, méi quokeleg. De Regierungsprojet, also dat Gesetz, wat mer elo grad gestëmmt hunn, beiseet, dass déi Directive anticipée sech kann iwwert d'Aart a Weis ausloossen, wéi e Mënsch wëllt stierwe gelooss ginn.

Den Testament de vie vun der Proposition de loi geet do vill méi wäit a gesäit vir, dass eng Persoun soll kënnen anticipativ festleeën, dass hirem Liewe soll en Enn gesat ginn, wa se an enger bestëmmter Situatioun wier, also net méi fäeg, dat selwer ze froen, entweder duerch eng Pathologie oder an enger duerch en Accident erbäigefouerter medezinescher Situatioun, an där et nom aktuelle Stand vun der Wëssenschaft keng Heelung a kee Rétablissement ka ginn.

Gemäss der Proposition de loi kann e Mënsch also froen, fir doutgemaach ze ginn, a gemäss dem Palliativgesetz just, fir stierwe gelooss ze ginn. Do gëtt et genee dee feinen Ënnerscheed, deen eis an dëser Debatt scho jorelaang begleet an deen d'Essenz vun onsem Dissens ausmécht.

Des Weidere kann den Testament de vie vun der Proposition och d'Bestëmmung iwwert d'Begriefnis an d'Organspend beinhalten, wat bei der Directive anticipée vum gestëmmte Gesetz net de Fall ass.

Ech wëllt hei op laang Diskussiounen an der Kommissioun zrëckgräifen, well mer ähnlech Verfügungen och am Projet stoen hatten. Et wier sécher kontraproduktiv fir d'Organspenden hei zu Lëtzebuerg - Dir wësst, dass vill Leit verzweifelt op Organer waarden -, wann dëst an esou enger Patienteverfügung stéing, well mer eben, an dorëm beneiden ons vill vun onsen Nopeschlänner, e Gesetz iwwer Organspenden hunn, dat virgesäit, dass e Patient sech muss ausdrécklech géint e Prélèvement ausgesprach hunn, fir net prélevéiert ze ginn. Ech wëll aus praktesche Grënn dozousetzen, dass d'Patienten, déi de Konditiounen fir eng Euthanasie géifen entsprechen, warscheinlech och net a Fro kéime fir eng Organspend.

Onst Palliativgesetz kennt och keen obligatoreschen zentralen Enregistrement vun der Patienteverfügungen, wéi d'Propositioun e fuerdert. Och dat hate mer an der Kommissioun zimlech ausféierlech debattéiert. En zentralen Enregistrement ass praktesch onheemlech schwéier duerchzezéien, well: Wou géif dat gemaach ginn? Wien hätt wéini an a wellecher Situatioun en Zougrëff? Wat geschitt nuets an de Weekend, wann déi allermeescht zentral Plazen net zougänglech sinn, d'Kliniken an d'Dokteren awer nach riicht viruschaffen?

Et ass duerfir am Palliativgesetz eng méigleche Regelung iwwer Reglement virgesinn. Mir waren iwwerzeegt, dass een dee Moment, wou den Dossier informatisé du patient besteet, vun deem haut och scho geschwat ginn ass, iwwert deen Dossier, iwwert dem Patient seng elektronesch Kaart kann zwou Informatiounen matdeelen: éischstens, ob en eng Directive anticipée hannerluecht huet; an zweetens, wie seng Personne de confiance ass.

Dir gesitt - an dat ass wierklech problemaresch -, dass déi zwee Texter fir ons net kompatibel sinn. Et gesäit een och der Proposition de loi of, dass se weder an der Kommissioun nach am Statsrot diskutéiert an nogebessert ginn ass.

Dir hutt et alleguerten héieren, d'Association des Médecins huet bei hire Memberen eng anonym Émfro gemaach. Si ass schonn e puermol zitéiert ginn, an déi eng zitéiere léiwer déi eng Chifferen, déi aner léiwer déi aner. D'Resultat, wat d'Bereetschaft vun der Profession ubelaangt, selwer Euthanasie un de Patienten ze praktizéieren, läit bei ongeféier engem Drëttel vun den Dokteren, an do misst een nach déi eraushuelen, déi egal wéi net sollicitéiert wären, fir esou Akten ze setzen.

Mir wëllen ons nämlech haut wann ech gelift hei näischt virmaachen, Kolleeginnen a Kolleegen: D'Décisioun, déi lescht Décisioun, déi läit weder bei enger pluridisziplinärer Equipe nach bei der Famill nach bei enger Personne de confiance nach bei engem Testament de vie, a ganz oft net bei deem aarmen, hëlleflose Patient!

Déi final Responsabilitéit fir den Akt - an ech schwätzen hei net vun der juristescher Responsabilitéit -, déi läit beim Dokter selwer.

» Une voix.- Très bien!

» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Am Exposé des motifs gëtt ugefouert, dass eng vun den Ursaachen, Euthanasie a Bâihëllef vum Selbstmord ze dépenaliséieren, wier, well souwisou an all Länner, also och bei ons, Euthanasie géif prak-tizéiert ginn.

Ech wëll net behapten, dat wier a verschiddene Fäll net wouer. An alle Länner, wou Ëmfroe gemaach ginn, gëtt ëmmer erëm vun der Professiou ugefouert, et wier hinne virkomm, Patienten ze erlëisen, wa keng aner Méiglechkeet méi bestoung. Elo kann awer haut keen hei behapten, et géif oder et géif keng aktiv Euthanasie an onsem Land gemaach ginn, well mer keng Don-neeën hunn.

Ech géif awer wëllen an dësem Zesammenhang e Confrère, den Dokter Georges E. Müller zitëieren, deen an engem Artikel gesot huet: «Je ne fais aucun reproche aux confrères ayant pratiqué des euthanasies en âme et conscience, car il persiste des situations heureusement exceptionnelles,...» - do hu mer erëm den Ausnahmefall - «...où une telle décision peut paraître inévitable. Aucun médecin luxembourgeois n'a jamais été accusé d'euthanasie, mais c'est peut-être dû à l'absence d'accusation ou à la sagesse de notre justice. Je reste convaincu que les progrès de la médecine palliative, sous toutes ses formes, finira par rendre toute euthanasie superflue.»

Ech wëll och ze bedenke ginn, dass dës jo dann illegal Praktiken och duerch eng Dé-pénaliséierung vun der Euthanasie net verschwannen. Au contraire. An Holland gi weiderhin an ëmmer méi Euthanasie laanscht d'Modalitéite gemaach, déi d'Gesetz vir-gesäit, wann eben d'Konditiounen net rich-teg kënnen erfëllt ginn.

Et gëtt an Holland Euthanasie prak-tizéiert, wa keng Demande vum Patient virläit. Zweek Drëttel ginn op Demande vun de Famillje gemaach. 38% vun den Doktere ginn als eent vun de Motiver un, déi hiert Handele steieren, firwat dass si eng Euthanasie ge-maach hunn un engem Patient, dass d'Fa-milljen d'Situatioun net konnt erdroen.

De Stat huet dann och mëttlerweil opginn, Euthanasie ausserhalb vum strikte Geset-zeskader ze verfolgegen. Hien huet resi-gnéiert an huet de Status quo ugehall, wéi e virun der Aféierung vun de Gesetzer besta-nen huet.

Dir hutt vläicht héieren, dass an Holland eng Ouverture besteet, Euthanasie och u Man-nerjähregen a souguer Neigebuerenen ze prak-tizéieren. Hei geet et meeschtens ëm schwéier Handicapéierter. Dat steet zwar net esou am Gesetz, mä och dat gëtt net méi verfollegt. Hei doe sech da Welten op, déi mer gehofft haten, an Europa definitiv of-geschloss ze hunn.

Schlussendlech wëll ech nach eppes ze be-denke ginn, wat fir mech e gravë Problem mat der Teneur vun der Proposition de loi duerstellt. Dat huet ze di mat där Iwwerwaachungs-kommissioun, déi d'Euthanasie soll genehmegen.

Ech wëll just um Rand bemierken, dass déi Délaien, an deenen dës Kommissioun soll entscheeden, eigentlech zimlech surreal sinn. Schliesslech sinn déi Situatiounen, ëm déi et hei geet, där, déi ganz dacks bannent deem engen oder aneren Dag souwisou net méi existéieren, well déi concernéiert Pa-tienten da scho gestuerwe sinn. Mä dat ass net mäin Haaptproblem.

Den Haaptproblem, dee betrëfft d'Zesum-mesetzung vun där Kommissioun. Do sollen dräi Doktere siégéieren, dräi weider Vertrie-der vun „Betroffenen“ mat „End-of-life“-Situatiounen - dat sinn da wuel Membere vun deenen anere betreienden Equipen - an dräi an der Zivilgesellschaft engagéiert Leit.

Emol ganz dovun ofgesinn, dass ech net weess, wat deen zivilgesellschaftlechen En-gagement do soll sinn a wat esou Leit soll iergendeng Legitimatioun ginn, fir iwwer Liewen an Doud vun anere Mënschen ze entscheeden, sinn also hei zwee Drëttel vun de Membere vun där Kommissioun keng Dokteren. Netdokteren, déi, andeem se den Doktere sollen d'Euthanasie erlaben oder verbidden, am Fong eng Dokteschaarbecht maachen. Dat geet net! Dat ass onerlaab-ten Exercice vun der Medezin an deen ass strofbar.

Wa mer dës Iwwerleeung dann nach e bësse weiderféieren, da froen ech lech: Wat geschitt, wann emol e juristesche Recours géint eng Décisioun vun dëser Kommis-sioun soll geholl ginn? Et kann ee sech vir-stellen, dass emol e Familljemember, dee

vläicht net implizéiert war an déi Décisioun, géif eng Klo féiere wéinst Homicide. An zwar géint den Dokter, deen d'Euthanasie duerchgefouert huet, an da klorerweis och géint d'Kommissioun, déi dem Dokter seng Décisioun sanktionéiert huet.

An där Kommissioun sëtzen elo awer aus-ser dräi Memberen, déi géifen duerch d'Pro-position de loi d'Méiglechkeet kréien, Eutha-nasien duerchzeféieren, nach sechs anerer, déi dat awer net däerfen. Déi wiere jo an deem Fall, egal wéi d'Décisioun vum Ge-riicht ausfällt, schëlleg un engem Homicide.

Et ass an dësem Zesammenhang net ze verstoen, dass d'Auteurs vun der Propo-sition de loi net de Wee gaange sinn, déi d'Belsch an dësem Gesetz gaangen ass, wou soss dach den Text largement vum belsche Gesetz inspiréiert ass.

An der Belsch besteet d'Kommissioun aus 16 Memberen - bal duebel esou vill. Dovun-ner sinn d'Halschent Dokteren an dovunner erëm sinn d'Halschent Unisproffen, an dann hu mer nach véier Droitsprofesseren a schliesslech véier Memberen aus Beruffer, déi mat onheelbare Krankheete befaasst sinn. Mir sinn also wäit vun der Zivilgesell-schaft, déi bei ons soll iwwer Liewen an Doud kënnen mat entscheeden.

Déi ugefouert Problemer mat der Propo-sition de loi sinn esou gravéierend, dass, sou-guer wa mer géife majoritär d'Rechtferte-gung vun der aktiver Stierfhëllef akzeptéie-ren, dës Proposition de loi net dozou gé-eegent ass, se op eng akzeptabel Aart a Weis ze organiséieren an ze encadréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären! „Euthanasie gëtt vu reaktionäre Kreesser of-gelehnt an et ass duerch d'Blockéierung vun de Konservativen, dass mer nach keng esou eng Gesetzgebung hunn.“ Dat sinn esou Aussoen, déi an de leschte Wochen doruechter geegeschtert sinn op Table-ronden, an Diskussiounen an Artikelen.

Ech soen lech awer: Fortschrétt bedeit, jiddefalls an der Medezin an an der Wës-senschaft - an ech mengen, et géif der Poli-tik och ganz gutt ustoen -: dat fir sech ze beusprochen, e Problem erkennen, analy-séieren, remédiéieren; a wann dat mat de Moyens du bord net oder nach net méiglech ass, da fuerscht ee virun, fir Erkenntnisser a Methoden ze entwéckelen, fir dësen Zou-stand ze änneren a fir et besser ze maa-chen.

Dat ass d'Approche vun der Palliativmede-zin, der Onkologie an all deene Spezialitéi-ten - ech denken nach un d'Neurologie -, déi sech mat chronesch an terminale Krankheeten ofginn.

Wann awer de Fait, fir e Problem einfach aus der Welt ze schafen, andeem een dem Patient hëllef ze stierwen, soll progressiv sinn, dann hunn ech op iergendenger Plaz den Asaz net verstanen.

Ech wëlt all déi vun ons heibannen, déi wëlle fir dës Proposition de loi stëmmen, bidden emol ze probéiere sech an engem Dokter seng Haut ze versetzen. Ech hunn nämlech de leschte Samschdeg nach eng Fro gestallt krut, déi ee vun onse Confrèren engem vun den Auteurs vun der Proposition de loi gestallt hat, wéi dat da mat den ee-gene moraleschen an ethesche Prinzipien ass, fir esou eng Décisioun mam Dokter ze deelen. Firwat soll net ee vun ons heiban-nen eng kéier an de Fall gesat ginn, d'Sprët ofzedrécken oder d'Décisioun ein-fach praktesch an der Situatioun ze huelen? Well mir sinn haut bereet, oder déi, déi wë-len déi Proposition de loi stëmmen, dem Dokter esou eng Situatioun ze octroyéieren.

An et ass en haarden Ausdrock: octroyéie-ren. Et ass e puermol gesot ginn, dass den Dokter net gezwongen ass, fir dësem Wonsch och nozekommen a fir selwer eng Euthanasie ze prak-tizéieren. Mä et gëtt tëschent dem Dokter an dem Patient e Ver-trauensverhältnis. Dat féiert hien dozou, sengem Patient wëllen ze hëllef.

Mécht hien also géint seng Iwwerzeegung eng Euthanasie u sengem Patient oder léisst hien en am Stach? Ass dat eng ein-fach Décisioun, fir e virunzeginn un e Confrère, vun deem hien an iergendwann eng kéier nach vill aner Leit wëssen, dass e bereet ass, aktiv Euthanasie ze maachen, och u Patienten, wou hien d'Fäll net esou gutt kennt?

Et gëtt awer och ëmmer erëm praktesch Si-tuatiounen, dass grad Leit, déi sech a ver-zweifelten Zoustänn befannen - dat ass och oft an der Press gesot ginn; et ass och e Fait - an déi vläicht zu deem engen oder anere Moment de Wonsch ausdrécken, wëllen ze stierwen, hir Meenung nodréiglech änneren. Well all Dokter dat schonn emol erlieft huet, si mir nawell ganz virsiichteg an dëse Froen.

Dat heiten ass zesummefaassend d'Op-faassung vun onser Partei. Well mir traditio-

nell der Meenung sinn, dass an esou wich-tege Froen, wann et ëm perséinlech Déci-siounen geet an esou engem eeschten Thema wéi Liewen an Doud, jiddferee soll fir sech selwer seng Décisioun huelen, duerfir gëtt et an der Ofstëmmung vun dëser Pro-position de loi fir d'CSV-Deputéierte Gewës-sensfräiheet.

Mir sinn och dovun iwwerzeegt, dass dësen Débat, egal wéi d'Décisioun haut fält, net of-geschloss ass an dass den Thema aktiv Stierfhëllef, dee jo weiderhin an allen euro-päeschen an anere Länner fir Diskussiounen suert, wäert missen etappeweis weider diskutéiert ginn. Ech mengen, dass mer déi franséisch Diskussioun vun enger Situation d'exception musse kënnen novollzéien, wat awer fir ons eng ganz aner ass, wéi déi vun der Proposition de loi. Et huet eng ganz aner Nues, ob eng Kommissioun am Virfeld vun enger Décisioun e Fall genee analy-séiert an dann zu enger Konkusioun kënnt, wéi dat, wat an dëser Kommissioun, déi haut hei usteet, soll décidéiert ginn.

» M. le Président.- D'Madame Err wëllt eng Fro stellen, Madame Stein.

» Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rap-porteuse.- Madame Stein, wann Der hei iwwer eng Proposition de loi schwätzt, da wier et gutt, wann Der déi lescht Versioun géift kucken. Déi Kommissioun, vun där Dir schwätzt, hu mer iwwer Amendement erausgehall a se, wéi am belsche Gesetz, wéi Dir et gär gehat hätt, hannendru gesat. Esou vill just zu Ärer Kenntnis vum Dossier.

» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Dann huelen ech dat selbst-verständlech zrëck. Ech hunn déi lescht Amendementer nach eng kéier gesicht, fir sécher ze sinn. Mä dann ass et effektiv esou.

» Une voix.- Peinlech!

» Une autre voix.- Dat doten ass regel-méisseg.

» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Ech hunn nach ee Saz, da sinn ech fäerdeg.

Mir hätten et also léiwer gesinn, dass mer dem Gesetz iwwert d'Palliativmedezin eng Chance ginn hätten, ier mer zur nächster Etapp iwwergaange wieren. Dëst ass jo och d'Opfaassung vum nationalen Ethiksrot, dee fonnt huet, ons Gesellschaft wier haut an elo net zeideg, dës Décisioun ze huelen.

Mir wäerten an därselwechter Majoritéit an aus deenen Ursaachen, déi ech elo uge-fouert hunn, géint d'Proposition de loi stëm-men.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Stein. Den nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

» M. Carlo Wagner (DP).- Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt fir d'alleréischt emol den Auteurs vun där hei-ter Proposition de loi, der honorabler Ma-dame Err an dem honorablen Här Huss, fé-licitéieren a Merci soe fir deen onermidd-lechen Asaz, dee se un den Dag geluecht hunn, an dat zënter 2002.

Ech hat mer erlaabt an der viregter Diskus-sioun schonn drop hinzewiesen, dass ech der Meenung sinn, dass d'Palliativmedezin an d'Stierfhëllef sech ergänzen. Dat eent schléisst dat anert net aus. Palliativmedezin ass kee Remède universel, contrairement zu deem, wat d'Géigner vun der Euthanasie ëmmer erëm wëlle gleewen dinn. Et sinn och an de leschte Wochen a Méint vill On-wouerechte vun de Géigner vun der Pro-po-sition de loi Err/Huss verbreet ginn, notam-ment an enger grousser Dageszeitung, déi eigentlech ugëtt fir d'Wourecht anzetrieden.

Et si vun den Auteurs vun dëser Proposition de loi schonn eng Rei Argumenter widder-luecht ginn. Ech erlabe mer mengersäits op verschidde Punkten anzegoen.

Fir d'alleréischt bedauern ech, dass eng gewëssen Intolérance bei den Euthanasie-géigner un den Dag geluecht gëtt an oft verbal Attacke lancéiert ginn, déi eigentlech an esou engem Débat guer näischt verluer hunn. Et ginn Onwouerechte verbreet an et gëtt bewosst eng gewësse Konfusioun hier-gestallt. Esou gëtt heiandsdo d'Wuert „Eutha-nasie“ aus sengem eigentleche Kontext erausgerappt a probéiert, fir em méi eng pejorativ Konnotatioun ze ginn. Et misst awer kloer sinn, dass, wa mer hei vun Eu-thanasie schwätzen, mer vu Stierfhëllef schwätzen, an net vun Ausrotte vu liewens-onwäertem Liewen. Dat op kee Fall!

D'Géigner schwätzen ëmmer erëm, sief et fir ze provozéieren oder aus soss welche

Grënn, vu Mord an töten. Dobäi ass jo awer kloer, dass mer ënner Mord oder déiden en Akt verstinn, dee ganz kloer géint de Wëlle vum Opfer gericht ass. Dat ass bei der Stierfhëllef awer manifestement net de Fall. Hei gi prezis a strikt Konditiounen erfëllt, an dat op explizite Wonsch vum Patient selwer, dee sengem Leiden, sengem Misär, jo sen-ger Qual wëllt en Enn setzen.

Et gëtt gesot: Mir maachen d'Medeziner zu Handlanger, zu Komplizen, jo souguer zu Mäerder. Dobäi ka keen Dokter obligéiert ginn, en Euthanasieakt duerchzeféieren, wann dat géint seng Convictioun geet.

De Sondage vun der AMMD huet gewisen, dass wuel eng Partie, nämlech 36% vun de Medeziner an als Medeziner sech fir d'Eu-thanasie ausgeschwat hunn, esou dass mer doudsécher och Doktere fannen, wann also sollt e Fall vun Euthanasie exekutéiert ginn; och wann déi Medeziner, déi Dokteren, dat doudsécher net wäerten de gaieté de cœur maachen. Natierlech riicht sech de Bléck op d'Medeziner, wann de Wonsch vun Eutha-nasie bei engem Patient besteet. Bei der Palliativmedezin ass dat guer net anescht. Hei gëtt och op d'Medeziner an op d'Spi-dolspersonal zrëckgegraff, à condition, dass se déi richteg Formatioun hunn.

Da gëtt ëmmer erëm vun der Onantastbar-keet vum Liewe geschwat, haaptsächlech a chrëschtliche Kreesser. Ech wëll elo net op d'Debatte kommen, déi hei an de 70er Jo-ren zu den Themen Avortement an Dou-desstrof gefouert goufen. Mä et war kome-scherweis d'CSV, déi jo haut esou gären d'Inviolabilitéit vun de Leit, vum Liewen ervirhieft, déi op alle Fall beim Ofschafe vun der Doudesstrof net do war an dat Ofsetzen net ënnerstëtzt huet, also forcément akzep-téiert huet, dass ee Mënsch engem anere Mënsch säi Liewen ewechhëlt, an dat na-tierlech géint deem säi Wëllen. Kënnt een hei net éischer vu Mord oder vun Déide schwätzen?

Mir wëssen, an ech hunn et schonn éi-nescht ugeschwat, dass och d'Palliativ-medezin zum Doud féiert. Mä hei gesinn d'Géigner vun der Euthanasie manner e Problem, well d'Intentioun eng aner ass; eng nobel an hiren Aen. Ass dat da bei der Euthanasie net de Fall? Gëtt éieren engem Dokter, deen engem Patient hëllef, hie vu sengem Leiden ze befreien, eng onéierlech oder onmënschlech Intentioun ënnerstallt? Hunn nëmme just d'Verfechter vun der Palliativmedezin an d'Géigner vun der Eu-thanasie de Monopole du cœur?

Et gëtt och nach gesot, eng Dépénalisa-tioun vun der Euthanasie hei zu Lëtzebuerg géif d'Dier fir Abusen opmaachen. Mir wë-len ebe just grad, andeems mer e legale Kader setzen a strikt Konditiounen festleeën, d'Méiglechkeet vun Abusë maximal redu-zéieren. Och wann ëmmer erëm de Géigen-deel gesot gëtt vu passionéierte Verfechter vun eleng der Palliativmedezin, gëtt et haut scho Fäll vun Euthanasien, déi awer illegal, verstoppt, hannert zouenen Diere stattfan-nen. Dat ze niéieren, ass einfach d'Realitéit vum Terrain verkennen.

An erlaabt mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech hei den Dokter Ber-nard Thill zitëieren. Ech mengen, Dir kennt en allegueren. Et ass en eminente Spezia-list a Palliativmedezin, dee ganz, ganz vill Mériten an deem Domän huet. Hien huet e Freideg, de 15. Februar, am Lieserbréif ën-nert dem Titel „Brauchen wir wirklich eine Legalisierung der Euthanasie?“ vun den Doktere geschwat.

Hie seet beispillsweis, ech kommen op déi Zitatioun, déi ganz interessant ass: „Wer Schwerstkranke und Sterbende betreut, weiß, dass er wie jeder Arzt gut beraten ist, sich ständig fortzubilden, um immer auf dem neusten Wissensstand zu sein und sich somit immer vor Gericht rechtfertigen zu können, auch dann, wenn er einmal gezwungen sein sollte, bei einem Schwerst-kranken in einer Extremsituation eine Thera-pie in die Wege zu leiten, die den sofortigen Tod herbeiführen würde.“

Also, Dir Dammen an Dir Hären, loosse mer net soen, just bei der Euthanasie géifen déi doten Akte gesat ginn. D'ailleurs, de Bilan bei eise belschen Noperen huet gewisen, dass et net zu Abusen an deene Jore säit der Dépénalisatioun vun der Euthanasie komm ass.

D'Zuelen allgemeng weisen och, dass relativ weíneg Euthanasíe getátegt goufen. Vun deem Dammbroch kann also guer keng Rieds sinn.

D'Verfechter eenzeg an eleng vun der Palliativmedezin a Géigner vun der Stierfhëllef soen awer, dass déi Fäll, bei deenen d'Palliativmedezin náischst géif bréngen, extrem rar wären. Et géif sech hei ëm Ausnahmefäll handelen, an dowéinst bräicht ee kee Gesetz.

Dat ass dee Ràsonnement, deen ech mam beschte Wëllen net novollzéie kann. Mir wëssen all, dass d'Stierfhëllef net eng Majoritéit vu Patiente wäert betreffen, mä et gëtt awer Fäll, wou d'Demande no Stierfhëllef wäert Sënn maachen, an ech hunn d'ëinescht scho bei menger éischter Interventioun de Fall vum Vincent Humbert a Frankräich zitëiert.

Solle mer déi Fäll einfach ignoréiere mam Argument, et wären Ausnahmen?!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer awer wëlles hätten, op dee Wee ze goen, da missten hei am Land eng ganz Rëtsch vu Gesetzzer ofgeschaaft ginn, well se net eng gewësse Masse critique vu Leit concernéieren.

Mir stellen hei d'Fro: Déi Leit, déi esou rasonnéieren, verlaangen déi éieren och nach, dass mer sämtlech Efforten astellen, déi mer maachen, fir Maladies rares kënnen ze heelen? Solle mer och déi Moyaenë stoppen?

Ech mengen, dat eent gehéiert zu deem aneren!

Mat der Dépénalisatioun vun der Euthanasie gëtt d'Stierfhëllef och net obligatoresch, weder fir deen eenzelne Patient nach fir deen eenzelnen Dokter, mä et iwwerléisst een him de Choix.

Et ass jiddferengem säi gutt Recht, säi leschte Wee ze goen, esou wéi et deem-jéinege senger Opfaassung entsprécht. Mir respektéieren de Choix vun deenen, déi aus reliése Grënn oder anere Grënn wëlle bis zum Enn hiert Kräiz droen.

Et gëtt awer och Leit an eiser Gesellschaft, déi net onbedéngt wëllen oder bereet sinn, oder d'Kraaft opbréngen, fir op dee Wee ze goen. L'imitation de Jésus-Christ ass net jiddferengem seng Philosophie. Vill Leit, an dozou zielen ech mech och, plädéieren éischter fir de Libre arbitre, fir sech selwer entscheeden ze kënnen, wat mat engem geschitt.

Hei ass awer eng Minoritéit amgaang, enger Majoritéit vu Bierger de Choix wëllen ze verbidden, a si versicht hir Vue, hir Weltanschauung ze imposéieren. Ech wëll erënnere un dee leschte Sondage vun e Samschdeg vun der TNS ILRES, bei deem erauskomm ass, dass ongeféier 78% - oder eppes Klenges driwwer souguer - vun de Leit hei zu Lëtzebuerg fir d'Euthanasie sinn.

Eng Dépénalisatioun vun der Stierfhëllef obligéiert kee Mënsch dozou, dës an Usproch ze huelen. Grad ewéi haut kee Mënsch forcéiert gëtt, sech scheeden ze loosse, wann en dat net wëllt - och wa mer ee Gesetz hunn, dat him dat erlaabt.

An engem Artikel an enger grousser Dageszeitung hunn ech viru kuerzem gelies als Argument géint d'Stierfhëllef, kee Mënsch géif nëmme fir sech eleng liewen, jiddferee wär méi wéi een Individuum, wär ëmmer een Deel vun der Gesellschaft.

Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann déi Opfaassung deelen. De Mënsch kann also net eleng op sech gestallt sinn. Richtig! Wëllen awer net just grad déiselwecht Leit, déi géint d'Stierfhëllef sinn - an hei muss ee vläicht nach emol dat Wuert „Hëllef“ ënnersträichen -, wëllen net grad déi Leit de Mënsch mam Doud éischter eleng loosse?

Wéi gesäit et aus mat der chrëschtlecher Nächsteléift, wann e Mënsch no Hëllef rëft, fir kënnen erléist ze ginn, an et ass awer keen do, deen him hëlleft?

Bei allem Respekt nach eng Kéier fir déi perséinlech Opfaassung vu jiddferengem, mengen ech, dass d'Zäit awer elo komm ass fir en Émdenken op deem Plang. Bei aller Unerkennung fir déi grouss Efforten, déi mir um Niveau vun der Palliativmedezin gemaach hunn: Si kann net ëmmer alles, och wann hir Mériten enorm sinn.

D'Palliativmedezin an d'Stierfhëllef sinn net inkompatibel. Si schlësse sech net géigesäiteg aus. Neen, si si komplementar, si ergänze sech.

Grad déi, déi ëmmer d'Wüрд vum Mënsch ervirhiewen, solle sech froen, ob et mënschewierdeg ass, eng Persoun bis zum bäteren Enn a géint hire Wëlle leiden ze loosse.

Et ass am Virfeld vun dësen Debatte vill an heiansdo hefteg diskutéiert ginn, a mir wëssen nach net genau, wéi d'Décisioun haut wäert ausfallen. Do hänkt viles vum Vote vun de Verrieder vun der LSAP of, déi - ech muss nach eemol drun erënnere - an hirem Wahlprogramm 2004 stoen haten, an ech zitëieren: „Der Arzt, der dem Wunsch eines Patienten nach Sterbehilfe nachkommt, darf nicht länger strafrechtlich verfolgt werden.“

Ech erënnere och nach eng Kéier un d'Resolutioun, déi vun den Hären Huss, Bausch, mä awer och Krecké a Bodry zesumme mat der Madame Err ënnerschrivwe gouf a wou et heescht - ech zitëieren: «La Chambre des Députés se prononce en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire sous certaines conditions, éventuellement par le biais d'une justification légale ou d'une excuse.»

De Sozialisten hir Positioun schéngt deemno kloer, a si missten eigentlech d'Proposition de loi stëmmen, déi vun hirer Fraktiounskolleegin Lydie Err matgeschrivwe gouf. Et sief dann, d'LSAP brécht ënnert dem Drock vun hirem grousser Koalitiounspartner an d'Knéien an ënnerstëtzt dëse Projet net geschlossen...

(Interruption)

...oder majoritär net.

Här Bodry,...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Loosst den Här Wagner seng Iwwerleeung zu Enn féieren, wann ech gelift!

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Här Bodry, ech hunn dat ugedéit, wëssend awer, dass ech - mengen ech - Vertrauen an Iech kann hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fadenscheineg Argumenter wéi déi vum Statsrot, déi zwee Texter wären inkompatibel, kënnen mir net gëlle loosse.

Och d'DP huet sech 2004 an hirem Wahlprogramm fir eng gesetzlech Regelung vun der aktiver Stierfhëllef engagéiert - ech zitëieren: „Wir werden uns weiterhin für eine gesetzliche Regelung betreffend die aktive Sterbehilfe einsetzen. Unser Glaube an die Freiheit bedingt, dass jeder Mensch in jeder Situation frei über sich verfügen können muss. Wir wollen uns für eine einfache, aber strenge gesetzliche Regelung einsetzen, die die Würde sowie den Willen des unheilbar Kranken und Sterbewilligen, aber auch des Arztes respektiert. Wir denken, dass unser gleichmäßiger Einsatz für die Palliativmedizin und für die Sterbehilfe den freien Willen jedes Betroffenen zu jedem Moment respektiert.“

Bei der CSV wësse mer, dass et méi wéi schwierereg gëtt, hir Volleksverrieder vum Bien-fondé vun esou enger Léisung ze iwwerzeegen. Offiziell besteet bei hinnen och kee Fraktiounszwang, gleeft een den Aussoe vun eise Premier, mä wéi gesot, herno beim Vote wäerte mer gesinn, wéi et dee Moment mat de Verrieder vun der CSV ass, oder ob se nach ëmmer getrel sinn dem Motto: „Konservativ an de Prinzipien, fortschrittlech an de Positiounen“ - egal wat dat och ëmmer heesche soll.

Mir sinn op alle Fall gespaant op dëse Vote. Fir mäin Deel wëll ech awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass an eisen Ae jiddferen d'Recht huet, iwwer sech selwer entscheeden ze kënnen, dat besonnesch um Liewensenn, an dat am Sënn vun enger Eegebestëmmung.

Ech wëll zum Schluss, Här President, och nach de latäinesche Philosoph Seneca zitëieren. De Seneca huet sech ëmmer agest fir d'Liberté politique a fir d'Justice sociale. Hien huet als Penseur notament och esou Leit inspiréiert wéi de Saint Augustin an de Montaigne. Ech zitëieren de Seneca: «La mort est quelquefois un châtement; souvent c'est un don; pour plus d'un, c'est une grâce.»

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, während dem Vote hoffen ech op alle Fall, dass vill Leit heibanne sinn, déi och un déi Leit denken, fir déi den Doud une grâce ass.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Wagner. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Bodry. Här Bodry, wann ech gelift.

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt iwwert den Doud an iwwert d'Liewen ass ni eriwuer. Ech deele ganz gären déi Ausso vun eise Premierminister. Hien huet se virun e puer Joer gemaach. D'Debatt iwwer Doud an iwwer Liewen ass och net eriwuer mat der Ofstëmmung iwwert de Regierungstext iwwert d'Stierbegleedung an déi indirekt Stierfhëllef, déi mer grad eestëmmeg virgeholl hunn.

D'Debatt iwwer Doud a Liewen ass net eriwuer an der Öffentlechkeet. Si ass net eriwuer bei deene ville Leit, déi occasionnell oder dagdeeglech duerch hire Beruff mat doudkranken Patienten, mat Froen also vu Liewen an Doud, ganz konkret befaasst sinn. Déi Debatt geet vläicht net an der Chamber weider, mä dobausse geet se all Dag virun.

An deenen dote Froen дәerf et a mengen Aen och keng Tabutheme ginn. Themen, déi een net дәerf uschwätzen, déi een net дәerf behandelen, zemoos wann et Theme sinn, déi awer enger Realitéit um Terrain entsprechen.

Et ass gutt, dass iwwert d'Gesetzespropositionen Err/Huss d'Fro och vun der aktiver Stierfhëllef thematiséiert gëtt, zemoos och, well - an dat weess jiddferen, och wann en dat vläicht net zougëtt - d'Grenze vun enger sougenannter indirekter Stierfhëllef op eng sougenannt aktiv Stierfhëllef äusserst onge-nau an äusserst flou sinn. Si sinn oft fleis-send. Mëssbräich sinn a béide Fäll méig-lech. Si sinn ni zu 100% auszeschleissen.

Am Fall vun dëser Gesetzesproposition gëtt awer e Kontrollmechanismus virgesinn, deen am Regierungstext bei der souge-nannter indirekter Stierfhëllef net virgesinn ass. Dëse Gesetzesvorschlag - an d'Lydie Err huet et ganz däitlech gesot - ass kee Fräischäin, fir doutzemaachen, wéi dat do-baussen an och heibannen ënnerschwellig probéiert ginn ass duerststellen.

Dës Proposition stellt villméi de Versuch duer, d'Recht op d'Selbstbestëmmung vum Eenzelnen an de Vierdergrond ze stellen. D'Recht vum Eenzelnen, deen onheelbar krank ass - ech betounen dat nach eng Kéier -, säi Liewen an och säin Doud esou ze organiséieren, wéi hien dat fir richtig féinnt.

Trotz immense Fortschritter an der Palliativmedezin, bei de Schmäerztherapien, trotz Verbesserung vum der Betreierung och vum eenzelne Patient, besonnesch och hei zu Lëtzebuerg, gëtt et nach wie vor Fäll, Hypotheesen, wou een engem Mënsch säi Recht ze bestëmmen, wéi e stierft, net дәerf huelle an een dat Recht net дәerf an esou engem Fall am Endstadium eigentlech vu sengem Liewen an d'Hänn vun Drëtten ginn. Dat muss e Recht sinn, wat deen Eenzelne fir sech behält.

D'Recht op d'Liewen, op d'Verpflichtung Liewen ze schützen, dat ech deelen, hält allerdéngs do op, wou den Eenzelnen dat Recht selwer a seng Hand hält a wëllt bestëmmen, wéi hien d'Enn vu sengem Liewe gestalt. Den Eenzelne soll e Choix behalen - hei kritt keen e Choix imposéiert - an e soll besonnesch och an der leschter Phas vu sengem Liewen net entmündegt ginn.

Dës Gesetzesproposition setzt der Stierfhëllef e strengen, e ganz enke Kader. Dee Kader betrëfft d'Konditiounen, an deem Stierfhëllef ka geleescht ginn. Dee Kader betrëfft de Krees vun deene Betraffenen, déi iwwerhaapt a Fro kommen. Dee Kader, deen d'Proposition de loi festleet, betrëfft och de Respekt vum Wëlle vum Patient: Wéi muss dee Wëlle sech artikuléieren? Wéi ass ee sécher, dass dat wierklech de Wëlle vum Patient ass? Et betrëfft och d'Kontrollen, déi virgesi sinn.

Ech si perséinlech zefridden, och wann et aneren Deputéierten hei entgaangen ass, dass d'Proposition de loi vun den Auteuren an deem Sënn emgeännert ginn ass, dass dee Kontrollmechanismus ex post ass, dee préalablen, dee virgesi war, erausgeholl ginn ass, well ech vun Ufank un der Meinung war, dass dat zu enger Iwwerbürokratisierung gefouert hätt vun deem ganze System, zu ze ville Prozeduren, déi et praktesch onméiglech gemaach hätten, dass dat Gesetz an der Praxis hätt kënnen voll zur Geltung kommen. Duerfir sinn ech frou, dass d'Auteuren déi dote Bestëmmungen aus hirer ursprüngelecher Proposition erausgeholl hunn a mer elo och méi no um belschen Text sinn; och wat deen dote Punkt ugeet.

Euthanasie дәerf also nëmme praktizéiert ginn, wann e Patient dat ausdrécklech verlaangt. Wann hien net méi à même ass, dee

Wëllen auszedrécken, da ka sech op eng testamentaresch Bestëmmung beruff ginn. Et zielt also eenzeg an eleng de Wëlle vun deem Doudkranken. Et zielt net de Wëlle vun der Famill oder de Wëlle vum Émfeld.

Et ass mäin Uleies - ech wëll dat och hei besonnesch ervirsträichen, an ech si sécher, dass d'Auteure vun der Proposition de loi dat Uleies deelen -, dass eppes, wat als absolut Ausnahm geduecht ass - d'aktiv Stierfhëllef -, net дәerf zu enger Selbstverständlechkeet an net дәerf zum Regelfall ginn. D'aktiv Stierfhëllef muss eng absolut Ausnahm fir Ausnahmesituatiounen bleiwen. Dat ass och dee Kader, deen d'Proposition de loi hei festleet.

Duerfir bedauern ech, dass hei och an der Ried vun der CSV-Verriederin esou ënnerschwellig dach awer Ennerstellunge gemaach gi sinn, wéi wann dat heiten elo den Einstieg wär an eppes vill méi Dramatesches. Dat wëll ech op jidde Fall net, an ech si sécher, dass och d'Auteure vun der Proposition de loi dat net wëllen.

Villes ass individuell an net ze norméieren. Dat hunn ech gesot beim Gesetzestext vun der Regierung. Dat gëllt selbstverständlech och fir dës Proposition de loi. Et bleift awer, dass de Gesetzesvorschlag duerch seng strikt Konditiounen, déi e setzt, an duerch den obligatoreschen enke Kontakt an déi enk Begleedung tëschent dem Patient an dem Dokter, déi virgeschriwwen sinn, wou eng Informationspflicht och vum Dokter besteet, fir de Patient op alles hinzewiesen, wat et vu Méiglechkeeten, vun Therapië gëtt a wat eventuell d'Konsequenze vu sengem Wëlle sinn, fir mech eng ganz Rëtsch vu Garantie beinhalt; genuch Garantien, fir ze verhënnere, dass déi Stierfhëllef kéint iergendwéi zu engem Regelfall ginn. Et bleift eng Ausnahmesituatioun.

D'Prioritéit bleift an alle Fäll - an ech stinn do zu deem Vote, dee grad gemaach ginn ass, virun enger gudder Stonn - den Ausbau vun der Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg. Et soll alles gemaach ginn, dass et net muss zu enger aktiver Euthanasie kommen. Ech mengen, dass mer awer nach net esou wäit hei zu Lëtzebuerg sinn.

Loosse mer virun allem awer och d'Hypocrisie net ze wäit dreiwien. A loosse mer et ganz kloer gesinn - a bal jiddferee kéint vläicht aus sengem Familljekrees oder Frëndekrees och hei Beispiller nennen -, dass et Euthanasie, ob se elo aktiv oder indirekt ass - wéi gesot, déi Definitiounen si ganz fluctuant - ëmmer ginn ass, och haut nach gëtt an och an Zukunft wäert ginn, egal wat fir een Text schlussendlech hei an der Chamber gestëmmt gëtt, oder wat fir eng Texter an der Chamber gestëmmt wäerte ginn.

Loosse mer och berücksichtegen, dass par rapport zu deem Zäitpunkt, wou déi Proposition de loi vum Lydie Err a vum Jean Huss hei déposéiert ginn ass, een elo scho kann op eng praktesch Uwendungszäit zrëckkucken. An der Belsch, wou praktesch deeselwechten Text elo eng Rei vu Joren en vigueur ass a wou déi Bilanen, déi gezu gi sinn, weisen, dass déi Ängschten, déi geäussert gi sinn, déi Risiken, mat deene gerechent ginn ass, sech net agestallt hunn an der praktescher Émsetzung vun deem heite Gesetzestext.

Et kéint een och an aner Länner goen. Ech hunn e bëssen nogeschloen. Och am Oregon zum Beispill - deen eenzegem amerikanesche Stat, deen eng ähnlech Bestëmmung kennt - sinn Etüde gemaach ginn. Déi weisen, dass och do déi Ängscht zum Beispill, déi och geleeëntlech hei zum Ausdrock kënn, fir ze soen: Do gëtt dat dote benotzt, fir eng Kategorie vu Patienten ze liquidéieren - loosse mer dat emol esou ganz haart soen -, sech net bewahrheitet huet.

Dat ass zueleméisseg ganz beschränkt bliwwen. Ee vun dausend Doudesfäll ass op Euthanasie zrëckzeféieren an deem amerikanesche Bundesstat. Et huet sech erausgestallt, dass déi Leit, déi dovunner Gebrauch maachen, Leit sinn, déi en héije Bildungsstand hunn, also net Leit sinn, bei deenen ëmmer gefaart ginn ass, dass déi bei esou engem System vläicht géifen ënnert d'Rieder kommen, well se sech net kéinte wieren.

Et beweist also, dass an deene Länner - ech gi gären zou, dat sinn der net vill; d'Majoritéit vun de Länner huet keng esou eng Regelung -, wou déi Regelung do besteet, an notament déi, déi ähnlech Texter hu wéi dat, wat hei proposéiert ass, déi praktesch Erfahrung net deene Recht gëtt, déi viru Risike warnen, mä éischter deene Recht gëtt, déi mengen, dass dat heiten eng zolidd Rumm wär, wou een och kéint an deenen nächste Jore praktesch drop schaffen.

D'Linderung vu Leed, Schmäerztherapie, Stierbegleedung a Stierfhëllef als Aufgab

vum Dokter a vun der medezinescher Versuerung sinn net kloer vuneneen ofzegrenzen. Et ass e Ganzt an et ass ënnerenee verstréckt. Si sinn a mengen Aen och als Ganzt mat der Ethik vum Dokter vereinbar. Duerfir ass et fir mech och net kontradiktoreesch, wann ech virdrun de Gesetzesprojet vun der Regierung gestëmmt hunn, deen een Deel vun deenen Aspekter ofdeckt, a wann ech elo soen, dass ech wëll d'Proposition de loi vum Lydie Err a vum Jean Huss stëmmen, déi en aneren Deel vun deem ganzen Domän do ofdeckt.

Et ass sécherlech noutwendeg, wann deen Text hei ugeholl gëtt, dass Adaptatiounen gemaach ginn. Ech sinn awer iwwerzeegt dovunner, dass de Mechanismus vum Second vote constitutionnel, wéi mer en hei zu Lëtzebuerg kennen - well eigentlech ass dat heiten elo en éischte Vote, dee mer nëmme virhuelen -, et méiglech mécht, déi dote Froen an engem rasonnablen Délai ze tranchéieren, ze regelen, esou dass fir mech do eigentlech keen oniwirwindbare Problem besteet.

Ech wäert also, dat hutt Der erausfonnt, hei mat Jo stëmmen. Jiddferee vun eiser Fraktioun mécht dat, wéi hien dat fir richtig fënn, well dat heiten eng Gewëssensfro ass.

Ech sinn e bëssen erstaunt, dass grad de Verrieder vun der Demokratescher Partei, wou bei hinne jo anscheinend bei näischt Fraktiounsdisziplin besteet a wou nëmmen d'Gewëssen zielt, enger anerer Partei géif virwerfen, dass se d'Gewëssensfräiheet an enger ethescher Fro virun hire Wahlprogramm géif stellen. Dat ass fir mech ganz erstaunlech fir e Verrieder vun enger Demokratescher Partei!

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Hâr Bodry. Den nächste Riedner ass den Hâr Huss. Hâr Huss, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech als Copporteur virdru schonn déi wichtegst Punkte vun der Proposition de loi kuerz erkläert hat an op eng Rei vun Ënnerscheeder mam Palliativgesetz higewisen hat, wou eis Proposition de loi méi wäit geet, wëllt ech als Fraktiounsspriecher fir déi Gréng hei elo nach eng Kéier erklären, firwat déi Gréng souwuel d'Soins palliatifs an d'Schmäerzbeekämpfung a gläichzäiteg awer och, ënner gesetzlech festgeluechte Konditiounen, d'Dépénaliséierung vun der aktiver Stierfhëllef a vun der Bähëllef zur Selbsterléisung, also vum Suicide, ënnerstëtzen.

Fir eis sinn déi zwou Approchen net nëmme complémentaire, si sinn allen zwou gläich respektabel.

Dir Dammen an Dir Hären, deemno wéi de Vote heiriwwer awer herno an der Chamber ausgeet, kréien d'Leit dobaussen dës lescht Fräiheet, dat elementaart Recht op Selbstbestëmmung, oder et bleift alles beim Allen, bei där aktueller Gesetzgebung, an där eng bestëmmten Doctrine a Philosophie all deene villen anere Mënschen, deene meeschten dobaussen, dat Mëscherecht op Selbstbestëmmung net wëllt zougestoen!

Dir Dammen an Dir Hären, mir Gréng verstinn, dass ee bei esou Froen kann onsécher ginn, dass ee kann zécken. Grad dofir gëtt et jo schonn zënter Joren - wierklech zënter Jore schonn! -, mä besonnesch an deene vergaangene Wochen a Méint eng ganz intensiv Diskussioun iwwert de Pro an de Kontra an der Press, bei Radio an Televisioun an an de Medien insgesamt.

Ech wëllt vun dëser Plaz och grad all deenen, ob kathoulesch Theologen oder Dokteren, Merci soe fir hir Bättråg zu dëser Diskussioun, obscho mer natierlech op enger ganzer Rei vu Punkten enger komplett anerer Meenung bleiwe wéi si, wéi zum Beispill dem Standpunkt vun der kathoulescher Theologie, wéi e relativ eesäiteg ëmmer erëm am „Wort“ zum Ausdrock koom. Insgesamt huet dës Diskussioun jiddefalls gewisen, dass eng positiv Sträitkultur net nëmmen hei an der Chamber, mat och dobaussen an der Société civile méiglech ass.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat haut de Mëtteg schonn op eng Rei Ënnerscheeder tëschent dem Palliativgesetz an dëser Proposition de loi higewisen, an dobäi virun allem op zwou Insuffisancen:

Éischstens, am Palliativgesetz - ech maachen dat just nach eng Kéier kuerz, well et sech do just op de Stade avancé oder terminal vun enger Krankheet beschränkt - hunn ech d'Fro opgeworf: Wat geschitt awer mat all deenen anere Fäll, mat all deene Vincent-Humberten, déi et gëtt? Ech hunn do

scho virdru gesot, dass fir all esou Fäll de Regierungsprojet keng Léisung bréngt, mä am Contraire an eisen Aen esou Leit eleng léisst, am Stach léisst, och wa vereenzelt Palliativmedeziner - mä et sinn europawäit just vereenzelt - behaapten, si géifen och esou Situatiounen an de Grëff kréien, Euthanasie wier also komplett iwwerflësseg.

Si hunn allerdéngs bis haut net seriö erklären kënnen, wéi se esou Fäll da wierklech mënschewierdeg an dem Wëlle vun dem Betreffenen entspriechend an de Grëff géife kréien. Elo zitëieren ech nach eng Kéier dat selwecht, wat virdru schonn den Hâr Carlo Wagner zitéiert huet, aus engem Artikel am „Tageblatt“ vun engem Lëtzebuurger Palliativmedeziner - Zitât -: „(...) ausser wenn er gezwungen sein sollte, bei einem Schwerstkranken in einer Extremsituation“ - si erlauben et dann dem Dokter - „eine Therapie in die Wege zu leiten, die den sofortigen Tod herbeiführen würde“.

Dir Dammen an Dir Hären, „eine Therapie in die Wege zu leiten, die den sofortigen Tod herbeiführen würde“: Wat ass dat dann? Ass dat iere keng Euthanasie? A wann dat keng Euthanasie ass, wat ass et dann, „den sofortigen Tod herbeizuführen“? Ech muss soen, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech als einfache Stierflechen dës Logik net ka verstoen, wann an deemselwechte Bättråg deeselwechten Dokter sech dann erëm eng Kéier géint d'Euthanasie ausschwätzt, well dat „töten“ wier.

Dir Dammen an Dir Hären, och de Collège médical a sengem Avis vun 2002 gëtt zou, dass et Situatiounen gëtt, déi vum Palliativgesetz net ofgedeckt sinn, wann hie schreift - ech zitëieren -: «Il se présentera sans doute des cas exceptionnels où le médecin sera confronté à une situation désespérée, où malgré tous ses efforts, il se trouvera dans l'impossibilité de refuser le geste attendu et fatal: douleurs non maîtrisées en dépit des moyens disponibles, personnes totalement ou définitivement dépendantes des machines pour survivre, personnes irrémédiablement privées des capacités relationnelles, nouveaux-nés porteurs de malformations neurologiques extrêmes et incurables dont les parents ont été informés, pour ne citer que ces quelques exemples.»

Ech kann net de ganzen Text zitëieren; da seet de Collège médical virun: «Les médecins qui auront accompli un acte d'euthanasie ou de suicide assisté dans une situation exceptionnelle devront être prêts à en rendre compte, le cas échéant, devant la justice.»

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt och nach gesot, esou en Dokter wier dann net fautif. Ech kucke wou ech dat elo hei am Text hunn. Hei steet dat: «(...) le médecin, conscient de sa lourde responsabilité, devrait agir en âme et conscience et ne pas être considéré comme fautif». Et klängt ganz gutt, dass en net «considéré comme fautif» wier, mä laut där bestehender Gesetzgebung, wa mer déi Gesetzgebung haut net änneren, wier deen Dokter dann awer fautif, an net nëmme fautif, mä e misst sech am Fong viru Geriicht wéinst Assassinat verantweren.

E bekannte Lëtzebuurger fréiere Psychiater a Géigner vun der Euthanasie hat nach an engem Artikel viru kuerzem ähnlech argumentéiert, wéi hie geschriwwen hat - ech zitëieren: «Einverstanden, extreme, jeder Therapie unzugängliche, tragische Fälle wird es immer noch geben, aber es ist besser, dann einige Ärzte, die in jeder Hinsicht ihr Bestes getan haben und in der Euthanasie die einzige Lösung sahen, sich vor Gericht verantworten zu lassen und, wie auch immer, die Straflosigkeit zu sichern.»

Dir Dammen an Dir Hären, ech widderhuelen dat nach eng Kéier: dem Dokter „die Straflosigkeit dann zu sichern“. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, dat, wat d'Madame Err an ech hei virschloen an eiser Proposition de loi, dat ass genau dat!

Et geet ëm eng Dépénaliséierung vun engem Dokter, deen an engem extreme Fall dem Wonsch vum Patient entsprach huet, deen da kéint viru Geriicht kommen an deen an esou extreme Fäll, wéi se hei am Text virgesi sinn, dann net pénal méi géif verfolge ginn, deen also net méi kënn dofir bestrooft ginn. Et geet also drëm, engersäits ënner gesetzlech fixéierte Konditiounen a verzweefelte Situatiounen engem Patient eng Méiglechkeet opzemaachen, an anerersäits awer och den Doktere Rechtssécherheet ze ginn, wat erlaabt ass a wat net.

Dir Dammen an Dir Hären, wat gouf nach alles géint déi Proposition de loi hei geschriwwen a behaapt! Et gouf geschriwwen, elo géifen d'Dokteren nach just zum automateschen Exécutant vum Wëlle vum Patient ginn an et wier eng Frechheet - dat stoung virun dräi, véier Deeg vun engem Lëtzebuurger Dokter nach am „Wort“ -, en

Dokter wëllen zur Euthanasie ze zwängen. Mä d'Realitéit vun der Proposition de loi ass eng ganz aner! Do steet ganz kloer dran, dass den Dokter Gewëssensfräiheet huet, dass déi voll erhale bleift an dass also kee gezwonge gëtt zu enger Euthanasie, wann hien dat net ka maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Da gëtt gesot - an dat ass och virdru vun der Madame Stein hei gesot ginn -, d'Vertrauensverhältnis tëschent Dokter a Patient géif duerch dëst Gesetz zerstéiert ginn.

Eiser Meenung no, Madame Stein, ass éischter de Géigendeel de Fall. Grad wann e Patient weess, dass hien um Enn eng Liberté de choix huet, dass hien also net am Stach gelooss gëtt an dass hie selwer nach herno entscheede kann, grad da sinn esou Patient souguer éischter rassuréiert, wat d'Vertrauensverhältnis zu hirem Dokter ubelaangt. Dat Vertraue gëtt also héchstens nach verstärkt. An esou Situatiounen kann et da souguer virkommen, dass e Patient, dee vläicht am Ufank geduecht huet, hie wëllt Euthanasie hunn, herno seet, neen, wann en de Choix huet an d'Vertrauen zum Dokter, da wëllt hien herno awer net zur Euthanasie méi gräifen.

Da gëtt gesot als Reproche, d'Patiente wëllen iwwerhaupt keng Euthanasie. Kee Kranke wëllt säi Liewe wierklech opginn, si géifen dat just ageriet kréien. Si géifen dat agetotert kréie vu Politiker, déi ganz aner Absichten hätten, eventuell souguer ganz donkel Absichten hätten, ass a manche Bréiwer geschriwwen ginn.

Fakt ass awer, dass all Joer och grad hei zu Lëtzebuerg net wéineg Leit selwer hirem Liewen en Enn setzen, sech also suicidéieren. Vill ze vill Leit maachen dat hei am Land. Manche vun deene Leit hätten och sécherlech kënnen aneschtens gehollef ginn. Et hätten hinne missen aneschtens gehollef ginn! Mä bei anere wier dat och vläicht net méi méiglech gewiescht, well fir si hir Situatioun vill ze vill verzweifelt a vill ze vill hoffnungslos war.

Fakt ass och, dass verzweifelt Leit aus villen europäesche Länner an d'Schwäiz fieren, fir do erléist ze ginn, well dat an hire Länner verbuede bleift.

Fakt ass schliesslech, dass iwwerall d'Mënschen d'Recht op Euthanasie oder op Hëllef bei der Selbsterléisung wënschen. Net nëmmen an der Belsch oder an Holland, wou dat erlaabt ass, a wou dat och all Joer e puer honnertmol geschitt, mä d'Euthanasie geschitt, dat huet d'Madame Err hei kloer gesot, evidentereis an all Land heemlech an illegal, och hei zu Lëtzebuerg, wou dat bis elo verbuede bleift.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech zu engem anere Géigenargument, wat eigentlech praktesch am heefegsten ëmmer erëm gebraucht oder mëssbraucht ginn ass. Nämlech eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie géif zu ëmmer méi Abusen, zu Mëssbräich a souguer zur Eliminatioun vu ganz alen a fleegebedürftege Mënschen a Fleegeheimer féieren.

Dorobber gëtt et e puer Äntwerten. Et gëtt éischstens, wéi scho gesot, an alle Länner ouni Zweifel noweisbar illegal Euthanasien a grad do hannert de Kulissen an der Illegalitéit ass de Risque vun Abusen, vu schlëmme Mëssbräich vill méi grouss. Dat war esou am Virfeld vun den europäeschen Avortementsdebatten an de 70er Joren an dat ass haut genauso bei den Euthanasiedebatten. E méigleche Mëssbrauch, well jo keng Kontroll besteet, kéint zum Beispill sinn, dass do hannert de Kulissen heemlech falsch Euthanasien eventuell géint de Wëlle vum Betreffene kéinten duerchgefouert ginn.

Mir kënnen eis awer nëmme wonneren, dass dës Tatsaachen d'Géigner vun eiser Proposition de loi net vill schéngen opzereegen!

Zweetens, a Saache Mëssbrauch gëtt dann och ëmmer mat Schreckenszuelen aus Ëmfroe bei hollänneschen Doktere vun 1990 oder 1995 operéiert, während awer déi rezente Ëmfroegergebnisse bei deeneselwechten hollänneschen Doktere vum Mee 2007 als Suite vum hollännesche Gesetz, wat eréischt 2001 votéiert ginn ass - well virdrun ass just eng Toleranz gewiescht -, weisen, dass d'Zuele vun den Euthanasien an Holland souguer lichter zrëckgaange sinn, an zwar vun 2,8 op 1,8% am Joer 2005.

Dat heescht, et ass net zu enger Zounahm weder vun Euthanasien nach vun Abusen an Holland komm, an ëmgekiert - och do gëtt et Zuelen - sinn d'Sédations palliatives an Holland an d'Luucht gaangen.

Drëtzens, an eisem Nopeschland, der Belsch, un där hir Gesetzgebung vun 2002 mir eis an eiser Proposition de loi uegelehnt haten an déi esou wéi mir eng Commission d'évaluation et de contrôle an hirem Gesetz

hunn, do sinn déi éischt offiziell Rapporten doriwwer bis Enn 2005 publizéiert ginn. Hei ass de Rapport détaillé aus dem Joer 2005 vun der Commission d'évaluation et de contrôle an der Belsch, wou all eenzelne Fall prezis an detailléiert dokumentéiert ass: wéi al d'Leit waren, wat fir eng Krankheet se haten, a wat fir engem Stadium déi Krankheet war, wien den zweete gefrote Spezialist an Dokter war.

Dat ass alles also vun engem éischten Dokter constatéiert ginn, dass do näischt méi ze maache war; et huet missen e Spezialist vun der Pathologie mat derbäikommen. Déi Dokteren, esou wéi dat geschildert ass, déi hu souguer gesot, obschonn et am Gesetz net virgeschriwwen war, dass se an deene meeschte Fäll souguer nach en drëtten Palliativmedeziner oder souguer eng Palliativ-équipe zousätzlech gefrot hunn, ier et dann zur Euthanasie komm ass. Also, méi prezis a méi detailléiert a méi kontrolléiert kann een dat net maachen.

Wat dobäi interessant ass an deem Bericht vun der belscher Kommissioun, dass ass och nach Folgendes: Dass ganz Geschwätz, déi ganz Ënnerstellung, elo géifen déi al Leit, déi Fleegebedürftege, no esou engem Gesetz vun der Dépénaliséierung ëm den Eck bruecht ginn, dass huet d'belsch Praxis gewisen, dass dat komplette Kabes ass. Well 75% vun alle Fäll, déi hei dokumentéiert sinn, ware Fäll tëschent 40 an 79 Joer. Dat heescht, déi écrasant Majoritéit hat strictelement näischt mat esou Fleegefall, mat esou héichbetagten, fleegebedürftege Leit ze dinn.

Et ass also wäitgehend méiglech, iwwer esou eng Gesetzgebung Abusen auszuschléissen.

Déi Leit, déi behaapten, et kéinten awer niewent esou enger Gesetzgebung an niewent deenen dote Kontrollen och an der Belsch nach ëmmer heemlech inoffiziell illegal Euthanasie stattfannen, déi eben net gemellt wieren, déi Leit späize sech an eisen Aen eigentlech just op hiren eegene Kënn, well evidentereis de Risque vun Abusen do am gréissten ass, wou esou Situatiounen verbuede sinn, dass heescht, dass de Risque vun Abusen also doduerjer méi grouss gëtt.

Dann e lescht Wuert zu der Madame Stein nach, wat d'Kompositioun ubelaangt vun där Commission d'évaluation et de contrôle an eisem Gesetz. Do hunn ech awer wierklech elo schonn déi komeschste Saachen héieren!

Dir hutt elo beklot, dass do am Ënnerscheid zu der Belsch, wou 16 Memberen dra sinn, hei an dëser Kommissioun nëmmen néng Memberen dra sinn. Éischstens si mer vill méi e klengt Land wéi d'Belsch, an zweetens hu mer ëmgekiert scho virgeworf kritt, do wiere vill ze vill Leit dran. Vun Dokteren hunn ech virgehät kritt, do wiere mat deenen néng Leit vill ze vill Leit an där Kommissioun vertrueden.

An doriwwer, wien do dran ass: Et sinn evidentereis Dokteren; et si Verrieder vun den Associatiounen, also ënner anerem Omega 90 als Beispill, an da Verrieder vun der Société civile. Bei der Société civile ass weder vun der Madame Err nach vu mir gemengt ginn, dass wieren de Jempy an de Misch vun der Strooss. Do ass wierklech d'Société civile gemengt ginn, Philosophen, Juristen an esou virun, déi et och an der belscher Proposition de loi gëtt. Déi si just net do genannt ginn, mä et ass awer kloer de Sënn vun deem, wat mer wollte soen.

Am Kontext vun dësen Diskussiounen stellt sech dann awer och déi ethesch Fro an eisen Aen, awéiwäit - an dat ass an eisen Aen esou - eng am Fong onerdreiglech Hypocrisie, wéi se haut virherrscht, kann oprecht erhale ginn, oder ob et net besser wier, kloer rechtsstaatlech Regelungen ze kréien, déi dem Patient eng Liberté de choix an dem Dokter Rechtssécherheet géife ginn.

A wa scho vu manche Säite permanent d'Gespenst vun Abusen un d'Wand gemoolt ginn ass, ass et da vum reng medezinesche Standpunkt hier betruecht net esou, dass et och bei de sougenannte Sédations palliatives, de Sédations terminales och emol zu Abusë bei der Steigerung vu Morphiumsdosisen oder Medikamentendoséierung kéint kommen? Ass dat dobaussen um Terrain - a Spideeler vläicht net - wierklech esou ausgeschloss?

Doriwwer gëtt dann allerdéngs net gär geschwat, well jo do ëmmer iwwerall zu honnert Prozent nëmmen eng absolut edel Intentioun virausgesat gëtt, während Euthanasie anscheinend ëmmer nëmmen doutmaachen, morden, ka bedeiten, obschonn d'Konditioun bei der Euthanasie déi ass, datt de Betreffene jo selwer bewosst a widerhuelt duerno huet misse froen oder duerno huet misse biedelen.

À propos doutmaachen a Mord. Wéi, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem vun der CSV, an der Belsch virun e puer Joer d'Gesetz iwwert d'Dépénaliséierung vun der Euthanasie déi leschte Kéier virum Vote komme sollt, hunn an deene leschten Deeg virum Vote déi dorteg chrëschtlech-sozial Volleksparteien - CSC huet se deemools geheescht, béi där flandrescher weess ech net méi auswendeg, wéi den Numm war - op eng Kéier gesot, si kéinten eventuell d'accord si mat der Euthanasie. Wa se nëmmen an der Phase avancée oder an der Phase terminale géif stattfannen, da kéinte si mat der Euthanasie d'accord sinn. Dat ass schréfflech nozeliesen an de parlamentaresche Berichter vun der Belsch.

Dat ass natierlech vun där deemools blo-
rout-grénger Majoritéit net akzeptéiert ginn, well et jo awer och ëm all déi aner Fäll geet. Mä et weist awer erstaunlecherweis, datt Euthanasie fir eng chrëscht-kathoulesch Partei anscheinend also dach ënner gewësse Konditiounen akzeptabel kéint sinn. Woubäi ee sech dann allerdéngs d'Fro muss gefale loossen, firwat eppes an enger bestëmmter Situatioun eventuell kéint akzeptabel sinn, an an enger anerer, gradesou dramatescher an tragescher Situatioun net akzeptabel kéint sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Et bleiwe sécher nach vill Saachen ze soen. Ech konnt hei nëmmen op déi wichtegst vun de Géigenargumenter agoen. Ech wëll dofir hei nach eng Kéier am Numm vun de Gränge kloer betounen, datt mir Gréng anriede fir eng Liberté de choix am Intérêt vun de Leit dobaussen an och fir e Selbstbestëmmungsrecht vum Einzelnen. Natierlech ënner gesetzlech fixéierten, kloere Konditiounen, esou wéi se an der Proposition de loi vun der Madame Err a vu mir selwer drastinn.

Dat heescht - ech hunn dat virdru gesot -, mir setzen eis kloer a fir e grousszüegen a schnellen Ausbau vun der Palliativmedezin, mä mir setzen eis och an - an dobäi bleiwe mer - fir d'Dépénaliséierung vun der Euthanasie a vum Suicide médicalement assisté.

Et ass also kloer, esou wéi mer virdrun ofgestëmmt hunn, datt mer gesot hunn, mir wiere kloer fir den Ausbau vun der Palliativmedezin, mat allem wat dat bedeit. Ech wëll dat hei nach eng Kéier soen, well den Här Gibéryen mer do Saachen esou indirekt wollt..., oder ech konnt mengen, datt hie mer dat hätt wëllen ënnerstellen...

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Dat hätt ech do an d'Diskussioun erabruecht.

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här Gibéryen, ech hunn hei kloer um Pult gesot, wat d'Haltung vun der Fraktioun vun deene Gréngen zum Ausbau vun der Palliativmedezin ass.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech hat déi Gréng guer net ernimmt.

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Da wëll ech awer nach eng Kéier daitlech soen, datt ech hei betount hunn, datt déi Gréng net fir e minimalen Ausbau vun der Palliativmedezin anrieden, mä fir en optimalen Ausbau vun der Palliativmedezin. Dat heescht, en optimalen Ausbau, wat souwuel déi logistesche wéi déi finanziell wéi déi infrastrukturell Konditiounen betrëfft, mä och d'Konditiounen beispillsweis, fir datt mer genügend Dokteren a genügend Infirmierspersonal kréien, déi eng seriö Ausbildung kréien.

Dat kascht natierlech Suen. Och do si mer der Meinung, datt dat eng Aufgab vum Stat ass an datt dat op eng seriö Aart a Weis muss gefördert ginn.

Dat ass also vun eis aus ganz kloer. Ech wëll dat hei just nach eng Kéier betounen, datt keen eis soll no baussen ënnerstellen, mir wëilten d'Palliativmedezin iergendwéi awer net esou richtigeg.

An enger Interpellatioun, déi ech 1996 gemaach hunn, waren déi éischt Wierder déi, datt ech gesot hunn: Déi Gréng trieden a souwuel fir Schmäärzbekämpfung, fir Soins palliatifs, an derniewent och a gewëssene Situatiounen op Wonsch - nëmmen op ausdréckleche Wonsch! - vum Patient fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie.

Wat heiansdo och do derbäi vergiess gëtt: Et gëtt jo och déi zweet Méiglechkeet, nämlech de Suicide médicalement assisté. Woubäi jo am Fong den Ennerscheid der-tëschent just deen ass, datt an deem enge Fall den Dokter engem Patient, deen net méi liewe wëllt, Medikamenter kann zur Verfügung stellen, mä an deem Fall muss dee Patient de Geste nach selwer maachen.

Dat ass vläicht eng Situatioun, déi fir en Dokter sécherlech méi einfach ass. An der Schwäiz gëtt dat gemaach. A wann Der schonn emol Fernsehfilmer gesinn hutt, wéi zum Beispill een am belsche Fernseh; do ass e Film gewise ginn iwwert d'Situatioun an der Schwäiz.

Do hutt Dir en Dokter gesinn, dee bei enger schwéier kriebeskranker Fra, déi praktesch ëm 90 Joer al war, gehollef huet, déi Assistance au suicide ze maachen. Dat war eng Situatioun, déi vun enger Dignitéit, vun enger Würde war, wéi ee sech dat net aneschtlers ka virstellen.

(Interruption)

Dat ass déi Situatioun, wéi se am belsche Fernseh an engem Film, deen elo am Dezember gewise ginn ass, vum Dokter Jérôme Sobel, dem President vun EXIT Suisse romande, praktizéiert ginn ass. Do ass bis zu Lescht ëmmer erëm nach gefrot ginn: Madame, sidd Der ganz sécher, datt Dir gären hätt, datt ech lech déi Medikamenter ginn? D'Fra konnt nach selwer zum Becher gräifen. Et war ganz kloer, dat huet ee schéi gesinn, well et war och eng Begleedung derbäi. Déi Fra huet dunno awer de Geste selwer gemaach, obschonn den Dokter gesot huet: Wann Dir elo Nee sot, da ginn ech elo heem, dann ass kee Problem. Ech huelen d'Medikamenter mat an et ass keen, deen lech zwéngt, dee Suicide ze maachen.

Generell wëll ech dofir och hei nach eng Kéier Folgendes soen, well och do künstlech heiansdo d'Palliativmedezin an d'Stierbegleedung entgéintgesat gëtt zur Dépénaliséierung vun der Euthanasie. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, och Leit, déi herno an engem gewëssene Moment eng Euthanasie oder eng Aide au suicide froen, si selbstverständlech Leit, déi virdrun och gäre Schmäärzbekämpfung an eventuell och Soins palliatifs wëllen hunn. Dat ass ganz kloer.

Soins palliatifs a Stierfbegleedung ass net nëmmen de Fall am Gesetz vun der Palliativmedezin. Och virun enger Euthanasie huet dee Patient selbstverständlech d'Recht begleet ze sinn, wann hien et wëllt. An hien huet selbstverständlech d'Recht och op Schmäärztherapien.

Wou den eenzeggen Ennerscheid läit tëschent deenen zwee Weeër, datt ass nach just dee leschte Geste déi lescht Deeg, wou dat eent vill méi schnell a vill méi kuerz geet, den doucen Doud, an op där anerer Säit, wou et eventuell 48 Stonnen oder vläicht e puer Deeg kann daueren, ier dann dat Liewen definitiv beendegt gëtt. Mä soss ass am Fong an deem, wat virdrun ass, praktesch alles datselwecht. Déiselwecht Konditiounen gëllen do. Dat ass net nëmmen op där enger Säit esou.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech zum Schluss. Mir trieden als Gréng a fir eng Liberté de choix. Dat heescht, d'Mënschen, d'Leit dobaussen - an net nëmme mir heibannen, mä virun allem d'Leit dobaussen; fir déi solle mer jo légiféréieren - sollen de Choix hunn, esou kënnen ze stierwen, aus dem Liewen ze goen, wéi jiddfer Einzelnen dat wëllt, an net wéi se dat vun där enger oder där anerer Säit virgeschriwwen kréien.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Huss. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Mehlen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen, Dir Hären, och ech wëll mech de Mercien un d'Auteurs respektiv d'Rapporteure vun dëser Proposition de loi uschlëssen.

Här President, d'Froen iwwert d'Liewen an d'Stierwe si Froe vun enger grousser Sensibilitéit. Si verlaange vun eis alleguer, datt mer mat där néideger Dezenz domat ëmginn.

Et ass nun eemol esou, datt duerch lafend Fortschrëtt vum der Wëssenschaft a vun der Medezin déi Froen, déi sech och de Politiker stellen, ëmmer méi komplizéiert ginn an d'Äntwerten drop ëmmer méi schwéier ze fanne sinn. Dat betrëfft och d'Wëssenschaftler a Chercheuren, déi een zu deem Zweck konsultéiert. Mä et si leschtendlech d'Politiker, déi an esou Fäll d'Décisiounen ze huelen hunn.

Mir sinn elo an esou enger Situatioun, well d'Fro vun der Euthanasie ass eng vun dëse Froen. Et wär fir eis aner gutt, wann een eng allgemeng gültig ethesch Guideline hätt, un där ee sech an esou Fäll kéint orientéieren. Mä ech fäerte ganz, datt ass bal onméiglech respektiv dat wäert e fromme Wonsch bleiwen.

Ech wëll am Ufank vu menger Interventioun soen, datt mir als Partei weder an eisem Wahlprogramm nach an eisem Grondsazprogramm eng breet Ausso zu dëser Thematik gemaach hunn.

Mir soen an eisem Grondsazprogramm, datt Froe wéi déi heite vun enger grousser Sensibilitéit sinn an datt mir als Partei de politesche Mandatsträger d'Fräiheet loossen, no hirem Gewëssen ze entscheeden. Dat wäert och an dësem Fall bei eis zoutreffen.

Déi grondsätzlech Fro, Här President, ëm déi et hei geet, ass déi vum Recht vum Individu, fir iwwert d'Enn vu sengem eegene Liewen ze decidéieren. Dozou wëllt ech folgend lwwerleung maachen:

Kee vun eis ass gefrot ginn, ob en iwwerhaupt wëllt op dës Welt kommen. Keen ass gefrot ginn, wou e wëllt op d'Welt kommen, a wat fir Konditiounen an a wat fir eng Famill. Wa mir net iwwer eisen Ufank ze decidéieren haten, hu mir dann awer d'Recht, fir iwwer eist Enn ze bestëmmen?

Dat ass eng philosophesch Fro, op déi et wahrscheinlech keng definitiv Äntwert gëtt. Wie vun enger reliéier Basis aus rësonnéiert, seet méiglecherweis: Neen. Mä wann een dovun ausgeet, ass dann net all medezineschen Agrëff an d'Schicksal, wat jiddferengem virgezechent ass?

Déi definitiv Äntwert op d'Fro vum Recht, fir iwwer säin eegent Stierwen ze decidéieren, ass grondsätzlech: Jo. Et kann ee kengem Mënsch vum Grondsaz hier dat Recht ofstreiden. Et kënnen reliéis Motiver ginn, fir eventuell Neen dorop ze äntworten, mä mir hunn och scho festgestallt am Laf vun der Zäit, datt souguer d'kathoulesch Kierch hir Attitüd vis-à-vis vun deene Leit, déi sech selwer d'Liewen huelen, radikal geännert huet.

Kann de Gesetzgeber duerfir dëst Recht aus reliéise Grënn verweigeren? Mir mengen, sécher net, well reliéis lwwerzeegung eng Saach vu jiddfer Einzelnem ass. An trotzdeem, de Schrack, fir determinéiert op Wonsch vun deem Concernéierten dem Liewe vun engem Mënsch en Enn ze setzen, ass e Schrack iwwer eng Demarkatiounslinn, deen een net esou ouni Weideres mécht. Et stellt sech - an dat ass de kruziale Punkt - an alle Fäll déi ganz delikat Fro vun der Fräiwëllegkeet, vun der wierklech gewollter Fräiwëllegkeet vun dësem Wonsch.

Här President, ech hu viru laanger Zäit eng Kéier gelies vun engem Naturvolle an Nordamerika - et war virun der Zäit, ier déi Wäiss do hiert Onwiese gedriwwen hunn -, wat an enger äermlecher, karglecher Biergeregioun gelieft huet, wou d'Ernährungsbedéngunge ganz prekär waren a wou et zur lwwerliewensstrategie gehéiert huet, datt déi al Leit, déi net méi zum Nahrungserwerb konnte bäidroen, sech fräiwëlleg an eng déif Schlucht gehäit hunn, fir hiren Nokommen d'lwwerliewen ze erméiglechen. Si hunn dat fräiwëlleg gemaach. Et dierf een awer d'Fro hannendrunhänken: Wéi grouss war déi Fräiwëllegkeet?

An dat ass de kruziale Punkt. Dat ass dee Punkt, deen ëmmer erëm a leschter Zäit opgeworf ginn ass. Dës Fro huet hir grouss Berechtigung. An enger Gesellschaft, wou mer riskéieren, opgrond vun der demographescher Entwécklung, datt fir déi jonk Generatioun d'Charge an och d'Fleeg vun deenen Eeleren, déi sech net méi hëllef kënnen, ëmmer méi schwéier gëtt, an enger Gesellschaft, wou déi sozial Kontakter ëmmer méi ënnert d'Rieder geroden, wou och d'Leit an de Familljen ëmmer manner Zäit fireenen hunn, ass dat eng ganz schwiereg Fro.

Géif e Mënsch, deen de Wonsch no Euthanasie geäussert huet, deen och oprecht erhalen, wann d'Aart a Weis, wéi hien a sengem leschte Liewensabschnitt begleet gëtt, eng aner wär? Ass dat, wat ech gëscht selwer fir mech decidéiert hunn, muer nach wouer?

Här President, ech doe mech selwer schwéier, fir eng valabel Äntwert op dës Fro

ze ginn. Eis Kultur soll grondsätzlech eng Kultur vun Zouwendung. Hëllef a Begleedung sinn, och a virun allem fir déi Persounen, déi grad dës mënschlechen Encadrement vermëssen. Dat ass net einfach, wéi mer alleguer wëssen. Dat kascht vill Zäit an och Geld, an et passt net esou richtigeg an eis modern Welt, an ee rationellt a profitorientéiert Denken.

Mir mengen, datt d'Palliativmedezin op all Fäll misst kënnen flexibel agoen. Et soll an dierf kee Mënsch onnéideg leiden. Mä et soll och kee Mënsch d'Gefill kréien, hie wär et der Gesellschaft oder vläicht senger Famill schëlleg, fir sengem Liewen en Enn ze maachen. Wéi gesot, just dat ass dee kruzialen a schwierege Punkt.

Dat ass de grouse Problem, wann dës Dier opgestouss gëtt. Den Dokter Thill, deen hei schonn e puermol ugefouert ginn ass, seet: Wie Schwéierstkranker a Stierwender betreit, weess ëm d'Stärkt vu senger Position als Dokter an déi domat verbonne Gefor, Schwéierstkranker, déi sech him uvertraut hunn, ze beaflossen, hinne seng Usicht iwwert de Wäert oder d'Wäertlosegkeet vum Liewen anzerieden.

Hie seet awer och - an dat ass hei contestéiert gi vun anerer Säit -, datt et keng Situatioun géif ginn, wou d'Palliativmedezin net hëllef kéint.

Den Testament de vie: Eng Kéier ënnerschriwwen, ass et en Uerder un den Dokter, wann de Patient an eng Situatioun geréit, wou hie sech selwer doriwwer net méi äussere kann. Dat ass eppes, wat vun den Dokteren als relativ inakzeptabel emfonnt gëtt. Den Dokter gëtt zum einfachen Exécutant vun dësem Euthanasieuerder, an net zu engem verantwortlech handelnde Medeziner, deen an der Regel weess, wéi hien an esou engem Fall ze handeln huet.

Här President, ech wollt aus deem villen, wat déi lescht Zäit geschriwwen ginn ass, en Zitat eraushuelen. Ech weess, datt et selbstverständlech, deemno wou ee steet, net onëmstridden ass, mä et weist awer op d'Sensibilitéit vun deem Schrëtt, wou ech gesot hunn, deen ee mécht, wann een déi Demarkatiounslinn do iwwerscreit, hin.

Ech zitieren: „Die mögliche Einführung der Euthanasie öffnet den Spalt der Tür, durch den Misstrauen und Angst in das Krankenhaus, in die Ärzte und Pflegenden eindringen. Müsste man nicht mindestens der Umsetzung der Regierungsvorlage eine Chance geben, bevor man wieder neu über Euthanasie diskutiert? Die Humanisierung des Sterbens wird sich nicht unter der Androhung der Euthanasie durch einen willensfähigen oder willig gemachten Menschen erreichen lassen. Sie wird nur im Vertrauen zwischen Patienten, Ärzten und Pflegenden zu erreichen sein. Ärzte und Pflegenden sollen Anwälte des Lebens und der Hoffnung bleiben, für die töten unter keinen Umständen erlaubt ist.“

Här President, keng Situatioun gläicht där anerer an duerfir ass et esou schwéier - fir net ze soen, onméiglech - alles ze reglementéieren. Ech selwer si weder Expert nach kann ech op eng ëmfaassend eegen Erfahrung zrëckgräifen. Duerfir ass fir mech an och fir d'Leit vu menger Fraktioun d'Meenung vun de Medeziner, déi all Dag domat ze dinn hunn, ganz wichtig.

Wat soen d'Dokteren?

Majoritär, an nach méi majoritär déijéineg, déi speziell mat Leit schaffen, déi an der Schlussphas vun hirem Liewe sinn, soe si, datt si mam Gesetz iwwert d'Palliativmedezin praktesch op all d'Situatiounen individuell kéinte reagéieren an datt si d'Dépénalisatioun vum Suicide assisté als problematesch ugesinn. D'Dokteren hu studéiert, fir Leit ze heelen, fir hinnen hir Gesondheet erëmzeeginn, oder hir Krankheeten, wa se dann net ze heele sinn, dach awer ze erliichteren. Duerfir hu mir vollt Verständnis, datt d'Majoritéit vun den Dokteren net fir dës Dépénalisatioun vun der Euthanasie ass.

Ee Wuert zur Inkompatibilitéit tëschent dem Projet, dee mer elo gestëmmt hunn, an dëser Proposition de loi. Dat huet näischt mat engem politesche Manöver ze dinn, mä et ass effektiv e seriöse juristesche Problem. Et ass och falsch, wann hei gesot ginn ass, datt mir schonn dacks esou eng Situatioun gehat hätten. Fir mech ass déi Situatioun hei unique, datt mer hannereneen zwee Projekte stëmmen, an deenen Dispositione stinn, déi net matenee kompatibel sinn. Och de Statsrot huet ganz daitlech op d'Inkompatibilitéit tëschent deenen zwee Texter higewisen.

Duerfir wëll ech hei ganz kloer an daitlech soen, datt mir et bedauern, datt d'Interventioun vum Gast Gibéryen, deen nëmme just drop higewisen a logescherweis verlaangt huet, datt, wann d'Gesetz géif gestëmmt ginn, een da soll d'Proposition de loi zrëck-

halen an nach eng Kéier driwwerkucken, hei vun eenzelne Leit quasi als politesch Manöver duergestallt ginn ass. Dat war et ganz sécher net!

Mir sinn a bleiwen awer der Meenung, datt een hätt sollen d'Effetë vum Palliativgesetz ofwaarden, ier een nach eng Kéier iwwert dës Proposition de loi geschwat hätt.

Grondsätzlech wëll ech soen, datt mir all Meenung respektéieren, datt mir eis aus all Polemik wëllen eraushalen. Mir respektéiere selbstverständlech och d'Meenung vun den Auteure vun dëser Proposition de loi. Dat hei ass eng Problematik, do schwätzt munches derfir an et schwätzt munches dergéint, a jiddferee muss en âme et conscience wëssen, wat en herno beim Vote mécht.

Ob mer haut eng Stårstonn vum Lëtzbuerger Parlament erliwen, doriwwer wäerte vläicht spéider Generatiounen uerteelen. Mä ech géif awer soen, mir erliwen eng Stårstonn vum Parlamentarisssem, well effektiv nieft engem Projet vun der Regierung eng Proposition, déi vun zwee Deputéiertekolleegen ausgeschafft ginn ass, hei zur Diskussioun kënn, seriö diskutéiert gëtt, wou et zum Vote kënnt, a wou fir eng Kéier een net weess, wéi dee Vote ausgeet.

Selbstverständlech spillt och bei eis d'Gewëssensfräiheet fir jiddfer Einzelnen, ouni Zwang. Ech ka mer net verknäifen dozou ze soen, datt dat jo eigentlech den Normalzoustand misst sinn. Wann een den Artikel 50 vun eiser Verfassung kuckt, dann huet all Deputéierten am Intérêt vum Land - an ech mengen dat wär och den Intérêt vun de Bierger hei am Land - ofzestëmmen an en huet vu kengem Weisungen entgéintze huelen.

Duerfir wäert och vun eisem Grupp jiddferen no senge Virstellungen a sengem Gewësse stëmme.

Ech muss zum Schluss soen, datt eise Kolleeg Koepp, wéi jiddferee weess, gesondheetlech Problemer hat an duerfir haut nach net kann hei present sinn; datt mir, well et eng Gewëssensentscheidung ass, net vun dem Recht op Prokuratioun wäerte Gebrauch maachen, dat heescht, datt hien duerfir och kee Vote hei zu dëser Proposition de loi ofgëtt.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Aly Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Merci, Här President. No all deem, wat elo hei an den Diskussiounen ervirbruecht ginn ass, hunn ech meng Meenung nach net brauchen ze änneren.

Ech sinn a bleiwe bei der Meenung, dass hei net eleng 60 Leit kënnen an enger gewëssener Gewëssensfräiheet iwwer Liewen an Doud bestëmme an dass dat hei eng Fro ass, déi all Bierger hei am Land betrëfft an duerfir misst virun all Bierger zum Vote gestallt ginn, an net nëmme vu 60 Leit heibannen, egal wat fir enger Meenung dass se sinn.

Ech wëll awer Respekt weise virun der Aarbecht vun deenen zwee Deputéierten, déi sech déi Aarbecht do gemaach hunn, déi och iwwerzeegt sinn, dass se richtig leien. Ech sinn eben iwwerzeegt, dass se falsch leien, an ech sinn och iwwerzeegt, dass d'Euthanasie net komplementar ass zu der Palliativmedezin.

Wann ech och hir Aarbecht respektéieren, sou wëll ech awer elo op de Contenu vun där Proposition de loi do agoen.

Wéi ech deen éischte Saz gelies hat vun där Proposition de loi, dunn hätt ech am Fong scho kënnen ophalen, well do steet eppes, wat wierklech mat den Hoer erbäigezunn ass! Do steet: «Depuis longtemps, l'euthanasie et l'assistance au suicide sont des actes qui sont pratiqués tous les jours...»

Also, wann ech dat scho liesen, da gëtt et engem jo schlecht! Dann hu mer jo hei an de Spideeler praktesch lauter Mäerder sëtzen. Ech mengen, wa schonn eng Proposition de loi esou ugeet, dann ass se menger Meenung no scho guer net méi ganz eeschte ze huelen.

Wann een da gesäit, dass mer op dëser Welt iwwer 200 Länner hunn, an elo hei als Beispill just fénnef Länner geholl ginn, fir ze soen, déi hunn eng Gesetzgebung iwwert d'Euthanasie, dann ass dat ganz minim. A well et ganz genau gewosst ass, dass et awer eng Rei weider Länner gëtt, déi awer Gesetzgebungen iwwert d'Palliativmedezin hunn, déi ganz gutt funktionéieren, an déi Länner och domadder zefridde sinn.

A wann ech dann nach gesinn, wéi Parteie wéi DÉI GRÉNG oder d'Sozialisten, déi awer ëmmer op China an op Kolumbien erëmklappen, well déi d'Mënscherechter net respektéieren, dann elo hei China a Kolumbien just als Beispill huele fir d'Euthanasie, a wann een da weess, dass an deenen dräi Länner, déi se hei zitéieren, och nach d'Doudesstrof besteet, dann ass do d'Euthanasie nëmme eng Complémentaritéit zu der Doudesstrof, awer garantéiert net zu der Pallativmedezin.

Ech wëll dat emol kloer soen.

Wat elo d'Madame Err ubelaangt, déi hei behaupt huet, si hätt Frechheete gemaach kritt vu Leit, déi géint d'Euthanasie sinn: Dat ass bedauernswäert, mä ech wëll lech awer och soen, dass et aner Leit gi sinn, déi sech och ganz schlémm Frechheeten hu misse gefale loosse vu Vertrieder vun der Euthanasie.

Also duerfir, op deenen zou Säiten hu vill Emotiounen matgespillt. Et soll een dat elo net ze vill op d'Wo leeën an dat iergendwann eng Kéier no dëser Debatt vergiesen. Jiddferen huet hei seng Meenung, jiddferen huet hei seng Gewëssensfräiheet.

Wann ech dann héiere vum Ofschafe vum Fraktiounszwang, da kann een dat schonn hei als historiesche Moment betruechten. Ech géif da soen, dass mer dat awer elo hei mat dëser Gesetzgebung dann definitiv agefuert hunn. Et gëtt kee Fraktiounszwang, et ass es nach ni ginn an et dierf es och ni méi ze ginn hunn. Wann dat d'Konsequenz vun dësem Gesetz ass, da war dat hei schonn e ganz gudden Débat.

Ech op jidde Fall, vu menger Säit aus, an dat weess jiddferee vun Ufank un, gi kengem d'Recht, iwwer Liewen an Doud ze entscheeden. Ech stinn an der éischter Rei, wann et ëm d'Doudesstrof geet, an ech ginn och hei op dëser Tribün a mat dëser Ofstëmmung kengem d'Recht, iwwer Liewen an Doud ze entscheeden.

Ech mengen, dat soll jiddferee gesinn, d'Liewe soll jiddferengem helleg sinn. Ech si ganz bestëmmt kee Katholik, ech sinn och ganz bestëmmt der CSV net no - heiansdo, Här Biltgen -, mä an der ënneschter Conviction weess ech awer, dass ech hei bei deem Vote, dass ech hei zu där Proposition Nee soen. Ech maachen dat mat ganz rouegem Gewëssen an et wäert mer och ni leed doen.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Marie-Josée Frank. Madame Frank, wann ech gelift.

» Mme Marie-Josée Frank (*CSV*).- Merci, Här President. Den Dag vun haut, dee geet an d'Geschicht an als en Dag, wou Lëtzebuerg sech e Gesetz ginn huet, wou all Mënsch a Wärd an a Fräiheet an d'Éiwegkeet begleet ka ginn. Mä duerfir brauche mir déi entspriechend finanziell Moyenen.

Här President, bei allen Ausféierungen, déi elo hei gemaach gi sinn, hunn ech mech ganz oft gebremst fir net ze intervenéieren, well ech mat villen Aussoen net averstane war. Mä aus Respekt zu deenen, déi hei geschwat hunn, wëll ech och hunn, datt ech elo a menger Interventioun respektéiert ginn.

Zu deene Statistiken am „Tageblatt“: Fir mech sinn dat Iwwerrumpelungsmanöveren. Et si keng kontrolléiert Ëmfroen an et sinn och onqualifizéiert Froe gewiescht.

Et ass fir mech net méi an net manner, wéi wann een zu mir seet: Wëlls de e Stéck Taart, mat oder ouni Schlagsahn? Méi sinn déi do Ëmfroe fir mech net wäert. Duerfir wier ech och ganz frou, wann déi Parlamentarier, déi nach net decidéiert sinn, sech nëmme net géife vun deenen Ëmfroen ëmstëmme loosse!

Zu den Terminologien, do wëll ech soen, datt an där leschter Zäit, an nach ëmmer, wann ee mat de Leit schwätzt, ganz, ganz villen verwëscht gëtt. D'Leit dobaussen, déi sech fir Jo oder Neen ausschwätzen, si ganz oft net en connaissance de cause, wéi wäit dat eist Palliativgesetz geet; an dann déi Wieder vun aktiver a passiver Stierfhëllef, dat verwëscht a mécht ganz oft d'Leit onsécher.

Ee perséinlechen Zeien, dee mech haut de Mëttag nach ugeruff huet, en Dokter, dee 46 Joer praktikéiert huet, 32.000 Patiente betreit huet, fir dee war ni eng Euthanasie a Fro komm. An och ech als Infirmière war bei ville schwierige Situatiounen derbäi. An ech ka mat fräiem Gewësse soen, datt ech nimools bei enger aktiver Euthanasie derbäi war.

Ech ginn zou, datt ech och schwierig Situatione materlieft hunn. Ee Beispill: Dat war ee Patient, deen Aids hat. E war 32 Joer al, en huet nach 18 Kilo gewien, ier e gestuerwen ass, an et war kloer an däitlech mat de Wëlle vun der Famill, datt d'Schmäerzmittel kontinuéierlech eropgesat sollte ginn, fir déi verbleiwend Zäit nach esou liewenswäert wéi méiglech ze garantéieren. Also d'Zil war, deem Mënsch ze hëllefen, fir gutt ze stierwen, awer net, fir bewosst duerch eng Doudesspréitz sengem Liewen en Enn ze setzen.

Zu deenen Ëmfroen an Holland: Obwuel an Holland en Euthanasiegesetz besteet an d'Fall offiziell gemellt musse ginn, gëtt et nach ëmmer 20%, déi an enger confidentieller Ëmfro soen, si géifen d'Euthanasie net mellen.

An dat, Dir Dammen, Dir Hären, léif Politikerinnen a Politiker, muss eis alleguerten ze denke ginn, wa mer elo an hei esou e wichtegt Gesetz sollen zum Vote stellen.

Da froen ech mech: Firwat solle mir dat drëtt Land an der Europäescher Unioun sinn, no Holland an der Belsch, dat iwwer en Euthanasiegesetz légiféréiert? De Wunsch no Euthanasie, wësse mer alleguerten, ass vill, vill méi kleng, do wou sech eng gutt Palliativmedezin entwéckelt huet.

D'Euthanasie ass eng Transgressioun zum Doutmaachen hin, ee Passage vum laisser mourir zum faire mourir, wéi de Jean Léonetti, den Initiator vum franséische Gesetz iwwert d'Fin de vie, seet.

Wann d'Dier vun der Euthanasie opgemaach gëtt, da fäerten ech, komme ganz geschwënn nach ganz aner Fuerderungen. Da geet et net nëmme ëm den onheelbar Kranken, mä ëm Leit, déi liewensmidd sinn, déi mussen en charge geholl ginn, an net duerch eng Doudesspréitz ofgespréitz ginn.

An eis behënnert Matbiergerinnen a Matbierger, malforméiert Kanner, déi ewechgespréitz ginn - loosse mir duerfir léiwer d'Dier zou!

De Statsrot seet, déi zwee Texter wäeren inkompatibel, a si sinn och a mengen Aen nimools komplementar, an dat solle mer net vergiessen. De Projet vun der Regierung huet eng ganz aner Konzeption vum Dokter, vum Patient, vun der Medezin an am Endeffekt och vun der Gesellschaft.

De Regierungstext gesäit de kranke Mënsch am Dialog mat der Gesellschaft, mat senger Famill, senge Bekannten, dem Fleegepersonal, den Dokteren. De Patient gëtt net eleng gelooss. Dat gëtt an der Directive anticipée ënnerstrach.

Den Testament de vie an der Proposition de loi Huss/Err geet awer aner Weeër. Et gëllt hei eleng de Wëlle vun Patient; hien diktéiert, wat gemaach gëtt. Den Dokter féiert aus.

Wann d'Gesetz iwwert d'Euthanasie a Kraaft géif trieden, da bräicht et déi voll Ënnerstëtzung vun den Dokteren, dem Fleegepersonal an dem Collège médical. Et kënnt derbäi, an dat solle mer och net négligéieren, datt e Mësstraue souwuel bei de Patientie wéi bei dem Personal opkomme kann, well kee méi weess, wou en drun ass.

Elo scho froe Leit sech: „Wat geschitt mat mir, wann ech emol schwéier krank sinn?“ An da kënnen och bei deene Patientie Scholdgefiller entstoën, wéi: „Ech wëll menger Famill, menger Émwelt net méi zur Laascht falen.“ Oder souguer: „Ech ginn ze deier.“ Fir alles dat ze verhënnern, kann ech nimools fir eng Euthanasie sinn.

D'Dignitéit vum Mënsch gëtt fir mech am beschte respektéiert do, wou mir mat dem schwéier kranke Mënsch éierlech, häerzlech, also mënschlech ëmginn, bis zum Enn vu sengem Liewen. Dat ass fir mech eng Mënschlechkeet, wourobber jiddferen e Recht huet.

D'Dignitéit ka fir mech ni doranner bestoen, datt een deem aneren hëllef zum Stierwen, mä d'Hand reecht beim Stierwen.

Et geet net eleng ëm d'Medezin; et geet och ëm eng ganzheetlech Approche vun der Krankheet. Et ass esou, wéi ech mir eng Gesellschaft virstellen: Mir soen net zu deene kranke Leit: „Mir begleeten dech, bis mir op däi Wunsch hin dengem Liewen en Enn maachen“ - mä: „Mir si bei dir, bis däi Liewen zu Enn geet.“ An ech soen et nach eng Kéier: „An ech halen deng Hand.“

Et gëtt oft gesot, den Ënnerscheid tëschent Sédatioun an Euthanasie wär kleng. Dat stëmmt menger Meenung no net. Et gëtt einfach eng aner Opfaassung vum Liewen, eng aner Kultur vum Liewen a senge Wäerter. Dat eent ass hëllef beim Stierwen, an dat anert ass bewosst hëllef zum Stierwen.

Op där enger Säit eng Gesellschaft, déi op d'Rechter vum Individuum pocht a sech iw-

wert d'Gesellschaft stellt. Dat ass eng relativ nei Entwécklung an der europäescher Geschicht. Op där anerer Säit gëtt et eng aner Opfaassung vun enger Gesellschaft, an dat ass déi, déi ech deelen: eng Kultur vum Liewen, vun der Solidaritéit, vum Zesummesinn - och um Liewensenn. A fir déi hunn ech bis elo gekämpft.

Et geet wierklech ëm eng aner Opfaassung vu Liewenskultur. Et geet am Endeffekt ëm d'Definitioun vun enger humaner Gesellschaft. Et geet ëm d'Definitioun vun der Dignitéit vum Mënsch, net nëmme vum Einzelnen als Individu, mä och ëm d'Dignitéit als Grondprinzip vun enger humaner Gesellschaft, an där et drëms geet, alles ze maachen, wann nach vill ze maachen ass.

Ech hunn Angscht virun enger Gesellschaft, déi op de Maximum vu Profit aus ass, an där Mënschen, déi net méi rentabel sinn, als Laascht considéiert ginn, déi een net méi brauch. Wou d'Barrière fale vun deem, wat an enger humaner Gesellschaft net als erlaabt ugesi gëtt. Wann et der Economie net méi esou gutt geet, ass den ekonomeschen Aspekt vun eiser Diskussioun net vun der Hand ze weisen. An esou enger Gesellschaft wëll ech net liewen!

Et geet also bei dëser Debatt vun haut net nëmme ëm d'Dignitéit vun deene Leit, déi um Stierwe leien - neen, et geet ëm Dignitéit vun eiser ganzer Gesellschaft.

» Une voix.- Très bien!

» Mme Marie-Josée Frank (*CSV*).- An duerfir wier ech frou wa mer haut keng Majoritéit zu där Proposition de loi géife kréien.

Den Europarat ass nämlech och net fir d'Euthanasie! Jo, mir stinn also mat eiser Euthanasiedebatt zimlech eleng an Europa! Dat alles muss dach iwwerzeegen!

Firwat solle mir dann net dem Statsrot follegen, dee refuséiert en Avis ofzeginn, well e seet, datt d'Palliativmedezin an d'Euthanasie mateneen net vereinbar sinn?

Hoffentlech kritt d'Euthanasiegesetz keng Majoritéit. Well schonn dacks an der Geschicht hu verharlost Gesetzter, vun deenen een d'Folgen net beduecht huet, herno ganz grousst Onheel erbäibruecht.

Ech schléisse mat engem Zitat vum Här Léonetti: «L'euthanasie active, ce n'est pas aller plus loin, ce n'est pas un 'plus loin', c'est un ailleurs.»

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Frank. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Colette Flesch.

» Mme Colette Flesch (*DP*).- Merci, Här President. Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ausser bei engem Punkt hunn ech net wëllen an den Detail vun den Artikelen vun der Proposition de loi eranzegeen. D'Corapporteurs an d'Coauteuren hunn dat vill besser gemaach, wéi ech et kéint maachen. Verschidde Spriecher, déi viru mir op dëser Tribün waren, souwuel an där éischter wéi an där zweeter Debatt, hunn och verschidde speziell Aspekter vun där Proposition de loi belicht.

Mir hunn am Laf vum Mëttag iwwer zwee schwierig Texter diskutéiert, déi sensibel an delikat sinn, déi wichteg sinn. Wat ee vun deene betrëfft - an dat ass deen, dee mer elo diskutéieren -, hu Verschiddener vun ons sécherlech misse mat sech selwer zu Kouer goen, bis dass se zu enger definitiver Meenung komm sinn.

Et ass aussergewéinlech selten am Liewe vun engem Parlamentarier, mat Texter konfrontéiert ze sinn, déi direkt mat Liewen an Doud ze dinn hunn, déi direkt an esou fundamental Froen eruginn. Déi vun ons, déi virun '79 an dëser Chamber waren - a si sinn net méi ganz zahlreich; wann ech richtig nogekuckt hunn, sinn déi zwee lescht Mohikaner, déi hei am Sall sinn, den Här Boden, deen op der Regierungsbänk sëtzt, an ech selwer -, déi Parlamentarier hu sech schonn zweemol an der Vergaangenheet missen déterminéieren à l'égard vu Gesetzestexten, déi ongeféier déiselwecht Natur hate wéi déi, déi mer haut diskutéieren: am Juli 1978 beim Vote vum Projet de loi iwwert

d'Liberalisatioun vum Avortement; am Mee 1979 beim Vote vum Projet de loi zum Of-schafe vun der Doudesstrof.

Ech wëll an deem Zesummenhang e puer Bemierkunge maachen iwwert den Artikel 50 vun onser Verfassung an der Fro vun der Discipline de vote. Den Artikel 50 gesäit vir: «Les Députés votent sans en référer à leurs commettants et ne peuvent avoir en vue que les intérêts généraux du Grand-Duché.» Dat heescht an anere Wieder: D'Constitutioun garantéiert dem Deputéierten de libre arbitre a gesäit nëmmen eng Restriktioun vir, dat ass den Intérêt général vum Land.

An dach kenne mer an dësem Haus, wéi an alle Parlamentar an an all de Fraktiounen, d'Discipline de vote. Ech gesinn an där Tatsaach am Allgemenge keng Contradictioun. Jiddferree vun ons, dee sech Wahle gestallt huet, huet dat gemaach opgrond vun engem Programm vun enger Partei. A jiddferreen, deen an der Majoritéit an d'Chamber komm ass, deen ass erakomm op Basis vun engem Accord de coalition.

Et ass also normal, wa mer wëlle kredibel bleiwen, dass mer déi Engagementer respektéieren, déi mer selwer geholl hunn. Dat sinn Engagementer, déi si public, déi si bekannt. Dat legitiméiert a mengen Aen d'Discipline de vote, indépendamment och nach vum Argument vun der gudder Organisatioun vun der Aarbecht vun engem Parlament; mä dat ass zweetrangeg.

Et gëtt awer Projeten oder Propositions de loi, wéi déi, déi mer elo diskutéieren, déi op Froen aginn, déi fir jiddferree vun ons eng philosophesch, eng reliéis, eng ethesch Dimensioun hunn, déi mer net kënnen an de Moule vun der Discipline de vote eranzwénge. An der Demokratescher Partei hu mir, souwäit ech et materlieft hunn, ons ëmmer un dee Prinzip gehalen. Bei de Voten iwwert d'Liberalisatioun vum Avortement an d'Abolitioun vun der Doudesstrof - ech war deemools Fraktiounspräsident - hunn ech all eenzelnen Deputéierte vu menger Fraktioun opgesicht, fir hien ze iwwerzeegen, dass déi doten zwee Projete justifiéiert waren a si solle se wann ech gelift stëmmen.

Mä ech hu refuséiert, d'Discipline de vote ze imposéieren. Ech hunn hinnen alleguete gesot: Dir stëmmt do of, wéi Dir et fir richtig haalt. Ech muss net esou iwwerzeegend gewiescht sinn, wéi ech et gehofft hat, well beim Vote iwwert d'Liberalisatioun vum Avortement hunn zwee vu menge Kollegeen dergéint gestëmmt, a beim Ofschafe vun der Doudesstrof gouf et nach schlëmmer: Do hunn der sechs dergéint gestëmmt an een huet sech enthalten. Mir waren awer deemools méi zahlreich an onser Fraktioun, wéi mer et haut sinn.

(Hilarité)

Nach soen ech lech, Här President, an ech gebrauchen eng Formule vum Edith Piaf: Je ne regrette rien. Ech regrettéieren iwwerhaupt net, dass ech gesot hunn, d'Discipline de vote kann an därer an deenen dote Froen net spillen. Ech betruuchten déi zwee Voten, déi Gott sei Dank gutt ausgaange sinn, vu menger Siicht aus, als déi schéinste Momenter vu menger parlamentarescher Tätigkeet.

Wa mer elo iwwert d'Proposition de loi Err/Huss schwätzen, dann hu mir ons an onser Fraktioun un deeselwechte Prinzip gehalen: Jiddferree vun ons wäert an âme et conscience ofstëmmen. An deem Sënn freeën ech mech och iwwert d'Deklaratioun vum Premierminister, dee virun enger gewëssener Zäit schonn an der Öffentlecheit annonciéiert huet, dass et eng Liberté de vote och bei de Membere vun der CSV-Fraktioun wäert ginn.

Geneesou freeën ech mech iwwert déi relativ Serenitéit vun där Debatt, déi mer am Kontext vun dësen zwee Gesetzer vun haut de Mëtteg gefouert hunn. Sécher huet d'kathoulesch Kierch Positioun bezu géint d'Proposition de loi, genee wéi verschidde Milieuen, déi hir nostinn. An d'Défenseure vun der Proposition de loi hunn och hir Positioun genügend bekannt gemaach. Mä zu kengem Moment huet déi Diskussioun déi Héichten erreecht, déi mer kann hunn, notament bei der Diskussioun iwwert d'Liberalisatioun vum Avortement. Dat géillt ganz besonnesch fir d'kathoulesch Kierch an hir Alliiéiert. Ech mengen, och dat muss een an aller Fairness soen.

D'kathoulesch Kierch veruerteelt, condemnéiert d'Proposition de loi Err/Huss. Dat ass an hirem Chef eng logesch Attitüd, an also och eng legitim Attitüd. Si berout op der Iwwerzeegung, dass d'Mënscheliwwen inviolabel ass an dass d'Autoritéit iwwert d'Liewen net dem Mënsch zoukënnt, och net deem, deen an onerdréiglechem Leed muss all Dag kämpfen an dohisiichen, mä dass d'Autoritéit enger Autorité suprême - also Gott - zoukënnt.

Dat ass eng Attitüd, déi ech respektéieren, mä déi ech selwer net deelen. Par ailleurs sinn ech der Meenung, dass am Kader vun enger demokratescher Gesellschaft d'Gesetzer net duerch d'Kierche gemaach ginn, net duerch déi eng an net duerch déi aner, mä duerch d'Parlamentar.

Verschidde Kollegeen, an notament déi honorabel Madame Frank, hunn ons gesot - scho virdrun an och nach haut -, si kéinten déi Proposition de loi net stëmmen. Et ass eng Attitüd, déi ech respektéieren, mä déi ech net deelen. Ech hoffen, dass ech mer kann datselwecht vun der Madame Frank erwaarden; dass se meng Attitüd net deelt, mä dass si se awer respektéiert. Duerfir hunn ech mech e bësse gewonnert iwwert de Wortlaut vun hirer Interventioun, déi mer viru kuerzem hei hu missen nolauschteren.

Här President, erlaabt mer vläicht an deem Kontext drun ze erënneren, wat e Journalist den 21. Dezember 2007 an engem Editorial vum „Lëtzebuerger Land“ geschriwwen huet. De Journalist war de Româin Hilgert. Hien huet geschriwwen: Et si genee déi politesch Kreesser, déi haut d'Liewen als dat kostbaartst Gutt histellen, déi 1979 wollten, dass d'Doudesstrof soll erhalen bleiwen, dat heescht den Doud „von Staats wegen“.

Dat ka paradoxal schéngen, mä dee Paradox ass menger Meenung no nëmmen apparent an explizéiert sech duerch d'Primautéit, déi der Autorité supérieure zouerkannt gëtt, an dem Refus d'Décision individuelle an deene Froen ze respektéieren.

Mir hunn als Liberal eng aner Approche zu deene Froen. Mir mengen, esou wéi mäin exzellente Kolleg Jean Hamilius et haut an enger Lettre ouverte am „Journal“ geschriwwen huet - an ech zitéieren -: «Personne n'a le droit moral de dicter à autrui en vertu de ses convictions personnelles quelles dispositions il est en droit de prendre pour pallier une fin de vie insupportable. Le législateur a par contre le devoir de rendre l'exercice de ce droit respectueux à la fois de la volonté des intéressés et de la valeur de la vie humaine.»

De Jean Hamilius geet dann an op déi liberal Prinzipië vun Toleranz a vu Respekt vun de Convictiounen vun aneren an e schléisst mat deene Wieder: «Laissons à chacun le droit de vivre et de préparer sa mort à sa façon, aussi longtemps que les droits légitimes d'autrui et de notre société ne sont pas en cause.»

An anere Wieder: Als Liberal si mir der Meenung, dass an der Equatioun Recht um Liewen a Recht un der Autodéterminatioun d'Autodéterminatioun muss Prioritéit kréien. Mir sinn der Meenung, dass jiddferree vun ons d'Recht huet ze decidéieren, insofern et hie selwer concernéiert, wat fir hien déi Wieder bedeuten „mourir dans la dignité“.

Fir dass dat méiglech ass, muss natierlech de Législateur de legale Kader schafen, fir dass dat effektiv kann esou geschéien. Dat ass also och woufir et evident ass, dass, wa mer am Gesetz d'Méiglechkeet vun enger Interruption de vie virgesinn, eng Dépénalisatioun - an net, wéi oft fälschlecherweis gesot gëtt, eng Décriminalisatioun -, also eng Dépénalisatioun, déi an hirer Portée begrenzt ass, da musse mer se encadréiere mat Garde-fouen, déi och am Gesetz agebaut sinn.

An anere Wieder geet et hei drëm - wéi en hollänneschen Expert, de Professer Johan Legemaate an engem Colloque sot, deen 2006 hei organiséiert gi war vun der Commission nationale d'éthique, vun der Section des Sciences morales et politiques a vun der Section des Sciences médicales vum Institut grand-ducal -, d'Praxis vun der Interruption de vie ze kontrolléieren a se net onkontrolléiert exzerziéiert loossen, an der Clandestinitéit, mam Wee also op zu allen Abusen.

Déi Approche ass a mengen Ae vill méi gerecht a vill méi éierlech. Dat ass dat, wat d'Proposition de loi hei mécht. Ech weess, dass et fir en Dokter - ech sinn zwar weder Dokter nach Infirmière - net einfach ass, eng Euthanasie virzehuelen, an dass et och souguer net einfach ass heiandsdo bei de Soins palliatifs. Si hunn eng enorm Responsabilitéit, déi mir hinnen an onser Gesetzgebung net kënnen ewechhuelen. Mä wann den Dokter muss zu enger Euthanasie schreiden, oder zu enger Assistance au suicide,

dann ass et wichteg, dass e weess, dass e keng Infractioun begeet, wann en derfir suergt, dass déi véier Konditiounen, déi am Artikel 2, Paragraph 1 vun der Proposition de loi stinn, respektéiert sinn a wann en d'Konditiounen an d'Procédurë vum Gesetz respektéiert.

De Paragraph 2 gesäit weider nach vir, dass den Dokter muss dem Patient eng Partie Informatiounen ginn. E muss sech assuréieren, dass d'Leiden, physesch oder psychesch, persistéiert, dass de Patient säi Wëllen expriméiert huet. E muss en aneren Dokter konsultéieren, e muss sech mam Patient iwwert deem seng Demande ënnerhalen. E muss sech mat der Equipe soignante ënnerhalen a mat den „Proches désignés par le patient“, an e muss sech vergewësseren, dass de Patient och d'Geleeënheet hat, sech iwwer seng Demande mat deene Persounen ze ënnerhalen, déi e wollt gesinn.

Den Dokter, deen dann zu enger Euthanasie mengt missen ze schreiden, gëtt an den nächste véier Deeg en Document d'enregistrement of, dee vun der Proposition de loi virgesinn ass, bei der Commission nationale de contrôle et d'évaluation, déi jo aus neng Membere besteet, déi hei vun der Chamber bezechent ginn.

Dat Dokument huet zwee Voleten. Deen éischte Volet huet méi faktuell Informatiounen, deen zweeten huet méi personell a medezinesch Informatiounen. D'Kommissioun kuckt dann dat Dokument a vérifiéiert, ob d'Konditiounen an d'Prozeduren, déi am Gesetz virgesi sinn, effektiv respektéiert sinn. Wa se en Zweifel huet, kann d'Kommissioun de Médecin traitant froen, hir all déi Elementer ze ginn, déi am Dossier médical sinn.

Wann dann d'Kommissioun der Meenung ass, dass sämtlech Bedéngungen, déi am Gesetz virgesi sinn, net respektéiert sinn, muss se bannent zwee Méint eng Décision motivée huelen, déi se dem Médecin traitant zoustellt an - loosse mer dat net vergiessen - si schéckt eng Kopie vun hirer Décisioun och un de Parquet, deen dann dee Moment kann aschreiden, wann en et néideg fënnt.

Et ass also am Kader vun där Décisioun ex post - well et ass jo och vill diskutéiert ginn iwwer ex ante oder ex post - en Encadrement, dee vollstänneg ass, dee seriö ass an deen och dissuasif ass. Bei deem Colloque, vun deem ech virdru geschwat hunn, hu souwuel déi Belsch wéi déi hollännesch Dokter, déi do waren, an dat ware keng Onbekannten - den Hollänner war wéi gesot de Johan Legemaate, Professor of health law, Vrije Universiteit, Amsterdam, Legal counsel, Royal Dutch Medical Association, an de Belsche war den Dokter Marc Englert, Professeur à l'Université Libre de Bruxelles, Membre de la Commission fédérale de contrôle et d'évaluation de l'euthanasie -, allen zwee gesot, dass d'Afëiere vun esou enger Gesetzgebung an hire Länner do net zu Abusë geféiert huet.

Den Hollänner formuléiert et esou: „Every now and then a case occurs in which the physician has neglected one or more of the requirements mentioned in the law, but evidence for abuse on a larger scale is lacking.“ An de Belsch seet: «Appliquée depuis près de quatre ans, la loi n'a pas donné lieu à des difficultés particulières: les médecins qui ont pratiqué des euthanasies ont respecté la loi et aucun cas d'abus ne s'est produit.»

Une voix. - Très bien!

Mme Colette Flesch (DP). - Ech sinn iwwerzeegt, wa mir ons déiselwecht Gesetzgebung ginn, da komme mer op deeselwechte Wee.

Ee Wuert nach, Här President, zu deem wat de Conseil d'État gesot huet.

De Conseil d'État, et ass schonn dovun geschwat ginn, huet e ganz fouilléierten Avis ofginn iwwert d'Gesetz vun de Soins palliatifs. E weist drop hin, dass et Similitudé gëtt an den Objektiver, souwuel vun de Soins palliatifs wéi vun der Euthanasie, a kënnt dann zur Konklusioun «que la sédation palliative retenue par le projet de loi retire à la proposition de loi sa motivation».

Et sief mir erlaabt, Här President, ze soen, dass datselwecht Rasonnement kann dozou féieren, dass d'Soins palliatifs an d'Euthanasie complémentaire sinn. D'Soins palliatifs kënnen wuel prodiguéiert ginn, ier de Patient wëllt op d'Euthanasie zrëckgräifen. An de Professer Englert huet ganz kloer gesot, dass «les soins palliatifs ont leurs limites et connaissent des échecs». An da kënnt et natierlech un déi nächst Etapp; esou bedauerlech dat och ass.

Här President, vläicht sollt ech och nach soen, dass Belgien 2002 am Fong dräi Gesetzer ugehall huet: eent iwwert d'Loi relative au droit du patient, ee Gesetz relative

aux soins palliatifs an ee Gesetz relative à l'euthanasie. De Bilan dovunner ass positiv. Dat ass hei scho gesot ginn. Ech hunn et répétéiert. Et sinn do keng Abusë geschitt.

Ech mengen also, dass d'Adoptioun vun der Proposition de loi eng richtig Amélioratioun am Domän vun der Stierfhëllef wäert zu Lëtzebuerg bréngen an ech wäert ouni Bedenken an ouni Hésitatioun fir déi Proposition de loi stëmmen.

Meng Kollegee wäerten hirem Gewëssen no stëmmen, wéi si et fir richtig halen.

Ech wëll nach vläicht zwee Punkten am Telegrammstil opwerfen, an dat ass och hei scho gesot ginn. Wa mer wëllen, dass souwuel dat Gesetz iwwert d'Soins palliatifs wéi och dat iwwert den Droit de mourir en dignité hir Objektive kënnen erreechen, da musse mer derfir suergen, dass d'Dokteren an all déi Professionell, déi an deem Secteur aktiv sinn, effektiv déi noutwendeg Formatioun kréien. Ech weess, dass dat schwierig ass, notament fir déi, déi hir Studien am Ausland maachen op auslänneschen Universiteiten. Mä et gëtt jo och Kritären, déi ee ka fixéieren, an et gëtt jo och eng Formation continue, déi ee kann offéieren.

Anerersäits sinn ech der Meenung, dass d'Réseaux de soins, ob se am Milieu hospitalier sinn, am Centre de Soins oder bei Soins à domicile, esou ausgebaut musse ginn, dass effektiv déi zwee Projete kënnen eng Realitéit ginn.

Här President, ech wëilt net ofschléissen, ouni de Rapporteure vun deenen zwee Texter, der Madame Lydia Mutsch, dem Här Jean Huss an der Madame Lydie Err, souwéi all onse Kollegeen aus der Santéskommissioun Merci ze soen.

Spéitstens ab dem 5. Februar 2002 fir zwee vun hinnen, spéitstens ab dem 9. November 2006 fir se alleguerten hu se eng exzellente Aarbecht gemaach. Et ass dank där Aarbecht, dass mir haut konnten eng Debatt féieren, déi seriö war an déi konnt an der Serenitéit gefouert ginn. Dat ass bei esou engem Projet eppes besonnesch Wäertvolles.

Ech kann nëmmen hoffen, dass déi Proposition de loi ka gestëmmt ginn, well dat wär a mengen Aen eng ganz wichteg Etapp an der Mise au diapason vun onser Gesetzgebung mat dem Fortschritt vun der Wëssenschaft a vun der Medezin a mat der Evolutioun vun onser Gesellschaft.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Madame Flesch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Angel (LSAP). - Här President, léif Kollegeinnen a Kollegeen, als leschte Riedner erluben och ech mer ze soen, wéi frou ech doriwwer sinn, mat wéi enger Serenitéit an Dignitéit d'Debatten haut den Owend ofgelaf sinn.

Ech wëll och gläich soen, dass ech fir d'Proposition de loi sur le droit de mourir en dignité stëmmen wäert. Et ass sécher fir eis all keen einfache Vote, well et ëm den Doud geet, an den Doud ass ebe leider nach ëmmer fir vill an eiser Gesellschaft en Tabuthema.

Ganz perséinlech wëll ech mengem Papp, deen iwwer 40 Joer als Dokter geschafft huet, Merci soe fir déi vill a gutt Diskussiounen, déi ech hat mat him iwwert dat Thema vum Stierfprozess. Dës Diskussiounen hu mir vill gehollef a mech iwwerzeegt, dës Proposition de loi ze stëmmen.

Iwwerzeegt hu mech natierlech och d'Argumenter vun den Auteurs, vum Jean Huss a vum Lydie Err, a vu villen aneren, besonnesch elo zum Schluss och nach d'Colette Flesch, fir hei déi Proposition ze stëmmen.

Ech war och kierzlech op enger öffentlecher Versammlung, wou meng Kolleegin Lydie Err dës Proposition de loi virgestallt huet a mat de Leit am Sall duerchdiskutéiert huet. D'Froen, d'Reaktiounen, d'Diskussiounsbäitrag an awer och d'Témoignagé vun de Leit, vun deenen e groussen Deel eeler Matbiirger waren, hu mech impressionnéiert, an och dat do huet mech iwwerzeegt, dës Proposition de loi ze stëmmen.

No där Erfahrung, déi ech also d'lescht Woch op där öffentlecher Biergerversammlung gemaach hunn, huet mech d'Resultat vun dem TNS-ILRES-Sondage am leschten „Tageblatt“ net gewonnen.

Ech wëll hei just der Madame Frank soen, dass ech mat hiren Aussoen net d'accord sinn iwwert déi „Statistiken“, wéi si dat nennt - ech nennen dat Sondagen. Déi si wuel an enger Zeitung publizéiert ginn, mä si si vun engem onofhängegen Institut duerchgeféiert ginn.

78,3% vun de Gefrotene sinn derfir, dass aktiv Stierfhëllef méiglech gött. 14,2% sinn dergéint. Deem géigeniwwer soen awer 67% vun deeneselwechte gefrotene Leit, dass si perséinlech am Fall vun enger onheelbarer Krankheet op eegene Wonsch d'aktiv Stierfhëllef fir sech wëlle beusprochen.

Ech wëll, nodeems ech dës Zuelen zitéiert hunn, ervirsträichen, dass et also och en Deel Leit gött, fir déi perséinlech déi aktiv Stierfhëllef net a Fro kënn, déi awer anere Matbirger e fräie Choix iwwer hiren Doud wëllen erméigleche loossen.

Et kann een also zum Beispill parfaitement fir sech selwer d'Euthanasie oflehnen, ouni awer dofir deenen anere Leit eng Dier zouzemaachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen et och enorm wichteg nach eng Kéier ze widderhuelen, dass duerch dës Proposition de loi keen Dokter ka forcéiert ginn, aktiv Stierfhëllef ze praktikzéieren. Genau wéi d'Patiente fräi sinn, aktiv Stierfhëllef ze froen - natierlech am Kader vum Artikel 2 aus der Proposition de loi -, esou sinn och d'Doktere fräi. Och si hunn de Choix.

Ech insistéieren och nach eng Kéier, dass eenzeg an eleng de kranke Mënsch selwer fir sech aktiv Stierfhëllef froe kann. Dat heescht, weder e Partner nach eng Partnerin, weder d'Elteren nach d'Kanner nach soss iergendeen a scho guer keen eventuellen lerwen - wéi dat esou oft fälschlecherweis gefaart gött - ka sech bei deem Choix substituéieren.

Här President, léif Frënn, mir huelen elo hei zu 60 Deputéierten eng wichteg Décisioun, déi all eenzelne Matbirger aus dësem Land ka betreffen. Dofir fannen ech perséinlech, muss een heiandsdo Abstraktioun maache kënnen vu senger perséinlecher philosophescher oder reliéiser Astellung zum Liewen an och zum Doud.

Fir mech ass dat Wichtigst, dass jiddfer eenzelne Bierger vun eisem Land no senger eegener Iwwerzeegung ka liewen an dat bis zum Enn vu sengem Liewen, also och selwer iwwer säin Doud ka bestëmmen a be-fannen.

Bei all Respekt fir déi Leit, déi d'Liewe fir onantastbar halen, plädéieren ech fir eng gesetzlech Verankerung vun der Selbstbestëmmung vun all Mënsch an dësem Kontext. Eng Selbstbestëmmung, déi, wa mer dës Proposition de loi stëmmen, e strikte Kader kritt.

Och ech wëll deene ville Rapporteure vun dësen zwee Projeten, déi mer haut diskutéiert hunn, an och all deenen anere Kollee-ginnen a Kolleeen, egal wéi hir Meenung war, Merci soe fir hir Bäitrag an ech soen lech och Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Angel. Et sinn elo nach zwee Kolleeen, déi mer d'Wuert gefrot hunn, fir ganz kuerz. Madame Stein, Dir hutt fir d'éischt d'Wuert.

» Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Merci, Här President. Ech wëll just nach eng Kéier op déi Diskussioun vun der Kommissioun zrëckkommen, déi ech vir-drun hat, währenddeem ech geschwat hu mat der Madame Err.

Ech hat nämlech ni gesot, déi Kommissioun wier ze grouss oder ze kleng, Här Huss. Ech

hat just festgestallt, dass d'Kompositioun vun der Kommissioun, esou wéi se an der Belsch ass, zur Halschent aus Dokteren, dovunner d'Halschent Unisproffen, zu engem Véierel aus Juristen, an zwar Droitsproffen, an zum leschte Véierel aus Profes-sionellen, déi am End-of-life-Prozess impli-zéiert sinn, besteet.

Ech hunn d'Madame Err, wéi se mer eigent-lech déi Fro gestallt huet, falsch verstanen, nämlech dass si nach spéiderhin déi Kom-positionioun vun där Kommissioun geännert hätt. Wat mech awer gewonnert hätt, well dat nämlech net an dem Rapport an der Kommissioun gesot ginn ass. Duerfir hunn ech eng relevant Ausso zrëckgezunn. Dat ass awer net de Fall. D'Kommissioun, esou wéi se hei proposéiert ass, besteet nach wie vor aus néng Leit, dräi Dokteren, dräi Pro-fessioneller an dräi Leit aus der sougenann-ter Zivilgesellschaft.

Ech halen also déi zwou Aussoen oprecht, déi ech gemaach hunn: Fir d'éischt dass an enger Kommissioun eng Zweedréttelmajori-téit net Doktere sinn, dass fir mech also déi Leit en Exercice illégal de la médecine be-ginn; a fir d'zweet dass déi sechs Membe-ren, déi dann net opgrond vun der Proposi-tion de loi d'Méiglechkeet hunn, fir Euthana-sie ze bedreiwen, wann zum Beispill an dë-ser oder an enger anerer Zesummesetzung eng falsch Décisioun geholl gött, dem Ho-micide sech kéinte schëlleg maachen.

Et ass ganz kloer eng Saach vun Interpreta-tioun vu mir. Et ass menger Meenung no och eng Saach vun Interpretatioun bei der Ma-dame Err, mä ech géif meng Ausso trotz-deem wëlle stoe loossen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- D'Madame Err huet mer nach d'Wuert gefrot.

» Mme Lydie Err (LSAP), auteuse-rap-porteuse.- Merci fir d'Wuert. Ech wollt nach op e puer Punkten agoen. Souwisou men-gen ech, dass déi Haaptsaache gesot sinn. D'Madame Flesch huet déi prinzipiell Froen hei alleguerte gekläert. All déi aner Disposi-tiounen, déi am Detail elo kritiséiert ginn, d'Kompositioun vun der Kommissioun, Exercice illégal de la médecine an esou weider, déi stinn zur Diskussioun. Wann den Text gestëmmt ass a wa Propositionen do kommen iwwer Detailfroen, déi doranner sinn, da kann iwwer alles diskutéiert ginn.

Wat op jidde Fall falsch ass, dat ass fir ze soen, egal wéi déi Kompositioun do aus-gesäit, souguer wann nëmmen Dokteren dra wieren, dass dat eppes mam Exercice de la médecine ze dinn hätt, well wat do kontrolléiert gött an där Commission d'éva-luation, dat si keng medezinesch Kritären, dat ass de Respekt vun de Konditiounen vum Gesetz.

Mä ech wëll net méi op déi doten Diskus-sioun agoen, och net op déi Interpretatioun vun der Madame Frank, zu där viles ze soe wier, wou ech zu dëser spéider Stonn mech wëll zrëckhalen, well déi Haaptsaache ge-sot gi sinn, a well ech mengen, dass beim Rescht souwisou alles zur Diskussioun steet, wa mer dann an engem nächste Sta-dium zu de prezisen Detailer vun deene Mo-difikatiounen kommen, déi ee Jo-Stëmmen zu dëser Gesetzesproposition géif mat sech bréngen.

» M. le Président.- Merci, Madame Err. Den Här Wolter freet d'Wuert nach.

» M. Michel Wolter (CSV).- Här Presi-dent, ech géif eng Explikatioun zur Liberté de vote wëlle ginn, wann Der erlaabt. Nom Vote ass dat relativ schwéier fir ze maachen, well ech eng Meenung dozou hunn.

Et ass vill diskutéiert ginn iwwert déi Fro hei, et ass jo och vill kontrovers diskutéiert ginn iwwert déi Fro hei, an ech géif soen, dass mir an eiser Partei eis déi Diskussioun net einfach gemaach hunn. Mir hunn alleguer-ten, egal op wat fir engem Bord dass mer stinn, Erfahrung gemaach. D'Froe vum Lie-wen a vum Doud sinn héchstwahrschein-lech déi komplizéiertst Froen, déi een am Liewe ka begéinen.

Et ass gesot gi vu ville Leit, dass et sech ëm eng Gewëssensfro handelt, an ech géif bie-den, dass d'Meenung vun deenen engen a vun deenen aneren, esou wäit se an deem Beräich sinn, och respektéiert géife ginn. Et ginn der an dësem Domän, déi wësse méi wéi anerer, et ginn der, déi wëssen alles, déi hunn eng fest Meenung, an et ginn der, déi zweifelen. Ech perséinlech gehéieren zu deenen, déi zweifelen. Vill zweifelen. An ech hu bei ville vu menge Kolleege gemierkt, dass vill vun hinnen och zweifelen, well a Fonctioun vun der Situatioun, an där een dran ass, een zu dëser oder zu där Konklusioun ka kommen.

Duerfir hu mer à un certain moment als CSV-Fraktioun decidéiert, an ech géif dat llicht rektifizéieren, wat d'Madame Flesch gesot huet; et war keng Décisioun vum Statsminis-ter, et war op Proposition vum Statsminis-ter wou d'CSV-Fraktioun decidéiert huet, fir an deem heiten Dossier d'Liberté de vote auszeschwätzen.

All Deputéierte vu menger Fraktioun kann an dësem Vote stëmmen, esou wéi hien et mat sengem Gewësse ka veräntworten. Mir hunn am selwechte Moment decidéiert, dass kee vun eise Kolleeen, egal wéi e stëmmt, doduerch aus der Partei oder aus der Fraktioun géif erausgehäit ginn.

Et sinn den Owend zwee vun eise Kollee-gen net hei, well se aner Verpflichtungen hunn: d'Madame Marie-Thérèse Ganten-bein an d'Madame Françoise Hetto. Si hunn hirem Fraktiounsresident eng kloer Indica-tion de vote ginn, esou datt se och vu Kol-leegen aus beim Vote wäerte vertruede ginn.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Wolter.

Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Ech denken, dass d'Regierungs-vertrieder, d'Familljeministesche Madame Ja-cobs an den Här Gesondheitsminister Di Bartolomeo, kloer gesot hunn, wat si vun där Proposition halen, déi elo zum Vote steet. Si hunn och gesot, dass d'Regierung selbstverständlech, egal wéi dëse Vote aus-geet, de Vote vun der Chamber respek-téiere wäert. A si hu gesot, dass, le cas échéant a wann et sollt noutwendeg sinn, d'Regierung der Chamber zur Säit steet, an d'Chamber der Regierung zur Säit steet, fir dat ze maachen, wat muss gemaach ginn, deemno zu wéi engem Vote mer kommen.

Motion

Fir awer korrekt ze sinn, komme mer un d'Motioun, déi den Här Jaerling proposéiert

huet. Wann do fënnef Ënnerschrëften drop sinn - bis elo ass nëmmen eng do -, kënnen mer driwwer ofstëmmen.

Wa soss kee se méi ënnerschreift, wat jo schéngt de Fall ze sinn, dann deet et mer leed, Här Jaerling, dann ass d'Motioun net zoulässeg.

Mir kéimen elo, Dir Dammen an Dir Hären, zum Vote vun der Proposition de loi vun der Madame Err an dem Här Huss.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Proposition de loi 4909 vun der Madame Err an dem Här Huss ass ugehall mat 30 Jo-Stëmmen, bei 26 Nee-Stëmmen an 3 Abs-tentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mmes Claudia Dall'Agnol, Lydie Err, M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Ro-ger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Co-lette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Ganten-bein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mer-gen), MM. Marcel Glesener, Norbert Hau-pert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Fernand Diederich, Jean-Pierre Klein et Jos Scheuer.

(Applaudissements)

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech Merci soe fir den Eescht, de Seriö an d'Di-gnitéit, mat där mer dës Debatt haut de Mët-teg hei gefouert hunn. Et war eng Debatt, déi à la hauteur vun där sensibeler Proble-matik war, déi mer ze diskutéieren haten. Dat war eng gutt Debatt an duerfir soen ech lech Merci.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.52 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Beetebuerg um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Walfer um Kanal S29 / 367.25 Mhz

•

Zu Biwer an zu Wecker um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bous um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bërmereng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Konter um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dippech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dikrech um Kanal S19 / 287.25 Mhz

•

Zu Iermsdref um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hieffenech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hesper um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Kielen (& Brameschaff), Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nouspelt um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Mamer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Manternach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Medernach um Kanal S40 / 455.25 Mhz